n°6/ 2025








# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 18.7.2025

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP




Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°6/2025 - Parution: octobre 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 5

**1. Correspondance** **7**

**2. Circulation** **8**
2.1. Confirmation d'un règlement de la circulation à caractère temporaire – parking rue du Commerce (CR184)
2.2. Modification à apporter au règlement général de la circulation – parking rue du Commerce (CR184)
2.3. Approbation d'un règlement de la circulation à caractère temporaire à l'occasion des travaux de terrassement pour l'aménagement de la conduite de refoulement – phase 2
2.4. Approbation d'un règlement de la circulation à caractère temporaire à l'occasion des travaux de réaménagement du CR164 et CR164a – route de Kayl / N31

**3. Urbanisme** **10**
3.1. Mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites « Parc Emile Mayrisch », « rue Tattenberg » et « PAP Ribeschpontergriecht – PAP NQ-SD : 36 » [Dossier 7]
3.2. Mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites « Deich », « In Boujel », « rue Nic Bodry » et « rue des Minières » [Dossier 8]
3.3. Adoption de la proposition de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » (PAP NQ) « rue Pasteur » concernant des fonds sis à Dudelange au lieu-dit « rue Pasteur » présentée par le bureau « LSC360 S.A. » pour le compte de la société « Sedna Investments & Services »
3.4. Avis relatif à la proposition de classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble sis 86, rue du Parc

**4. Finances** **14**
4.1. Construction d'un hall arqué (Bogenhalle) sur un terrain de tennis situé 52, rue du Stade J-F. Kennedy à Dudelange
4.1.1. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de construction
4.1.2. Approbation d'un crédit extraordinaire spécial
4.2. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement de la conduite d'adduction d'eau potable vers le réservoir Weich
4.3. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des urinoirs à l'école Boudersberg
4.4. Approbation de la résiliation à l'amiable du contrat de bail commercial avec la société DG Habitat S.A., pour le local commercial 14-16, rue de la Libération
4.5. Approbation du 2e avenant au contrat de bail au sujet de l'exploitation de la buvette au Parc Mayrisch
4.6. Approbation du rôle principal de la taxe sur les chiens de l'exercice 2025
4.7. Approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2023 et approbation de la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2023 par le Département du contrôle de la comptabilité communale du Ministère des Affaires intérieures
4.8. Allocation de subsides ordinaires aux clubs et associations locales
4.9. Allocation de subsides extraordinaires
4.10. Approbation du principe de recourir à un emprunt de 20 millions d'euros
4.11. Approbation de décomptes

**5. Office social** **31**
Approbation de la décision du conseil d'administration de l'Office social portant majoration du fonds de roulement à partir de l'exercice 2023

**6. Subsides pour études secondaires et post-secondaires** **32**
Modifications à apporter au règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires

**7. Commissions consultatives** **34**
Modifications à apporter à la composition de différentes commissions consultatives

**8. Jumelage** **34**
Motion soumise par la fraction « Déi Lénk » – Motion en vue de l'instauration d'un jumelage entre les villes de Dudelange et de Jénine

**9. Panneaux photovoltaïques** **41**
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » – Installation de panneaux photovoltaïques amovibles

**10. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **44**

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception du point numéro 7 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Diogo Costa (à l'exception des points numéros 9 et 10 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 9 et 10 de l'ordre du jour), Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour) ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint. • **Délégations :** Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, a conféré une délégation de vote pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Jean-Paul Gangler, conseiller communal, pour les points numéros 9 et 10 de l'ordre du jour. Monsieur Diogo Costa, conseiller communal, a conféré une délégation de vote pour voter en son nom et pour son compte à Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, pour les points numéros 9 et 10 de l'ordre du jour.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

**1 – Correspondance**
La parole est adressée à Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, qui informe le conseil communal qu'elle remettra la démission de ses fonctions de conseillère communale pour des raisons professionnelles à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures et pour information à Monsieur le bourgmestre. Elle quittera sa fonction avec effet au 15 septembre 2025. Les membres du conseil communal remercient par la suite Madame Bodry-Kohn pour la bonne collaboration pendant l'exercice de son mandat.

**2 – Circulation**
Les décisions suivantes en matière de réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :

2.1 la confirmation d'un règlement de la circulation à caractère temporaire du collège des bourgmestre et échevins portant réglementation du parking « Commerce » de la rue des Ecoles ;

2.2 la modification du règlement général de la circulation au sujet du parking « Commerce » de la rue des Ecoles ;

2.3 le règlement de la circulation à caractère temporaire à l'occasion des travaux de terrassement pour l'aménagement de la conduite de refoulement – phase 2. Cette réglementation entre en vigueur en date du 18 août 2025 jusqu'à la fin du chantier et affecte les rues suivantes : rue Gaston Barbason, route de Burange, rue Jean Berchem, rue Henri Bessemer, rue de la Ceca, rue Pierre Dupong, rue Pierre Krier, rue Alexandre Fleming, rue du Stade J. F. Kennedy, rue Emile Mayrisch, rue Norbert Metz, rue Pasteur, rue Fany Schumacher, rue Victor Tesch, rue Pierre Theis et rue Sidney Thomas ;

2.4 le règlement de la circulation à caractère temporaire à l'occasion des travaux de réaménagement de la route de Boudersberg et de la rue du Mont Saint Jean. Cette réglementation entre en vigueur en date du 18 août 2025 jusqu'à la fin du chantier et affecte la route de Kayl.

**3 – Urbanisme**
Les décisions suivantes en matière d'urbanisme sont prises à l'unanimité :

3.1 la mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites Parc Emile Mayrisch, rue Tattenberg et PAP Ribeschpontergriecht ; Pour le site Parc Mayrisch, le projet de modification vise entre autres à reclasser la zone de parc en zone de sport et de loisir, en zone de bâtiments et d'équipements publics, en zone de jardins familiaux et en zone d'habitation 2 afin de conformer le PAG a la situation existante. Les fonctions établies dans cette zone ne sont pas toutes des fonctions de parc en tant que telles, mais plutôt des aménagements récréatifs. Pour le site rue Tattenberg, le projet de modification vise à reclasser la zone de parc en zone de sport et de loisir, en zone de jardins familiaux et en espace rue et stationnement afin de conformer le PAG a la situation existante. Pour le site Ribeschpontergriecht, le projet de modification vise à redresser les limites de la zone d'habitation 1 respectivement de la zone soumise à un plan d'aménagement particulier vis-à-vis des limites de la zone de parc afin de faciliter l'exécution du PAP Ribeschpontergriecht ;

3.2 la mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites Deich, In Boujel, rue Nic Bodry et rue des Minières. Pour le site Deich, le projet de modification vise à reclasser une partie de la zone d'habitation 1, la zone de sport et de loisir – aire de jeux et une partie de l'espace rue et stationnement en zone de bâtiments et d'équipements publics afin de permettre la réalisation de projets ponctuels pour les besoins de l'école Deich et du stade Jos Nosbaum. La zone verte n'est pas touchée par le projet de modification. Pour le site In Boujel, le projet de modification vise à reclasser la zone de sport et de loisir – aire de jeux en zone d'habitation 1 afin de permettre la réalisation d'un projet communal de logement. Une aire de jeux plus conséquente existe de l'autre côté de la rue, de tel sorte que le classement en aire de jeux n'est pas opportun. La zone verte n'est pas touchée par le projet de modification.

Pour le site rue Nic Bodry, le projet de modification vise à reclasser une partie de la zone d'habitation 1 en zone de bâtiments et d'équipements publics afin de conformer le PAG à la situation existante. La parcelle en question accueille une aire de jeux jouxtant le site scolaire Ribeschpont. La zone de bâtiments et d'équipements publics y est donc plus appropriée. La zone verte n'est pas touchée par le projet de modification. Pour le site rue des Minières, le projet de modification vise à reclasser une partie de la zone d'habitation 1 en zone de bâtiments et d'équipements publics et en espace rue et stationnement ainsi qu'à supprimer une infime partie du secteur et éléments protégés d'intérêt de type environnement construit « C » afin de conformer le PAG à la situation existante. D'une part la zone d'habitation 1 sur l'espace rue existant n'est pas appropriée alors qu'il s'agit d'un domaine public et d'autre part la zone d'habitation 1 sur une petite partie des terrains de la crèche existante n'a pas non plus lieu d'être, un classement en zone de bâtiments et d'équipements publics est plus approprié à cet endroit. La zone verte n'est pas touchée par le projet de modification ;

3.3 l'adoption de la proposition de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « rue Pasteur », présentée par le bureau « LSC360 S.A. » pour le compte de la société « Sedna Investments & Services ». Le projet a pour objectif de modifier, ponctuellement, le PAP « rue Pasteur » situé au nord-est de la Ville. Il correspond à l'urbanisation de l'intérieur de l'îlot formé par les rues Pasteur, Pierre Dupong et Fany Schumacher. Pour plusieurs raisons, la mise en œuvre du PAP a tardé. Une première convention d'exécution avait été votée par le conseil communal en date du 9 juillet 2019 tandis qu'une seconde a dû être revotée le 3 mai 2024. C'est dans ce cadre que l'Administration de la Gestion de l'Eau avait délivré son autorisation au projet. Or, en 2024, l'Administration de la Gestion de l'Eau a demandé des changements au projet pour intégrer les grands principes de la « Ville éponge ». La présente modification est indispensable pour pouvoir mettre le PAP en œuvre au vœu de l'Administration de la Gestion de l'Eau ;

3.4 l'avis favorable relatif à la proposition de classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble sis 86, rue du Parc, sachant que la maison fait partie d'un ensemble historique et constitue un témoin authentique du développement de Dudelange à la suite de l'industrialisation. Ainsi, l'immeuble présente, d'un point de vue historique, architectural, artisanal, et urbanistique un intérêt public à être protégé.

**4 – Finances**

Les décisions pour les points 4.1 à 4.6, 4.9 et 4.11 sont prises à l'unanimité.

4.1 approbation du projet de construction d'un hall arqué (Bogenhalle) sur un terrain de tennis situé 52, rue du Stade J-F. Kennedy à Dudelange et du crédit extraordinaire spécial pour la réalisation dudit projet. Le devis estimatif s'élève au montant de 300'000,- €. Le projet est devenu nécessaire comme suite au projet de démolition du hall de tennis couvert dans le cadre du projet du nouveau hall d'athlétisme et de tennis indoor au Stade J-F. Kennedy, impliquant la non-disponibilité à la pratique d'un terrain couvert durant la phase chantier de près de 3 années et afin de maintenir une offre en continu d'un terrain de tennis couvert pendant ces travaux et de donner au club de tennis TCD la possibilité de continuer son école de tennis et de respecter les engagements envers ses salariés, locataires et membres actifs. La construction du hall arqué est planifiée sur le terrain 3 du site des terrains existants en plein air, permettant ainsi d'obtenir une capacité finale de 6 terrains (2 terrains existants en plein air, 1 nouveau terrain hybride avec le hall arqué et 3 nouveaux terrains au site du Stade J-F. Kennedy dont 2 couverts et 1 en plein air). Finalement, le club de tennis s'est engagé à supporter les coûts de la construction dès l'achèvement du projet du hall indoor sur le stade J.-F. Kennedy suivant modalités à fixer via une convention ;

4.2 approbation du devis estimatif du service communal gestion réseaux gaz, eau et canalisation pour un montant de 200'000,- € toutes taxes comprises, relatif au renouvellement de la conduite d'adduction en eau potable vers le réservoir Weich. La conduite d'adduction actuelle reliant le réservoir Weich au réseau d'eau potable est une conduite en acier DN250 datant de 1983, dont l'état de dégradation avancée rend le renouvellement indispensable. Une nouvelle conduite d'adduction en polyéthylène (PE) de diamètre DN280 sera posée depuis le carrefour en contrebas du réservoir Weich jusqu'à la rue Jean Friedrich. Grâce à cette nouvelle conduite, à plus grande capacité, la perte de charge hydraulique sera moindre, ce qui est bénéfique pour le réseau d'eau potable en question ;

4.3 approbation du devis estimatif du service communal entretien des bâtiments pour un montant de 50'000,- € toutes taxes comprises, relatif au remplacement des urinoirs à l'école Boudersberg. Le renouvellement des urinoirs s'avère nécessaire, car les anciens modèles à eau sont hors service depuis l'année passée en raison de problèmes d'évacuation. Une réfection complète du réseau des conduites est indispensable afin de pouvoir garantir un fonctionnement optimal. Les nouveaux dispositifs sont plus hygiéniques et plus écologiques, car ils permettent des économies importantes en eau. Par la même occasion, les travaux permettront de remplacer les faux-plafonds là où cela est nécessaire ainsi que d'améliorer l'éclairage dans les zones concernées ;

4.4 approbation de la résiliation à l'amiable du contrat de bail commercial avec la société DG Habitat S.A., pour le local commercial 14-16, rue de la Libération sachant que ledit local commercial est repris depuis le 1er juillet 2025 par le Service National de la Jeunesse pour la mise en œuvre d'un projet de jeunesse ;

4.5 approbation du 2e avenant au contrat de bail au sujet de l'exploitation de la buvette au Parc Mayrisch portant prolongation du contrat de bail pour une durée de trois années à partir de 2025 ;

4.6 approbation des relevé et rôle de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2025 qui s'élève au montant de 53'025,- €, ce qui correspond à 1'515 chiens ;

4.7 le compte administratif de l'exercice 2023 et la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2023 par le Département du contrôle de la comptabilité communale du Ministère des Affaires intérieures sont approuvés avec 10 voix contre 8 avec une abstention ;

4.8 les subsides ordinaires pour l'année 2024 (exercice budgétaire 2025) aux clubs et associations locales sont approuvés avec 15 voix et 4 abstentions ;

4.9. un subside extraordinaire de 250,- € est alloué à l'a.s.b.l. Passerell en tant que soutien financier pour l'année 2025 ;

4.10 avec 15 voix et 4 abstentions est approuvé le principe de recourir à un emprunt de 20 millions d'euros sur une durée de 20 ans, taux d'intérêt variable 3 ou 6 mois (EURIBOR) ou taux d'intérêt fixe. Ledit emprunt est destiné à couvrir e.a. les frais en relation avec l'exécution des grands projets 2025-2028 inscrits au plan pluriannuel de financement 2025 ;

4.11 les décomptes suivants sont approuvés : structure publique crèche quartier Italie – études et construction 5'330'450,53- €; structure publique crèche quartier Italie – aire de jeux et alentours 262'484,72- €; structure publique crèche quartier Italie – mobilier 378'790,25- €; maison relais Ribeschpont – études et construction 4'955'063,56- €; maison relais Ribeschpont – alentours et aire de jeu naturelle 142'473,20- €; maison relais Ribeschpont – mobilier 238'855,65- €; école et maison relais Ribeschpont – installation d'un transformateur électrique 135.942,52- €; maison relais Ribeschpont – installation de panneaux photovoltaïques 43'354,85- €.

**5 – Office social**

Le conseil communal ratifie à l'unanimité la décision du conseil d'administration de l'Office social portant majoration du fonds de roulement à partir de l'exercice 2023. Il s'agit en l'espèce de l'ajustement de la contribution du montant de 5,00 € à 7,00 € par habitant de la dotation de la Ville de Dudelange au fonds de roulement de l'Office social de Dudelange, ce rétroactivement à partir de l'année 2023 et au prorata de la population de résidence calculée par le STATEC.

**6 – Règlement relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications et précisions à apporter au règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires.

**7 – Commissions communales**

Le conseil communal décide unanimement de désigner les membres dans les commissions suivantes :

1. Commission de l'enseignement musical

Membres : Représentant du groupe de travail SEPTOLET
Sandra Lux remplace Paul Klein

2. Commission de la sécurité publique

Membres : DP Anne Leser remplace Alfred Yaovi Dagbui

3. Commission scolaire

Observateur : DP Fabrice Baur remplace Sheila Schmit

4. Commission Gesond Diddeleng

Membres : Valérie Calvisi-Mack, Nathalie Weber

**8 – Motion soumise par la fraction « Déi Lénk » – Motion en vue de l'instauration d'un jumelage entre les villes de Dudelange et de Jénine**

La fraction « Déi Lénk », par sa motion, désire e.a. inviter le collège échevinal à entrer en contact, dans les meilleurs délais, avec les autorités locales de Jénine afin d'examiner les conditions d'un partenariat durable entre les deux villes, en s'échangeant notamment avec les ONG luxembourgeoises actives sur le territoire Palestinien en vue de définir la meilleure démarche à suivre. Après avoir échangé les opinions sur la motion, et recueilli les avis de toutes les factions politiques représentées au sein du conseil communal, le conseil communal, après délibération, rejette la motion soumise par 16 voix contre 3.

**9 – Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » – Installation de panneaux photovoltaïques amovibles**

La fraction « Déi Gréng », par sa motion, désire e.a. inviter le collège échevinal à étudier la faisabilité d'un projet à Dudelange à l'instar du projet-pilote Solar.Esch, lancé par la Ville d'Esch-sur-Alzette, qui propose aux résidents l'installation de petits kits solaires à brancher sur les balcons à un prix fortement subventionné. Après avoir échangé les opinions sur la motion, et recueilli les avis de toutes les factions politiques représentées au sein du conseil communal, le conseil communal, après délibération, rejette la motion soumise par 10 voix contre 9.

**10 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :

(1) Fraction « DP » – canicule ;
(2) Fraction « DP » – menaces ou tentatives de piqûres à l'aide de seringues dans le cadre de certaines manifestations ;
(3) Fraction « Déi Gréng » – canicule et « plan canicule » ;
(4) Fraction « LSAP » – centrale nucléaire Cattenom et plan Cattenom ;
(5) Fraction « Déi Gréng » – communication online pour le conseil communal ;
(6) Fraction « CSV » – Centre de documentation sur les migrations humaines ;
(7) Fraction « CSV » – points de secours dans les forêts.

Il est répondu aux questions par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 13.00 heures. •

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 18. JULI 2025



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt sinn zwou Kommunikatiounen ze maachen. Déi éischt wier d'Ëmsetzung vum Projet Innenstadtbegrünung, déi mer jo och am Budget 2025 dran haten. Fir Iech ze informéieren, an dofir wollt ech och hei de Gemengerot informéieren, well mer schonn amgaange sinn, och déi concernéiert Awunnerinnen an Awunner respektiv och dGeschäftsleit als Gemeng ze informéieren. Dat ass engersäits d'Plaz Am Duerf, déi wäert begréngt ginn. Mir hate jo schonn iwwert de Projet Innenstadtbegrünnung hei geschwat. Do ginn néng Fläche fir Blummen a Planzen ugeluecht op der Plaz am Duerf selwer. D'Aarbechte ginn do den 18. August lass. An dat dréit natierlech och zur Verbesserung vum Stadklima bäi, zemools och no deene rezenten Hëtztwellendeeg, déi mer och haten, dat huet natierlech dann och e positiven Effet am urbane Raum, mee awer och am Stadkär, soudass am Fong nei Gréngflächen och d'Stadbild wäerte prägen an och d'Stadbild natierlech an och de Stadkär méi attraktiv maachen.

Wéi gesot, néng Fläche fir Blummen a Planzen op der Plaz Am Duerf. An awer och de Schrëftzuch I AM DUERF, dee gëtt och erneiert, dee gëtt och do ewechgeholl an e kënnt op eng nei Plaz. Dee bleift op der Plaz Am Duerf, mee e kënnt am Fong iwwert de Réckhaltebecken, wou en effektiv drop gesat gëtt. Soudass am Fong déi Plaz, wou en elo ass, och engersäits da méi gréng an och méi lëfteg gëtt an och nach den Avantage mat sech bréngt, dass se méi genotzt ka ginn. Och fir weider Animatiounen am Stadkär respektiv op der Plaz selwer. A wéi gesot, an deene selwechte Méint wäerte mer dann och ufänken, an der Niddeschgaass selwer op enger Rei Standuerten, siwe bis aacht, Blummen unzeplanzen, also esou Blummekübelen ze maachen. Och dat gëtt am Summer 2025 realiséiert. An dat heite schreift sech jo och an an e Satellitteprojet vun der LUGA. Ech wollt Iech hei d'Informatioun net virenthalen, dass dann d'Plaz Am Duerf an de Shared Space wäerte begréngt ginn an datt elo am Juli, August, September déi Aarbechten do wäerte stattfannen. Dat war déi éischt Kommunikatioun, déi ech wollt maachen hei säitens vum Schäfferot. Ech mengen, soss wär säitens vum Schäfferot keng Kommunikatioun méi. An ech géif hei elo dann d'Wuert ginn un d'Martine Kohn.

MARTINE KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleegen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, mat schwéierem Häerzen an och net ouni Emotiounen deelen ech haut meng Demissioun mat. Ech wäert den Innenminister bieden, mech fir de 15. September als Gemengeconseillère ze entloossen. Dëst geschitt aus beruffleche Grënn. Ech hu mech säit Ufank dësem Joer berufflech nei opgestallt. Ech wosst, datt et organisatoresch schwéier wäert ginn, d'Änner beieneen ze kréien a Beruff a Gemengerot ënnert een Hutt ze kréien, ma ech hunn et zumindest probéiert. Et ass awer esou, datt ech owes och berufflech vill gefrot sinn, datt ech net weess, wéini Feierowend ass, flexibel schaffen, kuerzfristeg spontan Decisiounen huelen, Deplacementer, alles dat mécht et quasi onméiglech, datt ee sech kann op mech verloossen. Mat engem volle Kalenner ass Gemengeconseillère schwéier ze organiséieren. Genee dat ass et awer, wat ech mir virgeholl hat, d'Presenz um Terrain, fir d'Leit do sinn a gutt Aarbecht leeschten an de Gemengekommissiounen, all dat huet d'Agenda bestëmmt, ma no aacht Joer am Gemengerot hunn ech elo d'Decisioun geholl, mech op mäi Beruff ze konzentréieren. Ech kann net verstoppen, datt et mer schwéier fält, well ech hunn esou vill léif an interessant Leit kenne geléiert, zesumme wichteg Projeten ëmgesat an eis schéi Gemeng hoffen ech domat e Stéckelche weiderbruecht. Ech selwer sinn un a mat der Aufgab gewuess an hu vill bäigeléiert.

Ob ee sech elo als Bierger abréngt, als Benevoll an engem Veräin, als Gemengeconseiller oder Schäffen oder op der Gemeng schafft, eist Zesummeliewen organiséieren an an hirer Komplexitéit an an hirer Diversitéit, dat ass a war fir mech eng absolut Beräicherung an eng spannend Erfarung. Ech freeë mech awer elo ganz besonnesch, datt elo d'Martine Lullingen an de Gemengerot noréckelt. Eent, wat d'Häerz um richtege Fleck huet a sech mat vill Energie fir d'Wäerter vun der LSAP asetzt. Martine, ech wënschen Dir vill Satisfaktioun bei denger neier Aufgab. A mengem leschte Gemengerot bleift mir elo nach just e puer déck Mercie lasszeginn, u meng Partei a meng Fraktioun, datt mer ëmmer konnte konstruktiv diskutéieren, fir gemeinsam Positiounen no virzebréngen. Merci fir déi Komerodschaft, de Réckhalt an dee gemeinsame Wee. Dir wäert mer feelen. Un de ganze Gemengerot fir munchmol kontrovers Diskussiounen, déi awer bis op e puer Ausname meeschtens sachlech iwwer d'Bün gaange sinn. Déi Allermeescht si sech hirer Verantwortung bewosst, déi mir an dësem Gremium hunn, wéi mir kommunizéieren, datt fir Hallefwourechten a Populismus an Interpretatioune keng Plaz ginn.

En décke Merci geet och un d'Sekretären an d'Membere vun deene Kommissiounen, déi ech presidéieren hunn däerfen. Kultur, Vivre ensemble a Jumelage. Déi Aarbecht huet richteg Spaass gemaach. Ech wëll awer och eis Servicer net vergiessen. Besonnesch vill hunn ech geschafft mam FeMa, mam Kommunikatiounsservice, der Conciergerie, der Ekipp op der Schmelz, ma ech géif och all deenen anere gäre Merci soen. Dee gréisste Merci awer geet un déi Diddelenger Leit fir hiert Vertrauen. Zweemol hu si mech an de Gemengerot gewielt, 2017, an 2023 mech nach emol gestäerkt. Aus Léift zu Diddeleng war eise leschte Slogan. Aus Léift zu Diddeleng wäert ech och weider a

verschiddene Veräiner aktiv bleiwen a mech abréngen. An zu gudder Lescht Merci u mäi Mann Alex a meng Meedercher Tessy a Claire, fir hir Gedold an hiert Versteesdemech. Ouni dat wieren déi lescht aacht Joer net méiglech gewiescht. Merci alleguer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Martine, nieft dem Engagement huet een d'Emotiounen eraushéieren. Ech mengen, dat huet och mam Engagement ze dinn, déi zwee leie ganz oft ganz, ganz no beieneen. An ech mengen, mir hunn ëmmer hei alleguerten déi ganz awer ponderéiert a sachlech Approche appreciéiert. Wéi gesot, vu ganzem Häerzen och am Numm vun eis all Merci fir Deng Presenz an och Däin Engagement. A jo, mir wäerten eis nach op anere Plaze sécherlech ganz vill och erëmgesinn. Dat zur Kommunikatioun an da géif ech proposéieren, dass mer op deen nächste Punkt iwwerginn.

# 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

### 2.1. Confirmatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement – Parking Rue du Commerce (CR184)

### 2.2. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement – Parking Rue du Commerce (CR184)

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Et ass sécherlech elo manner emotional wéi dem Martine seng Kommunikatioun. Et ass och esou, déi zwee Punkten, u sech den 2.1. an 2.2., déi gehéieren zesummen. An der Reunioun vum 29.4 Abréll 2022 gouf deemools hei am Gemengerot de Projet vum Reamenagement vun der Rue des Écoles an awer och der Rue de l'Indépendance ronderëm d'Schoul Strutzbierg gestëmmt. Et gouf dunn en Avenant zum Verkéiersreglement fir d'Rue de l'Indépendance och schonns hei am Gemengerot gestëmmt, den 12. Juli lescht Joer. A finalement fir d'Rue des Écoles dëst Joer, den 31. Mäerz. Haut wëlle mer dann den Avenant zum Verkéiersreglement fir de leschten Deel, dat heescht de Parking Rue du Commerce bei der Maison Relais Strutzbierg dann och hei stëmmen.

D'Ännerunge par rapport zum besteeënde Reglement si follgend. De Parking gëtt am Sens unique reglementéiert. Dat verhënnert, datt do Chaos kéint entstoen. D'Entrée ass bei den Haiser 57 an 59 Rue du Commerce an d'Sortie ass iwwert d'rue des Écoles. Firwat? Ma well hei d'Sichtverhältnisser besser sinn, fir erauszefueren. Laanscht d'Sportshal kënnt e Kiss & Go, soudass d'Elteren hir Kanner, wa se da wierklech mengen, se missten se mam Auto bis bei d'Schoul bréngen, op enger sécherer Plaz kënnen erausloossen. Den Accès bei d'Gebaier 57 an 59 Rue du Commerce bleiwen am Double sens bestoen, fir keen onnéidegen Trafick eeben iwwert dee Parking ze drainéieren. De Chantier, deen ass de 4. Juli fäerdeg ginn an haut de Mëtte freeë mer eis jo alleguerte schonn op d'Aweiung. A well de Schäfferot awer net wollt waarden, bis de Ministère den Avenant zum Reglement approuvéiert huet, hu mer dunn de 4. Juli och e Règlement d'urgence geholl. Dofir sot ech, déi zwee Punkten, 2.1. an 2.2 .huele mer zesummen. An domadder konnt de Parking direkt mat deem Reglement vum Avenant opgemaach ginn. Mir hunn dat Reglement och an eiser Reunioun vum 25. Mäerz dëst Joer an der Verkéierskommissioun diskutéiert gehat. An ech mengen dat wär schonn alles vu menger Säit. A wann nach Froe sinn, dann ass esou wuel de Pit Demuth fir d'Circulatioun an de Micael Da Silva, deen sech ëm de Projet gekëmmert huet, do. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Et sinn hei an der Ronn Froen zu deem Reglement? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech proposéieren, iwwert déi zwee Reglementer ofzestëmmen. Eent no deem aneren. Wien ass mam Reglement à caractère temporaire averstanen? ***Dat ass unanime.*** A wien ass mat der Modifikatioun vum Règlement général averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an da kanns d'Claudia Dall'Agnol weiderfuere mam nächste Punkt.

### 2.3. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement wärend den Terrassementsaarbechte fir d'Verleeë vun der Refoulementsleitung – Phas 2

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, da geet et weider mam nächste Chantier. Nom Congé collectif geet déi zweet Phas vun der Conduite de refoulement lass, dat zwëschent der Bierenger Strooss an der Pasteur Strooss.
Vläicht e klenge Rappell, d'Conduite de refoulement, déi vum Süde vu Neischmelz bis an den Norden hannert den neie Retentiounsbecken an der Nordstrooss geluecht gëtt, leet Schmotzwaasser direkt vun Neischmelz per Drock an de Kollekter Richtung STEP. An der Rue de l'Étang, am Duerf bis d'Niddeschgaass, bis hannert den Hild, do läit schonn en Deel, ech mengen dat wësst Der, elo awer zum aktuellen Deel vum Chantier, lass geet et an der Bierenger Strooss hannert dem Hild bis an d'Rue Jean Berchem. Hei muss d'Diddelenger Baach zweemol gekräizt ginn. Weider geet et duerch d'Berchem-Strooss, duerch d'Rue Norbert Metz, d'Rue Pierre Krier, d'Rue John F. Kennedy, d'Rue Fleming an d'Rue Pasteur bis bei d'Rue Dupont. An hei schléisse mer eis un dat Stéck zwëschent der Rue Dupont an der Rue Thill un, wat am Kader vum Fernwärmerouer fir d'Schoul Baltzeng jo schonn matgeluecht gi war. Do hate mer schonn eng Kéier rieds.

D'Bierenger Strooss wäert wärend deem Chantier am Sens -unique a Richtung Biereng gereegelt ginn. De Bus, dee kritt e provisoreschen Arrêt beim Haus Nummer 43 an der Bierenger Strooss a fiert duerch d'Emile Mayrisch Strooss an d'Niddeschgaass. Ab der Rue Jean Berchem wäerten d'Stroosse komplett fir de Verkéier gespaart ginn, awer, an dat soen ech all Kéiers, ëmmer nëmmen dann, do wou grad de Chantier ass. Dat heescht, et soll een sech net virstellen, datt déi Stroossen do ëmmer permanent zou sinn. Dat ass just wa grad do geschafft gëtt. Den Entrepreneur, dee schafft och mat dräi Ekippen an op Sektioune vu ronn 40 bis 50 Meter Längt a 4 bis 5 Meter déif. Déi éischt Ekipp, déi mécht dann d'Strooss op. Déi zweet Ekipp, déi leet d'Leitung an déi drëtt Ekipp, déi mécht dann d'Lach erëm zou. Domadder wäert dann dee Chantier, dat kann ee sech esou virstellen, en continu weiderzéie vu Stéck zu Stéck.

A fir datt den Trafick esou gutt wéi méiglech dann och laanscht de Chantier deviéiert gëtt, wäerte mer natierlech Ofbéiverbueter, Ofbéioobligatiounen, Sakgaassen an och Route-barrée-Schëlder mussen opstellen.

Op de Pläng, déi beim Reglement dobäi louchen, huet de Service Circulation versicht, Iech déi verschidde Cas-de-figuren an deene jeeweilege Stroossen och opzezeechnen, fir datt jidderee dat och besser versteet. An dofir soen ech hinnen och e grousse Merci. Leider konnt awer net alles opgezeechent ginn, wat am Reglement steet. Si hunn awer versicht, fir all potenziell Situatioun e Reglement ze schreiwen. An ech wëll elo nach eng Kéier op dëser Plaz ervirhiewen, datt net alles zesummen, wéi gesot, a Kraaft trëtt, mee nëmme selon besoins du chantier. Dat heescht, de Service Circulatioun späert just déi Stroossen a setzt och just déi Schëlder op, déi den Entreprener grad zu deem Moment wäert brauchen. Wéinst der grousser Déift awer vum Chantier an der Längt och vum Lach kann den Accès fir d'Autoe bei déi jeeweileg Haiser awer och net ëmmer garantéiert ginn. Et ass awer zu all Moment en Accès zu Fouss méiglech. De Vëlo muss déi Zäit dann an de Grapp geholl ginn a laanscht de Chantier trëppelen, falls een onbedéngt duerch déi Stroosse wëll fueren, well ebe wärend deem dote Chantier wäerte mer de Vëlo duerch aner Stroosse vum Quartier Brill deviéieren. Idem natierlech och Biereng. Voilà. Fir all weider Froen, wéi gesot, sinn nach ëmmer de Pit Demuth respektiv de Micael Da Silva och hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, och fir déi doten Erklärungen. Si Remarken oder Froen dozou? Jo, Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, also eng Fro huet sech schonn eriwweregt, do soen ech scho mol Merci der Madamm Dall'Agnol, well ech hat mer effektiv opgeschriwwen, wéi d'Verkéiersleedung fir de Vëlo ass, well dat awer d'Nord-Süd-Achs ass, déi relativ gutt befuer ass. Do si mer da berouegt, dass einfach d'Deviatioun dann duerch déi Stroossen do lénks a rieds ronderëm geet. Ech mengen, dat geet am Brill zimmlech gutt. Eng aner Fro hätt ech dann awer och, ech weess elo net, ob dat mat ugeduecht ass. Ech weess, den 9. Februar 2024 hate mer jo den estimativen Devis gestëmmt. An do hat ech gefrot, well et op der Nord-Süd-Achs läit, ob géif vun deem Chantier profitéiert ginn, fir eventuell do esou ee roude Belag op deene Plazen ze maachen, wou et sech uneegent ass, dass de Vëlostracé nach besser ze erkenne war. Deemools hat den Här Buergermeeschter mer geäntwert, dass dat doten eng Iddi wier, déi hie géif mathuelen. Well et deemools jo just ëm dat Finanziellt gaangen ass, wollt ech hei froen, ob déi Iddi an deem annerhallwe Joer bal geräift ass, ob Dir do vläicht schonn eng Iddi hutt, eng Äntwert hutt? Merci op alle Fäll.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hunn ech esou Saache gesot?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Elo muss hien op esou Saachen äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir Är Stellungnam, ginn et nach weider



Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, d'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, also ech hu mech elo eigentlech net ëm d'Faarf vum Belag gekëmmert. Ech ginn awer dovunner aus, datt de Micael Da Silva, respektiv de Pit Demuth do méi wëssen. A wa si elo soen, et wär kee roude Belag, da kënne si dat jo nach eng Kéier iwwerdenken, vu datt de Buergermeeschter dat jo am Februar anscheinend hei ugekënnegt hat.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Sou, dann huelen ech Stellungnam dozou. Här Steffen, ech muss ech leider e bëssen enttäuschen, de Belag bleift schwaarz, mee ech hunn awer eng Alternativ, falls mer et fäerdeg bréngen, kënne mer vläicht e roude Marquage driwwer maachen. Dat heescht, herno ass vläicht dann de Vëloswee rout, esou wéi Dir Iech e jo wënscht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Demuth. Wa keng weider Fro méi sinn, géif ech proposéieren, dass mer iwwert dëst Reglement ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Solle mir Iech villmools Merci. An dann de leschte Punkt, Claudia Dall'Agnol.

**2.4. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement wärend den Ëmbauaarbechten op der CR164 an der CR164a – Route de Kayl / N31**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, e weidere Chantier. Den 10. Juni huet endlech de Chantier, an ech soen, endlech, an der Butschebuerger Strooss ugefaangen. Firwat soen ech, endlech? Ma, Dir wësst, de Projet ass de 25. November 2021 an engem informelle Gemengerot vum Büro d'études hei virgestallt ginn. De 25. Mäerz 2022 gouf dunn den Devis am Gemengerot gestëmmt an den 11. 11. 2024 gouf d'Chantiersreglement vum ganze Chantier mat Ausnam ebe vun der Kayler Strooss gestëmmt. An haut huele mer dat dann no, wéi mer dat dann deemools och am Gemengerot vum November 2024 gesot haten. Mir haten deemools jo keen Accord préalable vun der staatlecher Verkéierskommissioun kritt fir deen Deel Kayler Strooss.

Firwat? Mat et hu Permission-de-voirieë gefeelt. An nodeems elo awer all d'Permission de voirie vun deene jeeweilege Concessionnairen ugefrot gi sinn a se och validéiert gi sinn, hu mer dann elo endlech deen Accord préalable bei der staatlecher Verkéierskommissioun konnten ufroen an hunn en och de 14. Juli kritt. Et ass also esou just nach duer gaange fir dëse Gemengerot. An domat steet dann

elo och eigentlech näischt méi am Wee fir deen Deel Kayler Strooss kënnen ze reglementéieren.

Ech ginn och elo net méi op de Phasage vum Projet an oder dat ganzt Reglement. Mee ech konzentréiere mech elo just op den Deel vun der Kayler Strooss, well ech mengen, dat anert hate mer an e puer Gemengeréit schonn Zäit ze diskutéieren. Fir dësen Deel, fir datt de Chantier eeben uerdentlech klappt, gëtt en Ofbéiverbuet vun der Keeler Strooss an d'Butschebuerger Strooss opgestallt, no rieds. De Bypass fir de Bus an de Busarrêt gëtt och ausser Betrib geholl. Well un de Foussgängeriwwergäng geschafft gëtt, wäerte mer wärend deem Chantier zwee provisoresch Foussgängeriwwergäng virgesinn, jee no Besoin eeben. Eemol beim Haus 170 an eemol beim Haus 173 an der Kayler Strooss.
Beim Reglement louch dann och e Plang dobäi, wou d'Schëlter drop agezeechent gi sinn. Merci och dofir nach eng Kéier dem Service Circulation, dee sech vill Méi gemaach huet. An ech mengen, dat war et scho vu mir. Falls elo nach Froen zu deem Reglement sinn, respektiv zum Ufank vum Chantier, sinn eis zwee Mataarbechter, déi sech drëms këmmeren, jo nach ëmmer hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, och fir d'Erklärunge ronderëm awer e groussen a wichtegen Infrastrukturprojet, deen eis déi nächst Joren awer nach weider wäert beschäftegen a virun allem och déi direkt Anrainer vun der Butschebuerger Strooss. Voilà, sinn dozou Froen a Remarken ze maachen?
Dass ass net de Fall. Da géif ee proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Reglement averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen och dem Här Demuth an dem Här Da Silva Merci fir hir Presenz.

# 3. URBANISMUS

### 3.1. Lancement vun der Prozedur fir d'punktuell Ännerung vum Gesamtbebauungsplang (PAG) vun der Stad Diddeleng – grafeschen Deel, betreffend d'Sitten „Park Emile Mayrisch", „rue Tattenberg" an „PAP Ribeschpontergriecht – PAP NQ-SD: 36" [Dossier 7]

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt ass eng Modification ponctuelle vum PAG, déi mer ze maachen hunn. Dofir begréissen ech och vum Büro Zeyen+Baumann de Lex Faber an de Boris Hubert an aus eisem Service Architecture et Domaines d'Cathy Mambourg an d'Eva Gottschalk. Mir hunn Iech eng kleng Presentatioun preparéiert, wat déi Modification ponctuelle vum PAG ugeet. Et geet ëm de Park Emile Mayrisch, ëm d'Tattebuerger Strooss an ëm de PAP Ribbeschpontergriecht. Dat, wat mer Iech haut hei presentéieren, hate mer an eiser Kommissioun PAL, Programme d'action locale logement, de 27. Januar 2025 och scho presentéiert, diskutéiert an do konte jo d'Membere vun deene verschiddene Parteien an där Preparatiounsreunioun och schonn eng Rei Froe stellen. Haut geet et dann drëms, déi Modification ponctuelle ze stëmmen. A firwat schécke mer déi Modification ponctuelle vum PAG an d'Prozedur? Dat ass, wa mer déi Modifikatioune virhuelen, fir se par rapport, zu der reeller Affektatioun, déi se haut hunn, méi ze adaptéieren.

Et ass dat eeben e bëssen och – ech wëll net soen, dass dat d'Nowéie si vun der Refonte vum PAG, mee et weess een, wann een d'Refonte vum PAG fäerdeg huet, dass en cours de route Modifikatioune musse gemaach ginn, fir eng Rei Adaptatiounen ze maachen. Déi schreiwen sech doranner och an. An déi sinn natierlech och ofgestëmmt gewiescht an Dir konnt och enthuelen aus eiser Deliberatioun, dass mer eng Ëmweltimpaktstudie net brauchen ze maachen, par rapport zu deene Modifikatiounen hei. Wat eis natierlech dann och erméiglecht, Zäit ze gewannen am Kader vun der deementspriechend Prozedur um Niveau vum Reklassement vu verschiddenen Zonen a vun der Definitioun vun enger ganzer Rei Surfacen. An elo ginn ech dann hei d'Wuert weider un de Lex Faber an de Boris Hubert, fir op déi dräi Punkte kuerz anzegoen an och d'Modifikatiounen ze erklären. Merci.

BORIS HUBERT (ZEYEN + BAUMANN): Bonjour. Tout d'abord, le dossier numéro 7 de la modification ponctuelle. Concernant le parc Emile Mayrisch, la modification ponctuelle porte sur le déclassement de la zone parc, ici en vert, et son reclassement en zone BEP en partie nord, REC, aire de jeu, AJ en partie centrale, zone de jardin derrière les habitations en partie ouest. On a également un espace rue et stationnement aux abords de l'église et en bordure dans cet espace-ci. On a un reclassement de l'espace rue et stationnement en zone HAB2 également sur des microparcelles se trouvant ici. Suite à l'avis du Ministère de l'Environnement, on adapte les biotopes protégés, article 17, sur la partie REC, AJ notamment, et BEP, et on surimpose une servitude d'urbanisation élément naturel. L'adaptation de la zone verte est donc revue. Au niveau du PAP quartier existant, de fait, les modifications du PAG se retrouvent. Le PAP QE, HAB2, D2, BEP, REC, AJ et JAR sont de fait modifiés et la limitation de la zone verte est également modifiée.

Le deuxième site porte sur la rue Tattenberg. On a également sur ce site un reclassement de la zone parc en REC AJ en partie sud, en JAR en partie nord, qui est une demande des privés dans leur continuité de parcelle, et une partie centrale correspondant à un espace de stationnement existant qui lui est maintenu. On aura une servitude d'organisation élément naturel sur les biotopes protégés situés sur ces parties-là. Donc, pour les PAP quartiers existants, la zone REC AJ et la zone JAR au Nord sont de fait modifiées. La délimitation de la zone verte est modifiée également.
Pour le site Ribbeschpontergriecht, on a des modifications qui sont assez fines, qu'on distingue extrêmement peu sur ce plan-là. Il y a de fait, le long d'un chemin, une zone parc, une zone HAB2 et une zone HAB1 qui sont redressées. Les surfaces ne sont pas visibles en fait sur ce plan. Cependant, on aura une délimitation de la zone verte qui va évoluer, une adaptation des limites du PAP NQ et une adaptation des articles 17 et 21 avec la servitude remédiation de coulée verte qui est impactée également, redressée plutôt. Donc, il n'y a pas de PAP QE sur ce NQ, de fait.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi dote kuerz a knapp Presentatioun. Ech

mengen, et ass ganz kloer och, datt wou effektiv hei d'Modifikatiounen higinn. Dofir, voilà, wa Remarken oder Froe sinn. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Gutt, da géif proposéieren, dass mer géifen ofstëmmen. Wien ass hei mat der Mise en procédure ronderëm déi Modification ponctuelle vum PAG averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.2. Lancement vun der Prozedur fir d'punktuell Ännerung vum Gesamtbebauungsplang (PAG) vun der Stad Diddeleng – grafeschen Deel, betreffend d'Sitten „Deich", „In Boujel", „rue Nic Bodry" an „rue des Minières" [Dossier 8]**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den Dossier 8 driwwer. Do ass och d'Mise en procédure vum PAG vun enger Modification ponctuelle. Dat ass souwuel den Deich, Am Bujel, d'Rue Nic Bodry an d'Rue des Minières. Och dat heiten hate mer de 27. Januar am Programme d'action locale logement. An eiser Kommissioun hu mer dat beschwat. Och hei brauche mer keng Ëmweltimpaktstudien ze maachen, mir brauchen och keng SUP ze maachen. An och hei sinn eng Rei Adaptatiounen néideg, fir och déi Sitten hirer Destinatioun méi no ze bréngen. An da ginn ech Iech d'Wuert nach eng Kéier zeréck, fir d'Presentatioun ze maache vum Dossier 8, respektiv vun deene véier Sitten Deich, Bujel, Nic Bodry a Rue des Minières.

BORIS HUBERT (ZEYEN + BAUMANN): Concernant le site Deich, la modification porte sur la suppression de la zone REC AJ en partie est et le reclassement de zone HAB 1 se trouvant côté ouest au profit de la zone BEP. On aura également une réduction du secteur protégé environnement construit qui maintenant ne concernera uniquement la parcelle de l'école. De fait, les PAP QE sont adaptés. La zone HAB 1 B3 ici est modifiée dans sa bordure avec la zone BEP. Idem, HAB 1 A2 est modifiée également. La zone REC AJ est supprimée et le secteur protégeant environnement construit est adapté. Pour le site In Boujel, qui porte sur la suppression d'une aire de jeu au profit de la zone HAB1 et de la construction de logements communaux, on aura donc un reclassement de cette zone en HAB1 tout simplement, et au niveau des PAP QE, une suppression de cette zone REC AJ au profit du PAP QE HAB 1 B2.

Pour le site Rue Nic Bodry, c'est une réactualisation, en tout cas une aire de jeu qui se trouve ici en fond de parcelle HAB1, qui est en fait réattribuée à la zone BEP. On aura en PAP QE une modification du PAP QE- BEP et du PAP QE HAB1 B2. Et enfin, le site Rue des Minières prévoit le reclassement d'une zone HAB1 partiellement utilisée ayant un statut de Rue et stationnement et de BEP, donc on a un reclassement de cette zone HAB1 en zone BEP au nord et en partie centrale en Rue et stationnement. Le secteur protégeant environnement construit est d'autant réduit et ne concerne que la HAB1. Pour le PAP QE, on aura les limites du PAP QE HAB1 A2 et PAP QE BEP qui seront adaptés et le secteur protégeant l'environnement construit est, comme je l'ai rappelé, déjà adapté.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Presentatioun. Sinn dozou Froen oder Remarken?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Also, just eng kleng Remark. Mir stellen dat Ganzt natierlech net a Fro, well et komme Logementen, mee am Bujel ass et esou, déi gréng Parzell, déi do ewechgeholl gëtt, déi war fir déi Leit aus dem Quartier u sech souzesoen e Lieu de rencontre. An dat Eenzegt, wat ee vläicht hätt kéinte maachen, ass eebe kuerz mat de Leit aus dem Quartier ze schwätzen, well si waren e bëssi erstaunt, wou si dat matkritt hunn, datt et einfach ëmklasséiert gëtt. Voilà. Et ass déi eenzeg Remark. Wéi gesot, et gëtt net a Fro gestallt, mee vläicht an Zukunft einfach eng Biergerinitiativ oder iergendeppes starten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, ech wäert Iech drop äntweren. Nach den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, ech fannen awer, dass dee Site do gutt gewielt ass, well ech war mech e bëssen dohinner ëmkucken an och e bëssen ëmlauschteren an an a fir sech gëtt déi dote Plaz net méi vill genotzt. D'Spillplaz, déi bleift scho bestoen, dat sinn awer ëmmerhin 22 Ar, dat heite sinn der fënnef, hei steet just eng Bänk dran, et ass zwar eng schéin, eng ronn, mee an a fir sech ass do kee weideren Trafick. An ech fannen, dass dat da wierklech awer eng gutt gewielte Plaz ass. Si ass lëfteg, si ass zur Säit vun der Strooss nach gréisstendeels, läit net matzen an enger Strooss dran, fir mech ass deen dote Site awer richteg gutt gewielt. Et weess och net firwat do déi Opreegung kënnt. Ech mengen dat sinn awer keng Zigeiner, déi dohinner wunne kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Zuang. Ech wollt souwisou, also nieft der Erklärung, déi elo de Büro Zeyen + Baumann ginn huet, nach eng Kéier awer och de Gemengerot dovunner Kenntnis setzen, haut ass natierlech d'Mise en procédure vun der Modification ponctuelle vum PAG. An ech hat jo och am leschte Gemengerot gesot, wéi mer hei d'Reglement gestëmmt hu ronderëm d'Tiny Haiser, dass mer jo och eng Plaz identifizéiert hätten am Bujel, wou Tiny Haiser kéinten hi kommen, op engem Terrain, deen der Gemeng gehéiert. An ech hat och an deem Gemengerot gesot, dass mer dann am nächste Gemengerot, dat ass dann eeben haut, och deen Terrain hei wäerte presentéieren an och an d'Prozedur ze schécken, fir déi Ëmqualifikatioun ze maache wat d'Parzell ugeet. An dofir ass dat jo och haut um Ordre du jour.

An deem Sënn hu mer dann och Wuert gehalen, subsequent an och an där Logik bleiwe vun deenen Aarbechten, déi mer eeben ugefaangen hunn, ronderëm d'Méiglechkeet, dass Tiny Haiser also an nächster Zukunft zu Diddeleng sech kënnen usidelen, respektiv etabléieren. Dat ass emol dat eent. Déi dote Plaz gëtt weider net vill genotzt, ech war se jo och selwer kucken. Do ass eng Spillplaz vis-à-vis, ech mengen, déi gëtt méi genotzt vun de Kanner aus dem Quartier. An da verstoppen Iech net natierlech, wéi mer hei annoncéiert hunn, dass am Bujel effektiv Tiny Haiser kënne kommen, dass mer och schonn e Courrier krute vun engem Bierger an Numm vun engem Kollektiv vun de Leit, déi am Bujel wunnen, déi eis gesot hunn an deem Bréif, dass mer d'Mise en procédure vum PAG en vue vun Tiny Haiser, wat déi dote Parzell betrëfft, net solle maachen.

Mir halen et awer um Ordre du jour, well et ass um Ordre du jour an dat geet an d'Prozedur. A mir sinn an enger klassescher Prozedur, an dat ass meng Äntwert, déi ech Iech wollt ginn, Madamm Ahmedova, dat hei ass jo déi klassesch Prozedur vun enger Modification ponctuelle vum PAG. Dat heescht, dat heite geet an d'Prozedur, et gëtt en Aushang gemaach, mir mussen eng Réunion d'information publique maachen. Do kënnen d'Leit dann och hikommen. Do ass natierlech och, sou wéi d'Gesetz et virgesäit, den Aplanissement des différents. Dofir diskutéiert ee jo och. Dat heescht, dee Moment, et ass jo net, dass mer kee Moment méi hätten, wou mer eis kéinte mateneen austauschen. Dofir, d'Prozedur gesäit dat jo vir. Déi ass och fir d'iwwernächst Woch geplangt, déi Réunion d'information, wou mer hei hunn, ronderëm d'Modification ponctuelle vum PAG. Ech hunn elo de geneeën Datum net, mee wéi gesot, do kënnen natierlech d'Leit schrëftlech nach eng Kéier hire Courrier aschécken. Si kënnen och do natierlech mat eis schwätzen, dat ass kee Problem. An dann hëlt hei déi Modifikatioun hire Laf an deem Kontext. Déi Informatioun wollt ech awer och nach dem Gemengerot ginn. An och Merci nach eng Kéier, dass Dir dat gesot hutt, well ech hat souwisou déi Informatioun hei wéilten dem Gemengerot nach eng Kéier ënnerbreeden.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt just och nach e Wuert dobäi fügen, dass mer do eng gréng Plaz hunn. Et muss ee wëssen, wou kënnt déi hier? An den 90er Joren, wéi de Boujel gebaut ginn ass, war do eng Buedem-Petanquespist an déi ass ni profitéiert gi vun de Leit vum Quartier. A vu dass et Gemengenterrain ass, hu mer gesot, okay, d'Leit hu gesot, hei huelt déi Petanquespist ewech, dat ass einfach doudege Buedem, dat ass net flott. An do hu mer do also eng gréng Oas gemaach mat enger Bänk. An haut gëtt déi jo och net vun de Leit profitéiert. Deen eenzegen, deen do eppes dermat huet, ass den Noper, an dee kritt nämlech am Hierscht all d'Blieder eriwwer an da kréie mer als Gemeng en Telefon. Ech soen dat ganz éierlech, da musse mir déi botze goen an elo ass et dee selwechten, deen sech dru stéiert, dass do eventuell kéint eppes gebaut ginn. Dat ass d'Tatsaach an dat ass d'Wourecht. Et huet näischt domat ze dinn, dass d'Leit déi Plaz ewech geholl kréien, well si hunn se ni profitéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dementspriechend dann hei schonn e klengen Avant-goût, wat d'Diskussiounen ronderëm dës Modification ponctuelle vum PAG ugeet.

ROMAIN ZUANG (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hu just nach déi Fro hei. Déi Plaz gëtt jo elo ëmklasséiert an eng HAB 1, da kéinte mir jo och theoretesch als Gemeng dohinner bauen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir kéinten natierlech och do, wat an enger HAB 1-Zon méiglech ass, als Gemeng do bauen. Mir sinn eis awer eens, dass mer éischter an eng Richtung gi vun Tiny Haiser, well ech mengen, dass et och wichteg ass, wa mer dat maachen, dass mer och do eng Virreiderroll iwwerhuelen als Gemeng op den Terrain, wou een Tiny Haiser och ka bauen. Soss hätt dee ganzen Exercice, dee mer eis ginn hunn, wärend Méint fir eis e Kader ze ginn, fir Tiny Haiser absolut kee Wäert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt just froen, hu mer dann och, oder hutt Dir als Schäfferot och schonn aner Reklamatiounen am Virfeld kritt zu deene Projete PAG iwwer Modifikatiounen, déi mer haut stëmme wëllen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hu mer net.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Just kuerz, Dir wäert elo laachen, mee wou ech mer den Dossier ugekuckt hunn, hunn ech mer geduecht, datt do ass eng ideal Plaz fir en Tiny House dohinner ze maachen, mee ech wollt effektiv de Sujet net elo nach eng Kéier am Gemengerot opwerfen, mee ech begréissen et an ech hoffen, dat wäert klappen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et hänkt um ganze Gemengerot, ob et da klappt, well ech mengen, datt et dann och e Signal ass politescher Natur, wat d'Tiny Haiser ugeet, hei an der Stad Diddeleng, op engem Terrain, deen der Gemeng gehéiert. Voilà, ceci dit, géif ech hei dann zum Vott iwwergoen. Wien ass mat déser Mise en procédure vun der Modification ponctuelle vum PAG averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An ech sinn och dem Büro Zeyen + Baumann Merci fir hir Presenz.

**3.3. Unhuele vun der Propositioun vun der punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang „Nouveau Quartier" (PAP NQ) „Rue Pasteur" betreffend Terrainen zu Diddeleng an der „Rue Pasteur", presentéiert vum Büro „LSC360 S.A." am Optrag vun der Gesellschaft „Sedna Investments & Services"**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer eriwwer op d'Modification ponctuelle vum Plan

d'aménagement particulier PAP Nouveau Quartier Rue Pasteur. An do begréissen ech och vum Büro LSC360 den Här Simon Bertoux. Dat heiten ass e Projet de PAP Nouveau Quartier Pasteur, deen eis jo schonn e bësse méi laang begleet. Dat heiten ass just eng kleng Modifikatioun, déi virzehuelen ass. Just fir ze soen, 2017 hate mer de Vott vum PAP hei am Gemengerot. 2017 ass en och approuvéiert ginn. 2019 hate mer de Projet d'exécution. Déi éischt Modification ponctuelle vum PAP hu mer missen 2023 maachen. Dat war am September 2023.

Dir wësst, dass do 18 Logementsunitéite kommen. Véier Maison-unifamilialen a véier Maison-bifamilialen. An déi Densitéit ass och erhéicht ginn, dat wësst Dir och, am Kader vun der Refonte vum PAG. An elo sinn elo am Fong 18 amplaz 14 Unitéiten, dat ass jo eropgesat ginn. Bon, dat wat mer haut hei um Ordre du jour hunn a wat kuerz presentéiert gëtt, dat ass am Fong e Renouvellement vum Projet, notamment wat de Réckhaltebecken ugeet. An dofir géif hei nach eng kuerz Presentatioun gemaach ginn. Bei där zweeter Mopo hei vum PAG, muss ee soen, hate mer och eng Enquête publique. Do gouf et keng Reklamatioun. Mir sinn och hei am Kader vun enger Procédure allegée, well et just eng Modification mineure ass vum PAP. A wéi gesot, hei ass virun allem den Enjeu, a mir wäerten Iech herno dat erklären, dass et ëm eng Geneemegung geet vun der AGE ronderëm d'Waasser.

SIMON BERTOUX (PROJETSCHEF VUM BÜRO LSC360 S.A.): Merci, Monsieur le Bourgmester. Très bien, résumé. Donc, je vais vous expliquer en fait que l'AGE, lors de l'autorisation, a refusé de prolonger ce qui avait déjà été autorisé. Je passe le contexte qui a très bien été résumé. Voici un petit plan de la situation initiale, avec dans la voirie projetée un bassin de rétention enterré. Et puis, en fait, l'AGE n'a pas voulu donner l'autorisation qu'elle avait déjà donnée plusieurs fois, parce qu'elle a demandé d'avoir un bassin ouvert et que le projet adopte les principes de la ville éponge. Donc la ville éponge, c'est que l'eau puisse s'infiltrer, avoir des toitures vertes et avoir de l'eau en surface. Donc elle demandait trois choses. Imposer des toitures vertes extensives, des écoulements de surface et un bassin ouvert. On en a discuté avec l'AGE, ça a mis un petit temps, et alors ce qu'on a retenu, c'est que dans l'allée d'arbres qui bordait la voirie projetée, on fasse une espèce de fossé, on appelle ça un jardin de pluie, qui puisse récupérer les eaux de voirie et que ces eaux puissent passer dans ce bassin ouvert, dans ce fossé ouvert, avant d'aller dans le bassin de rétention.

Autre chose, c'est qu'en imposant les toitures végétalisées, on réduisait aussi le volume de rétention de 88 m3 à 60 m3. Alors voilà ce que ça donne si on regarde la version du PAP approuvée, mais plutôt la version coordonnée. Donc, avec les trois arbres que vous voyez ici en rose, on a fait un petit bassin dans la voirie. Donc en fait, on a aussi toujours l'accès qui permet d'arriver sur le parking de l'ancienne église. Et cet aménagement n'empêche pas de réaménager par la suite ce site-là. Donc, notre modification ponctuelle, si vous voyez la partie graphique, on a le fossé ouvert et on a également le nouveau, on a symbolisé le réseau de récupération des eaux. Alors, dans la partie écrite, on a modifié deux articles pour imposer les toitures végétalisées. Donc la totalité de l'étage en retrait doit être végétalisé. Et s'il n'y a pas d'étage en retrait et que ça se fait sur le dernier niveau plein, c'est au moins 80 % d'doit être végétalisé. Donc ça n'empêche pas d'y mettre des panneaux solaires. Et on doit au moins avoir une épaisseur minimale de 10 cm sur la toiture.

Alor voilà comment ça a été concrètement modifié. Mais l'objectif est vraiment d'imposer cette toiture végétalisée, ce que souhaitait déjà faire le maître d'ouvrage. Donc ça ne change pas grand-chose au projet qu'il avait en tête. Et voilà, comme je le disais, on a une épaisseur minimale de 10 cm. Donc dans la partie écrite, ça ne concerne vraiment que deux articles pour parvenir à ça. Voilà, donc je suis disponible si vous avez des questions. C'est déjà fini.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi doten Erklärung. Ech wollt Iech just nach just eng Info ginn, wat am Fong d'Mémoire des lieux ugeet. Ech mengen, Dir wësst, dass de PAP Pasteur an och déi nei Strooss, deen neie Stroosseraum, deen do entsteet, do hate mer jo hei am Gemengerot den Numm Rue Marie Thillmann ginn, well jo historesch do eng Zillefabrick war. An ech mengen, do hate mer jo hei am Gemengerot doriwwer diskutéiert an och de Projet, wéi gesot, virgestallt. Dat war och eng Propositioun vun eisem Service Égalité des chances. A wann deen dote Projet ëmgesat gëtt mat deenen 18 Wunnunitéiten, wäert deen dote Site och „Op der Zillefabrick" heeschen, dat heescht Mémoire des lieux nieft dem Numm vun der Strooss. An awer och, wéi gesot, déi 18 Unitéite wäerten herno „Op der Zillefabrick" sinn. Dat heescht d'Mémoire des lieux gëtt am Fong méi erwänt, kënnt méi an de Fokus wéi dat bis dato och de Fall war. An ech fannen, dass dat am Fong ganz positiv ass fir deen doten Eck. Voilà, dat ass nach eng zousätzlech Info. D'Diskussioun ass op. Hutt Dir Remarken oder Froen dozou?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Just eng kleng Fro. Wéini mengt Der, fänke mer elo konkreet un? Well et huet jo elo zimmlech laang gedauert an, jo, ass et elo esou wäit, datt mer kënnen ufänken?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Den Här Bertoux kann dodrop äntweren.

SIMON BERTOUX (PROJETSCHEF VUM BÜRO LSC360 S.A.): Alors, ça dépendra des ventes. Donc ici, il faut que la MOPO soit approuvée, puis on passera à l'exécution. Et donc on ne sait pas le dire exactement. Ça dépendra aussi du marché. Parce qu'il faudra qu'une partie des logements soit vendue avant de pouvoir développer et commencer. Donc aujourd'hui c'est une grande question. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir d'Aschätzung, déi positiv Aschätzung. Sinn nach weider Froen oder Remarken? Dat ass net de Fall., da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat där Modifikatioun hei averstane vum PAP? Dat ass unanime. Da soen ech Iech villmools Merci. An Iech, Här Bertoux, Merci fir Är Presenz.

**3.4. Stellungnam zu der Propositioun fir de Klassement vum Gebai an der Rue du Parc 86 als Patrimoine national**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): De leschte Punkt, wat den Urbanismus betrëfft, dat ass d'Propositioun vun engem Klassement als Patrimoine culturel national vun engem Haus op Nummer 86 Rue du Parc. Ech mengen Dir hutt d'Dokumenter virgesinn a mir kënnen och nach eng Kéier d'Haus ablenden, ëm dat et geet. An déi heite Propositioun vum Klassement gëtt gemaach op Demande vun de Proprietäre selwer, déi dann op 86 Rue du Parc wunnen. Dir hutt gesinn, dass mer hei de 16. Juni 2025 e Courrier krute vum Kulturministère, deen eis freet, dat heiten an de Gemengerot ze huelen. An ech mengen, Dir hutt och konnte liesen, dass déi dote Reienhaiser- wat ganz charakteristesch ass, och typesch ass, aus den Zwanzegerjoren hei vun Diddeleng an d'ARBED gouf an de Jore 1925 bis 1928 de Proprietär. An ab 1928 sinn et Privatleit, déi Proprietär gi sinn, virdru waren dat, wéi gesot, Arbedshaiser. Dat Ganzt bett sech jo och a mat der Rue du Parc an och dee ganzen Tracé erop bis an de Park Le'h.

A wat hei sech erausschielt ass effektiv, dat ass de Volet och vun der Authentizitéit, vun der Typologie vun där Period, wou et realiséiert gouf an och zu der lokaler Geschicht, wat de Wunnengsbau ugeet, respektiv awer och d'Urbanisatioun, déi ganz typesch ass eeben zu der Industrialiséierung, wéi gesot, vun der Stad Diddeleng. Voilà, dat heiten ass ee Front bâti, dee ganz charakteristesch ass fir deen doten Abschnitt vun der Rue du Parc, sief et mat deem klenge Virgäertchen, mat der Mauer, mat de Grillagen, d'Ferronnerie, déi do ass, déi Haaptfassad, dat ass ganz charakteristesch fir dee strukturelle Bau vun engem Deel vun der Rue du Parc. Engersäits sinn d'Krittären alleguerten erfëllt, de Matching ass do, d'Leit selwer si Proprietär, de Kulturminister ass och bereet op deen dote Wee ze goen, fir ze klasséieren a voilà, dat hänkt elo just nach um Diddelenger Gemengerot, fir dann de Feu vert ze ginn, fir dass een dat da ka maachen. An d'Proprietäre wëssen natierlech, dass wann dat dote Monument national klasséiert gëtt, alleguerten déi Aarbechten, déi se da gäre wëlle maachen un hirem Haus, nëmme kënne maache mam Accord eebe vum INPA, deem fréiere Sites et Monuments. Wann elo Remarken oder Froen dozou sinn?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci, ech hunn am Fong just eng kuerz Fro. Also, fir eis ass dat ganz kloer, wann de Proprietär schonn d'Demande mécht, dass mer dat natierlech ënnerstëtzen. Dat ass jo wierklech eng schéi Front. Mir hunn eis eebe just gefrot, vu dass et esou Reienhaiser sinn, ob do entweeder d'Gemeng oder de Ministère net vläicht automatesch kéint d'Nopere froen, an esou engem Fall, ob déi sech net och wëlle ralliéieren, well dat dann an enger Prozedur automatesch géing goen. Also, ech verstinn, dass dat virun allem soll gemaach ginn, wann de Proprietär och domadder averstanen ass, well et huet ee jo effektiv duerno Contrainten och doduerjer. Mee voilà, eis Fro war einfach, sinn d'Nopere kontaktéiert ginn oder kann een dat net och nach maachen, déi informéieren, dass dat doten Haus elo klasséiert ass a wa se sech do wëlle ralliéieren, dann hätt een eng Front, déi zesumme geschützt ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamme Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, Merci. Am Fong eis Fro geet da genau déi selwecht Richtung. Mir hunn eis gefrot, ob d'Gemeng net soll och déi Initiativ ergräifen, fir den Ensembel op Gemengenniveau vläicht ze schützen, well den Niveau ass awer e bëssi anescht, wann ee vun IMPA geschützt ass an um Gemengenniveau. Wéi gesot, et geet an déi selwecht Richtung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech der Madamm Mambourg, eiser Architektin, d'Wuert ginn, déi hei Äntwerte ka ginn.

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER STAD DIDDELENG): Also, mir haten effektiv och am Service déi nämmlecht Iwwerleeung. A mir haten nogefrot bei der Madamm Christine Klein, fir eeben dee ganze Klassement. Si hunn elo net onbedéngt dorop gelaut. An ech fannen, mir hunn als Gemeng jo schonn déi Gebaier als Patrimoine klasséiert, andeems eng Protection communale drop ass, dat ass eng Construction à conserver, a wann et elo soll eng national Protektioun ginn, dann ass déi Initiativ – esou huet et eis elo éischter geschéngt- awer éischter beim IMPA ze sichen. À voir elo, wéi mer eis solle verhalen. Awer déi Remark war un den IMPA scho gemaach gi vun eisem Service.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. A souwisou, den INPA respektiv de Kulturministère ka sech ëmmer och autosaiséieren an eng Initiativ lancéieren, wann e wëllt, an da kënnt, ob elo de Proprietär domadder averstanen ass oder net, dee kann ëmmer déi Decisioun huelen an de Gemengerot dann och saiséieren, dee muss dann och sech dann dozou bekennen, ob de Proprietär dann, wann en averstanen ass oder wann en net averstanen ass, ob een dann deementspriechend an déi Richtung wëllt goen. D'Gesetz gesäit dat vir. Gëtt et dozou nach weider Stellungnamen oder Froen? Nee, ass net de Fall. Ass dann de Gemengerot mat dësem Klassement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen Iech villmools Merci. Da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

# 4. FINANZEN

**4.1. Bau vun enger Bouhal (Hall arqué) op engem Tennisterrain an der Rue du Stade J-F. Kennedy 52 zu Diddeleng**

*4.1.1. Approbatioun vum Devis fir d'Bauaarbechten*
*4.1.2. Approbatioun vun engem ausseruerdentleche Sonderkredit*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert deem éischte Punkt vun de Finanze geet et ëm de Bau vun enger Bogenhalle op Nummer 52 Rue du Stade beim John F. Kennedy. Hei geet et ëm eis Tennisterrainen an do ginn ech dem Sportsschäffe Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech begréissen dann och hei de Paul Kousmann, deen och bäigestouss ass, well deen sech ëm dëse Projet këmmert an d'Architektin ass och nach do, fir eis ze supportéiere bei dësem Dossier. Éier mer elo déi verschidde Punkte vum Gemengerot hei uginn, also d'Konstruktioun ass natierlech um Ordre du jour, d'Approbatioun vum Devis, dann awer och nach d'Approbatioun vum Crédit extraordinaire spécial, do géif ech awer dann eng Kéier kuerz aushuelen, well et dach e relativ spannende Projet ass. Ech mengen, Dir kennt de Stade John F. Kennedy, deen hu mer hei schonn approuvéiert, de Projet en tant que tel. Hei befaasse mer eis dann nach eng Kéier e bësse méi spezifesch mat dem Volet ronderëm den Tennisclub. De Paul Kousmann wäert och herno nach e bësse méi op deen technesche Volet agoen an eis och e bësse visualiséieren, wat mer wëlles hunn. Engersäits de Site: um John F. Kennedy hu mer am Moment eng Tennishal, eng Indoorhal an en e Padelterrain. Wann eis Aarbechte fäerdeg sinn, dann hu mer do een Terrain, e baussegen Tennisterrain, zwou Indoor-Tennishalen an zwee Padelterrainen.

Um Site vum Tennis vis-à-vis sinn am Moment véier Baussenterrainen. A wann de Projet ofgeschloss ass, hu mer do nach zwee Tennisterrainen an eeben eng Hybridhal, déi mer hei wëlle presentéieren. Den Tennisclub mat sengen 260 Memberen, déi hunn een ganzheetleche professionellen Trainer, dee véier Stonnen d'Woch do schafft, a si hunn awer och nach véier zousätzlech Trainer, déi eebe Stonne Coursen ubidden an déi dann och vum Veräi musse bezuelt ginn. Firwat soen ech dat? Majo et ass einfach fir ze verstoen, wéi de Veräi fonctionéiert. Dat sinn engersäits dee kompetitive Volet an awer och de Loisirsvolet an et ass och dee Volet, deen hei concernéiert ass, well u sech liewe si als Veräi vun deene Locatiounsstonnen, déi si kënnen ubidden am Kader vun deenen Trainingsstonne vun deenen Trainer, dee mer elo hei grad erwäänt hunn. Dofir ass et fir de Veräi liewens- an iwwer liewenswichteg, dass mer eng Solutioun fannen, fir wärend dem Chantier, dass déi Tennisschoul ka weider bestoe bleiwen, dass si kënne weider op déi Locatiounen zeréckgräifen.

Zwou Alternativen hate mer envisagéiert. Déi eng ass fir eeben auswäerts Terraine lounen ze goen. Dat heescht bei eise Nopeschgemengen hu mer dann e bësse gekuckt, wat ass do eventuell méiglech, bezéiungsweis hu mer och eng Kéier d'Alternativ carrement vun engem Doum envisagéiert, deen da géif permanent do stoe wärend der Wantersaison. Fir déi éischt Alternativ hate mer eis mam Tennisclub ausenanergesat a mir hunn ronn 100 Stonne gebraucht, fir eeben d'Locatioun unzebidden, fir dass si kënnen hirem Alldag nogoen an och, wéi gesot, iwwerliewen. Do si mer dann an d'Nopeschgemengen e bësse froe gaangen, ob do iwwerhaapt eng Méiglechkeet géif bestoen, Terrainen zur Verfügung ze stellen. Dat war net iwwerall méiglech, wéi Dir Iech denke kënnt. Well déi Veräiner schaffen och vill an déi brauchen hir Trainingsplagë selwer. Awer hu mer eng Ouverture zu Esch kritt. Iwwer dräi Joer géif een do awer tëschent 60.000 an 80.000 Euro Locatioun misse bezuelen. Am Best case, falls ech kéint déi ganz Plagen zur Verfügung stellen, déi eise Veräin dann och wierklech géing brauchen.



Dass een eeben och hei gesäit, dass dat och e gewëssene Präis huet. Net ze vergiessen, dass dann awer och déi eenzel Transporter musse stattfannen, wou d'Kanner oder och déi Erwuessen, déi déi Stonnen huelen, sech da mussen an eng aner Stad, en anere Veräin deplacéieren, wat ni gënschteg ass fir e lokale Veräin, wou s de engersäits de Leit e bëssen d'Motivatioun hëls, bezéiungsweis riskéiers de och, dass se einfach ni méi erëmkommen, soen ech elo mol. Dat war e grousst Bedenken, deen eise Veräi geäussert huet.

Do hate mer d'Alternativ vun engem sougenannten Air Dome, also eng Kuppel iwwert den Terrain, ugeduecht, eng Kuppel, déi iwwert de Wanter kéint eeben dann als Indoorhal genotzt ginn. Dat bréngt natierlech mat sech, dass ech virum Wanter muss opriichten an nom Wanter erëm muss ofriichten, wat och bei esou enger Konstruktioun net optimal ass an och ëmmer erëm mat Käschte verbonnen ass. Mir schwätzen hei vu bis zu 250.000 Euro, wou esou en Doum géif kaschten. Dat hänkt natierlech vum Fournisseur of. Dann huet een nach de Problem vum Stockage. Dat ass awer e gewëssene Volummen, wou een do muss stockéieren. A fir déi Notzung nach ze optimiséieren, hu mer geduecht, et wär da vläicht eng Iddi fir deen een oder deen aneren Padelterrain ze iwwerdecken, fir eeben, dass dat sech rentabiliséiert. Dat ass awer technesch a wéinst de verschiddenen Inkompatibilitéite vun den Dimensioune leider net méiglech gewiescht. En plus, kënnt Dir Iech scho denken, wann een esou en Dome muss hëtzen, da kascht dat extreem vill Energie. An do si mer bei zwou aner Gemengen hei am Land kucke gaangen. An do hänkt et natierlech e bësse vun der Utilisatioun of, wéi laang d'Notzung ass, wéi kal a laang eeben de Wanter wäert sinn, do si mer och tëschent 26.000 a 35.000 Euro pro Saison Heizkäschte gelant, soudass mer gemengt hunn, dat wär awer elo net wierklech eng nohalteg an anstänneg Alternativ.

An, jo, do ware mer am Fong all frou, wou mer op déi Solutioun vun der Structure arquée, vun der Bogenhalle hei gestouss sinn. Do gesäit ee scho mol dat éischt Bild, wéi dat kann ausgesinn. Dat heescht, dat ass dann eeben esou en Iwwerdaach, wou een awer säitlech kann déi Wänn eropzéien, jee nodeem wéi lëfteg een dat Ganzt wëllt hunn. Deementspriechend wollte mer dat hei proposéieren. Mir hunn elo mol hei en Devis estimatif vun 300.000 Euro, dee mer proposéiere géifen, wou d'Preparatiounskäschten ëm déi 82.000 Euro wären an d'Struktur en tant que telle wär bei 218.000 Euro. Wann dat kéint realiséiert ginn, hu mer hei am Fong elo eng Konstruktioun, déi flexibel ka genotzt ginn, déi dann eeben och ka permanent stoe bleiwen, wat e risege Virdeel fir de Veräi wär, well se eebe quasi eng

zweet Hal hunn, wou se kënnen d'ganzt Joer verlounen, wann d'Wieder dann net net matspillt, wat fir si, wéi gesot, extreem interessant ass. Mir hunn och beim Sportsministère ugefrot, an och déi wäerten dat dote mat hire gewinnte Subsiden ënnerstëtzen. A wann ee sech do e bëssen un dat referéiert, wat mer um Strutzbierg haten, da kann een dovunner ausgoen, dass een hei 25 % Subside kritt. Dat heescht, do si mer bei ronn 54.000 Euro. D'Energiekäschten, fir déi dote Konstruktioun, déi sinn däitlech a weesentlech ënnert deem, wat mer virdrun héieren hunn, dat heescht, hei schwätze mer, mir hunn dat elo graff héich gerechent, dat hänkt, wéi gesot, ëmmer erëm vun der Period of, wéi laang den Hierscht gëtt, ob een da méi oder manner muss hëtzen. Hei si mer esou ëm déi 6.000 bis 7.000 Euro d'Joer, wat, wéi gesot, vertriedbar ass, wann ee kuckt wéi vill Notzen een heivunner huet a wat de Veräin dovunner huet.

Deementspriechend interessant war dat dote fir de Veräin, dass e spontan gesot huet, léif Gemeng, Dir maacht esou vill fir eis, wa mer och elo kucken, déi nei Konstruktioun, wat mer do hunn herno vu Méiglechkeeten, géife mir eis bereet erklären, hei eng Participation financière ze proposéieren. Wann dat dote bis fäerdeg ass, jo eréischt da kënne si jo natierlech dat Ganzt verlounen, da kréie si déi néideg Recetten an da géife si eis bis zu 10.000 Euro pro Joer zeréckbezuele bei déi heite Konstruktioun, bis dann eeben dat, nieft de Subsiden, déi mer kréien, ofbezuelt ass, dann hätte mer wierklech eng wonnerbar Léisung fir si fonnt. An deementspriechend si se jo och frou a begeeschtert an hunn dat heite proposéiert, fir sech finanziell ze bedeelegen. Voilà, ech mengen elo hätt ech mäin Deel gemaach an dann, fir dat e bëssen nach méi vläicht technesch ze erläuteren an ze visualiséieren, géif ech dem Paul Kousmann d'Wuert ginn.

PAUL KOUSMANN (PROJETSMANAGER VUN DER GEMENG DIDDELENG): Gudde Moien alleguerten. Ech ginn dann eng Kéier méi technesch op déi Bouhal an, déi mer eis fir den Tennisclub vun Diddeleng ugeduet hunn. Fir d'éischt emol eng Kéier d'Situatioun, wéi se am Moment ass, virum Chantier vun deem grousse Stade Kennedy: mir hunn am Bloen déi Indoorhal, déi se bis elo ëmmer haten, mir hunn am Cyan de Paddelterrain a mir hunn déi véier Baussen-Tennisterrainen, déi si, wéi gesot, éier de Chantier Kennedy ugaangen ass, nach komplett notze konnten. Elo fänke mer mam Chantier Kennedy un, doduerjer flitt hir Indoor-Sportshal ewech. De Padelterrain kënne mer nach bis zu enger gewëssener Period um Chantier bestoe loossen. Mir hunn elo mol d'Chantiersinstallatioun esou ronderëm gezunn, dass d'Leit nach de Maximum kënnen dovu profitéieren. Dat wäert awer am Laf vum Chantier musse fort, doduerjer dass mer dee Baussen-Tennisterrain do géifen installéieren. Dann ass d'Situatioun wärend dem Chantier: do hunn si hir véier Terrainen a mir géifen dann op deen drëtten Terrain vun uewen erof gesinn déi hybrid Bogenhalle do opbaue loossen. A mir hu genau deen doten Terrain och erausgesicht, well jo an enger spéiderer Phas den SNHBM do e Bauprojet géif maachen an da musse mer d'Halen net nach eng Kéier ofmontéieren an erëm nei zerécksetzen.

Hei gesitt Dir och d'Situatioun nom Chantier, wann de Stade Kennedy ofgeschloss ass, dann hu mer een, zwee Padelterrainen, déi bausse stinn, mir hunn eis zwou Indoor-Sportshale fir den Tennis, mir hunn e Baussenterrain um Site selwer vum Tennis, mir hunn zwee Baussenterrainen, nach ëmmer Bestand vun deem ale Site an dann hu mer déi Hybridhal, wou se kënnen am Summer wéi am Wanter notzen. Voilà, dat ass d'Situatioun, wéi et dann déi nächst Joren do soll sinn. Hei gesitt Dir eng Kéier d'Beispiller vun esou enger Bogenhalle. Wéi Dir gesitt, dat ass eng fix Struktur mat stole Pottoen. Hei den ënneschte Beispill, also zwee Terrainen, mir si mir just bei engem. Wat immens flott drun ass, ass datt mir kënnen déi Säitestécker komplett opzéien, dat gesitt Dir och am Devise estimatif, do hu mer verschidden Optioune geholl, fir dass wa vill Luucht erakënnt am Summer, dass een déi Säite komplett opzéie kann. Mir hunn natierlech och Fileten dran, fir dass mer net am Summer och déi ganz Villercher dobanne sëtzen hunn an déi den Tennis stéieren. Polsterunge vun de Pottoe sinn och mat dran, fir wann do ee géif dra rennen. Dat heescht, do an där Hisiicht hu mer alles virgesinn.

Wat muss gesot ginn iwwer d’Preparatiounsaarbechten zu deenen Halen? Mir mussen d'Fondatiounen hierstelle loosse selwer. Déi Hal, mir hu Fernwärme- a Gasuschloss do um Site a mir mussen elo just de Gasuschloss do verlängeren, well déi Heizstraler um Plaffong ginn domadder gehëtzt. D'Sprinkleranlag, déi am Moment Bestand ass um Terrain, musse mer e bësse méi eraréckelen, well mir hunn d'Hal esou gebaut, dass mer wierklech op deem Terrain genau drop sinn. Dat heescht, mir rutschen net méi wäit op d'Säit, mee doduerch ass eeben déi besteeend Installatioun am Moment esou, wann ech elo de Sprinkler géif umaachen, dat drëpst mer just ënner déi PVC-Folie. Duerfir sinn dat Preparatiounsaarbechten, déi mer virgesinn hunn. Wat ass nach dozou ze soen? Jo, wéi gesot, et ass eng PVC-Folie ronderëm déi Stolkonstruktioun, wou 15 Zentimeter Loft mat dran ass. Fir dass mer awer energeetesch e bëssen d'Hëtzt och kënnen halen. Mir hu virgesinn och no Récksprooch mat anere Gemengen d'Hal op 15 bis 16 Grad ze erhëtzen. Do hunn ech e Feedback kritt, dass dat angeneem wär fir ze spillen. Doduerch bleiwen d'Käschte fir d’Heizen natierlech och a Moossen.

Fir de Rescht, den Terrain ka bleiwe wéi en ass. Mir mussen näischt änneren, mir mussen d'Linnen net verréckelen, mussen d'Netz net verréckelen. Déi Hal kënnt, an zwee Méint plus minus ass se gebaut, da géif se op de Site kommen, ee Mount brauchen se plus minus fir d'Hal um Site selwer opzeriichten. An esou kéinte mer dem Tennisclub eng raisonnabel Léisung ubidden, fir dass se am Wanter, a leider bei eis am Land jo och oft dann am Fréijoer, Summer, hu mer och gréisser Reeperioden, da kéinten se dat awer notzen, fir hiren Training do ofzehalen. Hei hu mer och schrëftlech vun hinnen den Accord kritt, dass si sech bedeelege géifen an dass mir awer och Proprietär vun der Hal bleiwen a mir awer no hirem Entretien kucke géifen an, voilà, esou e klenge Kompromëss. Hei ass dann den Devis estimatif, wou mer opgestallt hunn. Mir sinn, wéi gesot, dat waren elo einfach Viraarbechten, mir hunn elo nach kengem den Optrag ginn, mir mussen dann zur Missioun, mir hunn eis einfach ëmgefrot bei enger Firma, déi déi

Halen do ubitt, dofir hu mer och deen Devis hei kritt. Ech hunn den Travaux de terrassement, d'Réalisation de fondations, dat sinn einfach Wäerter, déi mer aus anere Projeten hunn an och no Récksprooch mat Entrepreneuren. Dann hu mer hei d'Hal selwer fir 185.000 Euro.

Dann hu mer déi extra Bâche en PVC translucide, fir dass et einfach e bësse méi hell dobannen ass, dass een sech net esou agëenkt fillt. Mir hunn déi Baussemaueren, déi Schibemaueren, de Filet de protection contre les oiseaux. An dann natierlech, wat och natierlech ganz wichteg ass, d'Protection des éléments de structure, well mir hunn eis reegelkonform Distanz fir e Simple Match zu der Baussewand. En Double Match kréie mer dobannen net gespillt, den Terrain ass ze enk. Mee wann en awer eng Kéier ee e bësse méi aushëlt, da rennt en net mam Kapp grad voll an déi Stole Putteren. Dann hu mer nach eng Kéier e Budget agedroe fir den Déplacement du système d'arrosage, deen neien Uschloss vum Gas, an dann, voilà, pour arrondir bleiwen der nach e puer iwwereg. Dat wär alles, wat ech elo mol bis elo ze soen hätt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci dem Paul Kousmann och fir déi dote technesch Erklärungen zum Projet, awer déi net onwichteg sinn, wat d'Realisatioun vum Projet ugeet. Elo ass d'Diskussioun op ronderëm d'Stellungnamen, wie wëll ufänken.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. 2023 hate mer dee flotte Projet vun der Tennishal proposéiert. Mir haten deen och, wann ech mech net ieren, souguer unanime ugeholl. Deemools ass gesot ginn, oder d'Fro war opkomm, wat maache mer mam Tennis iwwert de Wanter, wann déi Hotel ewechfält? Et waren e puer Propositiounen, déi wou opkomm sinn, wéi de Loris Spina dat elo grad gesot huet, eng vun deene Solutioune wär gewiescht, dass d'Kanner an d'Leit géifen an eng Nopeschgemeng spille goen. Dat hätt den Tennisclub vun Diddeleng d'Existenz am Fong geholl kascht, well meng Kanner trainéieren ausserhalb vun Diddeleng fir hire Sport an dat ass immens opwenneg an dat maache ganz wéineg Leit, déi nach déi Zäit hätte fir dat ze maachen. An do wär déi ganz Jugendaarbecht, déi jo opgebaut gouf, déi wär futti gaangen an déi wär op eng laang Dauer futti gaangen, well wann ee kuckt, wou den Tennisclub kënnt a wou den Tennisclub haut steet, ass dee Benevolat, deen do gemaach gëtt, deen ass trotzdeem remarkabel an et wär och als Sportstad net gutt gewiescht, wa mer dee Club am Fong esou futti gemaach hätten. En plus, muss ee soen, et stinn awer och e puer Aarbechtsplazen um Spill vu Leit, déi wou agestallt goufen, fir Tennistrainer ze sinn. Dat ass déi eng Säit.

Déi aner Säit, déi Solutioun, déi wou do gewiescht wär, dat wär fir den Air Dome ze maachen, mee dat ass net ganz ëmweltfrëndlech. Et mécht och Kaméidi an et ass och dee Käschtepunkt, wou awer vill méi deier géif ginn, wéi dat heiten, och fir herno de Stockage. A wann s de déi Hal do oft op- an ofbaus, do ass d'Liewensdauer och limitéiert. An, voilà, dat wär also och net wierklech eise Wonsch gewiescht, dat esou ze hunn. Zum engem Deel begréisse mer ganz staark déi Bogenhalle, well dat am Fong eng flott Propositioun ass, a wou s de och am Summer kanns spillen, well s de d'Diere kanns opmaachen, lénks a rieds, hu mer jo gesinn, an da kënnt e bësselche frësch Loft eran an d'Villercher bleiwen awer dobaussen, soudass de um Fong en Terrain hues, wou s de kanns Summer wéi Wanter do benotzen.

Op där anerer Säit hu mer awer dann trotzdeem e bësselche Froen an Diskussioune gehat, well déi véier Terrain baussen, dat war initialement esou ugeduecht, dass dat sollt Bauterrain ginn. Initialement, ganz am Ufank war jo gesot ginn, dat sollt e Bauterrain ginn. Dono hate mer de Kompromëss getraff, dass mer dann d'Hallschent vum Terrain géife fir Bauterrain huelen. Dat heescht, d'Terrainen dräi a véier. An elo haut komme mer op dee Punkt zeréck, wou mer dann nach just een Terrain huelen, fir ze bauen, wou mer dann e bësselchen awer an der Zwéckmillche sinn, dass mer soen, et ass gutt, fir d'éischt baue mer vill an da baue mer ëmmer e bësse manner, well mer op de Besoin vun engem Veräi ginn. Dat ass, jo, dat ass e bësselchen e Kompromëss, deen een da muss treffe mat de Sportsveräiner a mat der Realitéit. Mee de Bauterrain brauche mer och an, jo, dat ass dann awer heiansdo sou e bësselchen e groussen Nieweneffekt, wann s de wëlls eppes bäimaachen.

Zum Finanzement hunn ech awer trotzdeem e puer Froen. Den Tennisclub soll bis 10.000 Euro d'Joer ginn. Wiem gehéiert déi Hal dann herno? Ass dat weiderhin d'Gemeng? Lounen si se? Oder vu dass si se jo ofbezuelen, gehéiert ze herno dem Tennisclub? A wann d'Hal dann awer dem Tennisclub gehéiert herno? Dat ass jo net ganz kloer erauskomm fir mech. Mee wéi ech gesinn awer gehéiert se der Gemeng weiderhin. Dat heescht, si lounen se dann op X Joer bis se amortiséiert wier. Dat muss een awer e bësselche kloerstellen, well dat ass fir eis elo net ganz kloer hei, wiem déi Hal dann herno gehéiert. A respektiv wann déi Hal eng Kéier ewechgeholl gëtt oder wa mer awer eng Kéier soen, jo, kritt den Tennis an déi Suen erëm, oder wéi ass dat? Voilà. Mir waarden op verschidden Äntwerten. An zu engem groussen Deel begréisse mer trotzdeem, dass déi Solutioun do fonnt gëtt fir den Tennis. An da soen ech Iech Merci an do kucke mer weider.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini. Weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Nodeems effektiv elo dann zwee-, dräi-mol schonn d'Vir- an d'Nodeeler vun deem System do erkläert gi sinn, wollt ech awer och Merci soe fir déi gutt Dokumentatioun. Well ech sinn net am Tennisveräin, ech wousst elo net genau, wéi dee Werdegang ass. An et war am Fong alles ganz schlësseg esou, wéi een dann och kuckt, wou elo déi Hal hi stoe kënnt. Do si sech wierklech ganz vill Gedanke gemaach ginn an, wann s de bis duerch waars mat der Dokumentatioun, do huet se effektiv och verstanen an do hues d'Iwwerleeungen och all derhannert verstanen. An elo, wou den Här Spina nach eng Kéier erkläert huet, wat sech och alles vu Gedanke gemaach ginn ass, wéi ee System vun Hal soll fonnt ginn, schéngt et fir eis elo awer och nach méi kloer ze sinn, dass dat doten dee gudde Wee ass. Well, et ass elo zweemol erkläert ginn, dat do ass ee wichtegt Standbeen vun deem

Club. An awer och als Sportler weess een, dass een och wëll säi Sport ausüben, wann d'Wierder net gutt ass an dass een och dat brauch. An da brauch een och einfach eng Geleeënheet, am beschten eebe sur place fir dat doten ze maachen. Dat heescht, vum Prinzip hier fanne mer dat dote super, dass sech och ëm d'Ëmwelt Gedanke gemaach ginn ass bei deem Ganzen, och am Argumentaire grad, mat den Heizkäschten an och mat dem Choix vun der Hal, dass déi Kuppel do, dass déi zum Beispill eliminéiert ginn ass, ënner anerem och wéinst den Heizkäschten. Dat géife mer och op dëser Plaz luewen. Et sinn awer och e puer Onkloerheeten, wou et einfach Froe wieren, wou mer elo nach net ganz kloer sinn, och no den Erklärungen. Et war gesot ginn, dass Fernwärme a Gas um Site sinn, datt eebe just de Raccordement nach vum Gas am Devis drasteet.

Do wier meng Fro am Fong, mat wat gëtt dann elo do um Site gehëtzt herno? Mat wat gëtt déi Hal gehëtzt? Ass dat déi Fernwärme oder ass dat éischter Gas, dat benotzt gëtt? Dann effektiv de Finanzement, do ass et och fir mech net ganz kloer. Ech hat esou verstane wéi wann den Tennisclub géing bezuelen ab deem Moment, wou operabel wier. An da géif et zum Schluss awer der Gemeng gehéieren. An do hunn ech mech gefrot, firwat? Also, firwat gees de als Club hin, dass de eppes bezils, wat där herno u sech net gehéiert? Da wier et jo éischter eng Form vu Loyer, respektiv, dass de herno géings soen, okay, mir deckelen de Bäitrag, deen der leescht, op e gewëssene Montant an dann ass fäerdeg. Ech hunn elo net verstanen, wisou s de am Fong ganz géifs zeréckbezuelen an da géing et där net gehéieren. Quitte dass virdrun e bëssen an Erklärungen erauskomm ass, dass d'Gemeng d'Entretienskäschten an och dat alles géing droen, wat warscheinlech fir de Club och net ze stemme wier, wann et hir Hal wier, mee voilà, do ass mer net ganz kloer, firwat si sech dann iwwerhaapt finanziell dru bedeelegen. Vläicht kënne mer do nach Erklärungen dozou kréien. Op jidde Fall fanne mer de Projet tipp topp a mer wäerten en och matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. An och Merci fir déi Dokumentatioun. Ech fannen déi Hal eng ganz gutt Saach. Des Weidere gi jo och zwee iwwerdeckten Terrainen an déi nei Hal um Kennedy Stadion mat agebaut. Am Total huet eisen Tennisveräin herno dann dräi Méiglechkeeten, wou si och bei schlechtem Wieder problemlos trainéiere kënnen, am Verglach zu aktuell just engem iwwerdeckten Terrain. Wann ee bedenkt, wéi d'Wieder hei zu Lëtzebuerg ass, ass dat net méi wéi gutt. D'Plaz fir d'Bogenhalle gouf jo och gutt erausgesicht. An d'Bereetschaft vum Tennisclub, fir sech finanziell ze bedeelegen, schwätzt jo och fir sech, esou dass ech denken, dass dësem Projet jo dann näischt méi am Wee wäert stoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Meyer.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Bon, mir begréissen d'Realisatioun vun dëser Bogenhalle, well si erméiglecht eebe grad de Sportler a Sportlerinnen, onofhängeg vum Wieder optimal ze trainéieren. Mir sinn och frou, dass eng gutt Alternativ fonnt ginn ass, an dass de Club net muss op Esch goen, wat ech géif katastrophal fannen. An déi Saach do, datt se net kënnen en Double spillen, am Worst case ginn et ganz gutt Vëloshelmer, déi een da géif ubidden, fir datt se sech net de Kapp stoussen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Mir laache grad, mee ech hu virun e puer Deeg ee gesinn, deen huet sech beim Badmintonspillen de Kapp gestouss un engem Poteau. Also, et ass awer net ze spaassen domadder. Also, mir wollten am Fong och just souwuel der Gemeng wéi dem Tennisclub felicitéieren, fir déi gutt Zesummenaarbecht, well mer dat doten einfach e flotte Kompromëss fannen. Ech mengen, d'Gemeng huet immens vill gemaach, fir dem Tennisveräin entgéintzekommen, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, weiderhin hei zu Diddeleng ze trainéieren, wéi och den Här Martini do elo dorobber agaangen ass am Detail. An dass dann de Veräin och vu sech aus selwer seet, dass en do dann sech och wëll engagéieren a sech och finanziell engagéieren, a fir esou e Veräin, ech kennen elo d'Keess vum Tennisveräin net, mee dat ass jo awer schonn en anstännegt Engagement, wat se do vu sech ginn. Dowéinst fanne mer dat doten einfach e ganz positiivt Beispill vun Zesummenaarbecht. Mir hunn dat och elo esou verstanen, dass si eeben, wann et bis fäerdeg ass, dann hoffe mer jo nach, dass en Deel Subsiden drop kommen, wann ech dat richteg verstanen hunn, an dass de Veräin dann e gudden Deel duerno zeréckbezilt an dass en natierlech der Gemeng gehéiert.

Ech mengen, de Veräin huet och elo net esou vill dovunner, den Terrain gehéiert him net an en ass warscheinlech frou, wann d'Gemeng och herno den Entretien mécht, wou mer eis zwar gefrot hunn, ob dat elo esou vill Entretienskäschten herno sinn. Mee ceci dit, fanne mer dat dote wierklech e positiivt Beispill a mir wäerten dat ënnerstëtzen. Ech hat just iergendwou nach gelies, dass jo da soll eng Konventioun awer och geschaf ginn. Do wier et natierlech flott gewiescht, wann ee schonn den Typ vun der Konventioun och elo am Dossier gehat hätt, sachant dass mer nach net genau wësse wat de Montant ass, wat de Veräin herno wäert bezuelen, well mer d'Subsiden nach net kennen, mee dat wär natierlech gutt gewiescht. Mee jo, dovunner ofgesi war et awer ganz komplett den Dossier a mir wäerten dat dote matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, d'Madamm Kayser huet d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Also bei eis an der CSV ass dat och ganz kontrovers diskutéiert ginn. An ech sinn deen, deen dann net Tennis spillt, ech sinn dann de Bad cop, de Good cop, dat ass de Claude Martini. Wéi gesot, eis läit virun allem awer och d'Fro nach um Häerz, wéi gesot, ob d'Gemeng dann eng aner Alternativ virgesinn huet wéinst der Hypo-

thekéierung vun deem Terrain elo. Also, wéi gesot, et war am Ufank esou gesot, fir d'éischt sollten 47 Ar, do wou déi véier Tennisterraine sinn dobaussen, fir de Logement abordable zur Verfügung gestallt ginn. Do gouf dat op d'Hallschent reduzéiert. An ech denken elo komme mer an dem Veräi méi wéi entgéint. Déi kréien net nëmmen zwee Terrainen an der neier Hal, déi gebaut gëtt, mee och nach en drëtten Terrain, deen iwwerdeckt gëtt. Wéi gesot, ech sinn de Bad cop, muss och een déi Roll iwwerhuelen, fannen ech. An dofir ass eebe meng Fro, och un d'Gemeng, wéi gesitt dir dat da lo vir? Dir wësst, e Logement abordable, e grousst Theema, och grad fir d'LSAP, Mamm oh Mamm, mer gesinn dausend Spotten do, wéi wichteg dat ass, an dass d'Gemeng do an hirer Verantwortung ass. An elo opfere mer hei awer en Terrain, deen awer substanziell ass, wou awer och kéint e Logement drop kommen.

Dofir hat d'Bad cop-Fraktioun huet eeben d'Fro gestallt, firwat net awer en Doum, dee kënnt een ofrappen, oder ass awer ugeduecht, dass awer vläicht wa jo d'Bauzäit, wéi mer et deemools gesot kritt hunn, beim Vott den 28. Abrëll 2023, just iwwer zwee Joer géif daueren, dat heescht an zwee Joer, dat heescht zwee Wantere misste mer iwwerbrécken, an dann an zwee Joer wäre jo déi zwee nei Indoor-Terrainen op dem Site vum Stade Kennedy fäerdeg. Firwat ass dann net awer eng Struktur geholl ginn, déi ee kann ofrappen? Oder huet de Schäfferot am Hannerkapp, dass se awer dann herno déi Hal ofrappen, fir dass mer dann awer op de Minimum vun deenen zwee Tennisterraine kommen, déi mer fir den abordabele Wunnraum sollten zur Verfügung stellen?

Wéi gesot, mir sinn all frou mam Tennisclub, mir si frou mat all Sportsclub, mee de soziale Wunnengsbau, den abordabele Wunnraum ass eis awer och en Uleies an, wéi gesot, mir ware schonn net happy, wéi et geheescht huet, mir deelen deen Terrain, also mir huelen nëmmen nach d'Hallschent fir abordabele Wunnraum. Elo gëtt vun där Hallschent nach e Stéck ofgeschnidden. An d'SNHBM kritt dann esou just ënnen dee klengen een Terrain amplaz der zwee. Do si mer net ganz frou. Mee vläicht huet de Schäfferot sech do schonn eppes iwwerluecht, wou mer awer eiser Roll als Bauhär fir abordabele Wunnraum och kënne gerecht ginn. Oder ass et esou ugeduecht, dass herno awer vläicht déi Hal ofgerappt gëtt an dass mer dann op deem, wéi et virgesi war, a wéi och an engem Schema directeur virgesi war, de Wunnraum do, awer den abordabele Wunnraum do kann entstoen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och vun eiser Säit villmools Merci fir déi gutt Dokumentatioun. Mir begréissen natierlech och, datt d'Gemeng den Tennisclub Diddeleng ënnerstëtzt mat deenen neien Infrastrukturen, soudatt d'Spiller weiderhinn d'Méiglechkeet hunn, och bei schlechtem Wieder kënnen Tennis ze spillen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen, dann hätte mer den Tour gemeet. A par rapport zu den Äntwerten hu mer och eng Rollenopdeelung. Den Här Spina mécht dann dee sportlechen Deel an ech maachen dann de Volet ronderëm de Wunnengsbau. Här Spina.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Gutt, da fänken ech emol un. Mir hunn zwee gutt Coppen dann hei sëtzen, déi dann do probéieren, sech dat opzedeelen an ze äntweren. Ah, léif CSV, et ass awer e bëssen einfach, wann ee sech dat esou opdeelt, dann huet een am Fong och alles ofgedeckt an et gëtt ee jiddwerengem en Eizi an ech sinn emol gespaant, wéi Dir dann herno wielt. Ob Dir dann awer och Iech an zwee Clanen andeelt do oder ob Dir e gemeinsame Vote wäert huelen. Et hänkt warscheinlech och vun den Äntwerten of, déi Dir vun eis kritt. Op jidde Fall awer, nee, am grousse Ganzen awer villmools Merci, fir déi flott a konstruktiv Diskussioun. Ech mengen, änlech wéi de Veräin an de Schäfferot an eis Servicer, huet och de Gemengerot sech laang domat ausenanergesat. Dat spiert een hei eraus. An dat ass och de Sënn an Zweck vun esou engem Gemengerot. An ech sinn och frou, dass plus ou moins jiddwereen dat positiv aviséiert, so mer mol zumindest dee sportleche Volet.

Jo, et war effektiv eng Erausfuerderung, well, mir hunn et elo e puermol héieren, et geet praktesch ëm d'Iwwerliewen. Wann een elo zwee Joer keng Léisung fonnt hätt fir de Veräin, do hu si eis wierklech ganz kloer gesot, dann iwwerlieft den Diddelenger Tennisclub dat net, engersäits finanziell, well se vun deene Stonne liewen, déi se eeben an d'Locatioun souzesoe ginn, an anerwäerts se awer och, well, jo, déi Spillerinnen a Spiller, déi kleng Butzen, entweeder zu Diddeleng en anere Sport gesicht hunn, do ginn et jo vill Méiglechkeeten, oder wa se awer mussen sech deplacéieren an och d'Elteren oder wien och ëmmer Zäit fënnt, fir se iwwerhaapt hin- an hierzeféieren, wat jo net evident ass, an der haiteger Zäit, dass een do iwwerhaapt nach Zäit fënnt fir seng Kanner, schrecklech, mee dofir sinn ech frou, dass mer déi Léisung do fonnt hunn, an déi Léisung huet sech och am Dialog erginn, vun Ufank un hu mer net, hate mer déi net wierklech um Radar, kee vun eis, an an deem Fall ass et emol eng Kéier vläicht flott, dass dat sech e bësse gezunn huet, bis mer gemeinsam accouchéiert hunn, géif ech elo hei soen.

An de Veräin huet gesot, déi Plus-value, déi mir herno hunn, dass mir kënne wierklech nach eng zousätzlech Hal weider zur Verfügung stellen, fir kënnen déi Stonnen ze erméiglechen, fir da kënnen och déi Traineren ze finanzéieren an awer eeben och duerch d'Locatioun vill méi Recettë kréien, wéi mer bis elo haten, fanne mer et nëmme fair, dass mer da finanziell der Gemeng eeben do och entgéintkommen, well et fir eis trotz deem wonnerschéine Projet, dee mer ugemoolt haten, elo nach eng grouss Kiischt op dee Kuch do drop ass. An dofir, hu si gesot, mir hëllefen an ënnerstëtze mer, well mer mierken, dass d'Gemeng eeben och hei u seng Limitte geet an och budgetär de Projet Kennedy, fir deen emol esou als Ganzt ze nennen, jo och säi Präis huet. An dofir hu si gesot, mir hëllefe bis zu 10.000 Euro, well et eeben och ëmmer dovunner ofhänkt, wéi hir Situatioun ass a wéi vill Locatioun effektiv dann iwwert d'Joer ka stattfannen. Da kënne si eebe bis zu 10.000 Euro sech bedeelegen.

Wann een dann d'Subsiden ewechrechent, da muss een herno eeben an der Konventioun ausrechnen, wéi laang déi sollt goen. An dofir hu mer nach keng Konventioun, well mer eebe verschidde prezis Donnéeën nach net hunn. Dofir wollte mer dat elo hei net presentéieren. Mir hunn dat awer ugekënnegt, dass dat awer och schrëftlech wäert herno festgehale ginn, an dann hänkt et, wéi gesot, vun deene verschidden Donnéeën of, wéi vill Subside mer kréien, wat iwwerhaapt, well mir musse jo elo eréischt eng Ausschreiwung maachen, wat dat Ganzt dann iwwerhaapt wäert kaschten. Mir hoffen, dass mer dann ënnert deenen 300.000 Euro wäerte bleiwen.

An da kann een eréischt, wann déi néideg Donnéeën huet, d'Konventioun, eeben och finaliséieren. Voilà, also dofir hei déi aussergewéinlech Situatioun, dass de Veräin gesot huet, mir kënnen eis hei dru bedeelegen, wat den Entretien, wéi grouss dee wäert ginn, dat muss een da gesinn, ubelaangt, wäerte mir als Gemeng natierlech dofir suergen. A mir sinn och weiderhin, oder wäerten och da Proprietär vun dëser Hal bleiwen. Voilà, déi aussergewéinlechst finanziell Situatioun ass, well si duerch déi doten Hal kënnen zousätzlech Recettë regeneréieren. An dofir hu si gesot, géife si sech eebe finanziell bedeelegen, wat e bëssen exceptionell ass. Dat emol fir de sportlechen Deel. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina. An da ginn ech vläicht nach op de Volet an, wat de Logement abordable ugeet. Also, et huet elo hei esou geklongen, wéi wann de Projet net géif stattfannen oder a Fro gestallt wär. Ben, dat ass net de Fall. De Projet ronderëm de Logement abordable ass éischtens net a Fro gestallt. Zweetens, dat hu mer jo och gekuckt, an d'SNHBM schafft jo schonn um Projet, de Potentiel constructible mat engem Terrain 3 respektiv och ouni Terrain 3 ass dee selwechten. Hei gi mer Richtung, dass mindestens siechzéng Unitéiten, an dat ass net näischt, siechzéng Unitéiten um Niveau vum Logement abordable och entstoe kënnen. A wéi gesot, d'SNHBM schafft drop, ech mengen, wann deen heite Projet bis ëmgesat ass, musse mer deen doten Deel jo och nach deementspriechend, well dann ass et en Tennisterrain, ëmklasséieren, fir dass dann och effektiv déi dote Baulück kann zougemeet och ginn, fir de Logement abordable do ze maachen. Also, de Projet en tant que tel ass net a Fro gestallt. Do wäerte mer och weider eis Responsabilitéit iwwerhuelen, souwéi mir dat och bei anere Projete maache ronderëm de Logement abordable. Voilà.
De Paul Kousmann wollt och nach e puer Saache soen.

PAUL KOUSMANN (PROJETSMANAGER BEI DER STAD DIDDELENG): Jo, ech géif nach d'Fro beäntwere mam Gas - a mam Fernwärmeuschloss. Also, mir hunn an der John F. Kennedy Strooss Fernwärme leien. Et ass awer esou, nodeems mer d'Recherchë gemaach hu mam Air Dome, si bidden et net all un. Dat heescht, mir musse jo an eng Ausschreiwung goen a kucke wéi mer elo do virufueren. Dat heescht, ech kann elo net verspriechen, datt ech soe mir maache Fernwärme, mir maache Gas. Wat awer och ass, mat der Fernwärme schonn, also mam Air Dome hat ech gefrot a getest an do ass de Coût schonn héich, fir deen Ëmbau ze maachen, dass deen dat kann, dat ass e bësse méi deier. Mee mir probéieren. Wa se et awer leider net ubidden, da sinn eis natierlech d'Hänn gebonnen. D'Zil ass et, dass mer Fernwärme hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci, d'Madamm Mambourg.

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER STAD DIDDELENG): Et ass just esou, datt den Terrain haut schonn eng BEP ass. Dat heescht, mir brauche keng Ëmklasséierung. Dat heescht, dat geet hei séier, mir brauchen elo net nach eng Kéier, mir haten et schonn eng Kéier ëmklasséiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat heescht, mir brauche keng Ëmklasséierung. Genau, genau. Dat ass richteg, genau. Dat heescht, dat geet dat séier an do kënne mer jo e Logement abordable drop maachen. Dat hate mer och esou festgehal gehat am PAG. Voilà, domat hätte mer alleguerten d'Froe beäntwert. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Devis estimatif averstanen? ***Dat ass unanime.*** Wien ass mam Crédit extraordinaire spécial averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Ech soen Iech villmools Merci. An da gi mer eriwwer bei de Renouvellement effectif vun enger Waasserleitung zum Weich-Reservoir an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**4.2. Approbatioun vum Devis fir d'Erneierung vun der Drénkwaasserzouleitung zum Weich-Reservoir**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. Wie vill Tennis spillt, dee muss vill Waasser drénken an dofir ass dat nächsten Devis vun 200.000 Euro fir eng Haaptdrénkwaasserleitung vum Basseng Weich, déi eisen Drénkwaasserreseau dann och alimentéiert. D'Leitung, déi gëtt wéinst dem Alter, se ass vun 1983, dat ass ganz laang fir eng Waasserleitung, duerch eng mat engem méi groussen Duerchmiesser och ersat. An si muss och en aneren Tracé kréien. Et war e Plang an Ärem Dossier dobäi an och eng kleng Erklärung, mee wat Iech sécherlech interesséiert ass, wou muss elo nach opgerappt ginn, fir dat dote kënnen ze realiséieren. Ma um Enn vun der Rue Jean Friedrich bis erop bei d'Kräizung bei d'Scouten, do gëtt awer just eng Tranchée gemaach an duerno gëtt déi natierlech erëm propper mat Makadamm zougemaach. De Rescht vun der Friedrich Strooss, déi gëtt natierlech net méi opgerappt, well d'Leitung ass schonn 2021 nei geluecht ginn, wou mer déi Strooss reamenagéiert haten, wou mer do geschafft hunn also.

De genauen Tracé de Bierg erop, dee musse mer allerdéngs nach eng Kéier mam Fierschter kucken, mee mir wäerten eis warscheinlech ganz riets an d'Strooss leeën, fir datt d'Scouten och ëmmer eropkommen a virun allem awer och, fir datt mir ëmmer bei eise Baseng kommen. Falls do e Problem wär, muss dat natierlech ëmmer accessibel bleiwen. An der Rue Tattebierg vun der Rue de la Tour bis op Héicht vun der Rue Jean Friedrich, do maache mer mat der Post mat. Dir wësst, datt déi do amgaange sinn, Glasfaser ze leeën an dat gëtt natierlech ganz an den Trottoir geluecht, soudatt mer do näischt méi mussen oprappen. Voilà, dat war et zu den Erklärunge vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Si Remarken oder Fro dozou? Dass ass net de Fall. Kënne mer dann hei iwwert den Devis estimatif ofstëmmen. Wien ass et dofir? Dat ass unanime. Da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer eriwwer op Butschebuerg an d'Schoul. D'Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

**4.3. Approbatioun vum Devis fir den Austausch vun den Urinalen an der Schoul Butschebuerg**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Ech fueren da weider: Wie vill Waasser drénkt, dee muss vill op d'Toilette goen. Voilà, nee, d'Geck an den Eck. Mir hunn hei den Devis estimatif virleien, fir zu Butschebuerg d'Pissoiren ze ersetzen. Mir hunn iwwer Joren do scho Problemer och mam Geroch gehat. Dat kënnt doduerjer, datt d'Pente eigentlech net géi genuch war an datt déi elo muss ganz erneiert ginn, dee ganze Reseau vun deenen Toiletten, fir datt d'Waasser besser ofleeft an net méi stoe bleift. Säit leschtem Joer sinn d'Pissoiren zou. Dat heescht, déi hunn net méi funktionéiert. Mir géifen elo ufänke mat dësen Aarbechten an der Vakanz. Dir hutt och d'Erklärung vum Här Freitas do virleien. Mir géifen an engems awer och d'Plaffonge fräschmaachen an och Plättercher ersetzen, déi futti sinn an dann un der Ventilatioun schaffen. Déi nei Pissoiren, déi installéiert ginn, déi brauchen och net méi esou vill Waasser. Also och dat ass eppes, wat technesch op héijen Niveau ass. An duerfir géife mer Iech bieden, deen Devis hei matzestëmmen, fir datt mer dës Aarbechte kënnen ufänken. An déi wären an der November-Vakanz fäerdeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, si Remarken oder Froen dozou? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mir hunn ëmmer rieds gehat, Dir wësst et och, ass Urinoire, ass dat nach hautzedaags zäitgeméiss? Mer haten déi Diskussioun schonn a mer schwätze vun Gender neutral education, LGBTQI an esou weider, Egalitéiten, ass dat nach zäitgeméiss? Dat ass just eng Fro, déi ech an de Raum stellen, voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, nach Reaktiounen dodrop? D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, also ech ka ganz kloer dorobber äntweren. Meng Meenung war jo och, och elo bei der Diskussioun am Ministère, déi mer haten, fir keng Pissoire méi ze installéieren. Och an der neier Schoul Baltzeng war dat elo schonn an der Planung, mir installéiere keng Pissoire méi. Elo ass et awer esou, datt déi Toiletten net nëmme genotzt gi wärend der Schoulzäit. Dat heescht, et kënnt moies d'Botzfra, déi botzt déi Toiletten oder Pissoiren an da geschitt näischt méi bis owes. A ganz éierlech, an deem Alter, do leeft net jiddweree mat enger Botzlomp ronderëm an dann ass dat net hygieenesch. Duerfir hu mer decidéiert, awer nach Pissoiren ze maachen, esou mann ewéi méiglech, well mir sinn do enger Meenung, mee ech verstinn awer och d'Leit, déi déi Toilette musse benotzen, wann do vu moies bis owes net gebotzt gëtt, dat ass wierklech net hygiènesch. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

**4.4. Approbatioun vun der Résiliation à l'amiable vum Bail comMercial mat der Firma DG Habitat S.A. fir de Geschäftsraum op 14-16, Rue de la Libération**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann den nächste Punkt, dat ass d'Résiliation à l'amiable vun engem Contrat de bail vun engem Local commercial op Nummer 14 bis 16 an der Rue de la Libération. Dat heiten ass dat Gebai, wou mer als Gemeng gelount hunn, respektiv dann och eng Souslocatioun gemaach hunn. Dir kënnt Iech erënneren, et ass dat Lokal, wou OUNI dra war, déi jo eng Faillite gemaach hunn, et ass dat Gebai, wou och duerno CO-LABOR dra war. An et ass elo nach ëmmer dat Gebai, wou deemnächst den SNJ e Projet wäert ëmsetzen, also de Service national de la Jeunesse, also de staatleche Service, effektiv mat Jonker vu 16 bis 30 Joer, déi net méi am Schoulsystem dra sinn. Hei war och deen ausdréckleche Wonsch, an net nëmmen eisen, mee och dee vum SNJ, dann aus deem Kontrakt erauszeklammen, respektiv, dass si direkt mam Proprietär, mat DG Habitat, wéi gesot, dann deen neie Projet do kënnen ëmsetzen.

An dofir maache mer hei eng Résiliation à l'amiable. Voilà, mir si jo do Locataire säit 2019 a mir sinn eis hei mam Proprietär eens ginn. Ech muss soen, an där genereller Approche, déi mer jo hunn, fir mol Geschäftslokaler unzelounen, respektiv dann och weiderzeverlounen, datt hei jo ee Proprietär war, deen eis och präislech immens staark entgéint komm ass, wat d'Locatioun ugeet an och am Interêt vun der Stad Diddeleng geschafft huet. Wéi gesot, dann ass hei dann och am selwechten État d'esprit déi Résiliation à l'amiable, fir dass den SNJ deemnächst säi Projet do kann ëmsetzen. Voilà, dat als Erklärungen zu der Résiliation à l'amiable. Si Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, inhaltlech hu mer keng Froen, mee formal hätt ech just eng Fro, well Dir hutt elo gesot, wann den SNJ dann duerno spéiderhin eng Kéier kann erakommen. Mee reng theoretesch ass den SNJ jo scho säit dräi Wochen dobannen, also säit dem 1. Juli. Mir sinn elo den 18. Juli an ech hu gesinn, d'Resiliatioun ass de 6. Juni ënnerschriwwe ginn. A mir hunn eis einfach gefrot, firwat dat net schonn am leschte Gemengerot war, well da wäre mer jo vill méi propper gewiescht. Dann hätte mer nämlech nach am Juni kënnen dat dote stëmmen. An elo stëmme mer et den 18.Juli, wou et eigentlech schonn total moutarde après dîner ass, well mer hunn op den 30. Juni gekënnegt. A säit dem 1. Juli ass den SNJ dobannen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bon, ech äntweren Iech dodrop. Den SNJ ass dran, mee en ass nach net operationell. Ech mengen, hien huet d'Lokal zur Verfügung gestallt kritt, fir dass se hir Aarbechte kënne

maachen, well se Ëmbauaarbechte musse maachen. Dat heescht, mir waren eis eens, quitte dass mir nach Locataire sinn. Éischtens mussen och soen, dass de Projet vum SNJ e bësse Verspéidung kritt huet par rapport zum initiale Projet, wou vun hinne geplangt war, se wollte scho vill éischter ufänken. Dat ass deen een Deel. An deen aneren Deel ass, mir waren eis eens, dass mer hei, wéi gesot, erausginn, waren eis awer och eens, dass se schonn awer kéinten d'Lokal notzen, well se eng Rei Ëmbauaarbechte musse maachen. Voilà, dofir ass dat och elo eréischt, wéi gesot, et ass näischt elo vu schlechtem Wëllen, dass mer dat net am viregte Gemengerot haten. Voilà, kënne mer iwwert déi Résiliation à l'ambiable ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci, da komme mer zum nächste Punkt.

**4.5. Approbatioun vum 2. Avenant zum Bail fir de Betrib vun der Snackbar am Mayrisch-Park**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm den zweeten Avenant vum Contrat de bail mat der Buvette am Mayrisch Park. Dat heiten ass den zweeten Avenant, wéi gesot, dee mer hunn, mat dem Här Lequy a mat der Madamm Slimani, déi effektiv Societéit Ita-flex Sàrl. Wéi gesot, den Här Lequy ass de Gérant administrateur, Madamm Slimani, asss Gérante technique. Hei geet et drëms, de Contrat de bail,- wéi gesot, mir si Proprietär vun der Buvette- ze verlängeren ëm weider dräi Joer, also fir d'Joren 2025, 2026 an 2027. De Loyer ass 470 Euro de Mount an ass un den Index gebonnen an d'Exploitatioun vun der Buvette ass vum 1. Februar bis den 30. November, wéi gesot, vun zéng Auer moies bis aacht Auer owes. Et kann och emol eng Derogatioun accordéiert ginn, bis 22.00 Auer, also bis zéng Auer owes.

Dat heiten ass also eng eent zu eent Weiderféierung par rapport zum viregte Kontrakt. Ech mengen ech, datt hei eng Gestioun ass, déi ganz gutt fonctionéiert an engem Park, deen eng ganz eng grouss Unerkennung huet, wou ganz vill Leit sinn. Also mengen ech, dass et gutt ass, dass mer hei dat dann och kënnen an deem Sënn weiderféieren. Dat als Erklärungen dozou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Also u sech ass et- wann een elo den Text genau kuckt- keng eent zu eent Prolongatioun, et ass och keen Avenant, well mir hunn hei e komplett aneren Utilisateur. Déi éischt zwee, den éischte Kontrakt den 3. Dezember 2018 an dann och den éischten Avenant de 6. Oktober 2021 hu mer mam Här Christophe Lequy en personne gemaach. An elo maache mer hei en Avenant, entre guillemets, wat an eisen Ae keen Avenant ass, e Kontrakt mat enger Societéit, déi Ita-flex Sàrl. Heescht. Och wann do den Här Lequy mat dran ass, ass dat awer en anere Cas de figure. An dann ass meng Fro, ob mer et dann net hätte missen nei ausschreiwen, well mer eeben net en Avenant maachen ënnert där selwechter Prämiss, well ech mengen et ass jo awer en interessante Site, déi Buvette am Mayrisch Park, déi ass op nodeem et am Ufank nëmme vum 1. Abrëll bis den 31. Oktober op war, dat ware siwe Méint, hu mer do am éischten Avenant 2021 d'Ouvertureszäit verännert, vum 1. Februar bis den 30. November, dat sinn zéng Méint, an do wäre sécher och vläicht nach aner Societéiten vläicht interesséiert gewiescht oder an aner Associatiounen oder aner Restaurateuren interesséiert gewiescht, fir dat do ze iwwerhuelen.

An ech gouf och vu baussen dorop higewisen, firwat ass dat net offiziell nach eng Kéier ausgeschriwwe ginn, nei ausgeschriwwe ginn, a firwat ass automatesch eng Prolongatioun gemaach ginn, fir eng Firma, déi am Fong den Déngen iwwerholl huet vum Här Lequy. Déi Societéit huet de Kontrakt iwwerholl. A voilà, dorobber wéilte mer gären eng Äntwert hunn, well ech wëll awer absolut net a Fro stellen, dass den Här Lequy a seng Mannschaft déi Buvette exemplaresch féiert. Et ass eng Plus-value fir de Park. Mee, wéi gesot, mir hunn och vläicht nach aner Interessenten. Esou eng Buvette, déi kann zéng Méint am Joer op sinn, dat ass jo awer en interessante Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Sinn nach weider Froen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, do géif ech am Fong op dat Schlusswuert am Fong uknäppen. Mir fannen och, dass déi Buvette exzellent gefouert ass an et huet jo och guer keng Problemer domat. Mir hunn allerdéngs eis d'Fro gestallt, well mer och d'Fro deemools haten, mat der Buvette an der Schwämm, vum Choix vun de Produiten an der Buvette. Ech mengen, et ass e Gemengelokal an do hu mer eis gefrot, ob de Schäfferot do dem Bedreiwer am Fong fräi Hand driwwer léisst, wat do ugebuede gëtt, ob Zero Waste, Bio, Fairtrade, lokal, saisonal Produiten, ob dat en Theema ass, wann der déi dote Saachen ausschafft. Well och de Zero Waste beispillsweis, do wësse mer ganz prezis vun de Granitasbecheren an de Plastikstute vun de Kamellen, wa mer dann zweehonnert Meter weider eng Anti-Littering-Campagne maachen iwwert d'Zero-Mégoten, da widderschwätzt sech dat e bëssen, wann een dat als Gesamtpark kuckt. An do hu mer eis gefrot, ob et net en Hiewel ass, wann een nach eng Kéier bei esou engem Kontrakt sëtzt, fir do vläicht eng Kéier ze soen, hei mir als Gemeng, mir insistéieren awer drop, dass do Biofairtrade a Zero Waste einfach de Standard ass an eise Lokalitéiten. Dat einfach als Fro nach zu deene Gespréicher, déi Dir bestëmmt hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Genau, och vun eiser Säit aus, also d'Buvette ass effektiv immens flott an immens gutt geréiert. Ech mengen, dat stellt heibanne keen a Fro, dat fonctionéiert wierklech gutt. An et gesäit ee jo och virun allem, also soubal gutt Wieder ass, huet de Park an och d'Buvette e grousse Succès. Mir hunn eis allerdéngs déi selwecht Fro gestallt wéi d'CSV, ob dat iwwerhaapt esou machbar ass, fir einfach en Avenant ze maachen op eng nei Societéit, déi virdrun de Kontrakt net hat. An dann hu mer eis nach eng aner Fro gestallt. Et steet dran, dass de Loyer op 473 Euro festgeluecht an indexéiert ass. Mee déi 473 Euro, dat sinn nach déi vum éischte Kontrakt eigentlech, dat heescht vun 2018-2019. Reng theoreetesch verweist den Avenant jo warscheinlech ëmmer op den éischten Da-

tum vum éischte Kontrakt. Mee mir hunn eis gefrot, ob net einfach eng Kéier de Loyer och kéint am Avenant ugepasst ginn, well mir haten eng Rei Indextranchen tëschent 2019 an haut, ob dat net och vläicht eng Kéier misst dann ugepasst ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma. Sinn nach weider Stellungnamen? Här Meyer.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, ech hale mech och ganz kuerz. Wéi dat Dokument do online un eis verdeelt gouf, ass e Bierger bei mech komm, dee gesot huet, hien hätt mam Christophe Lequy geschwat an deen hätt matgedeelt, hie géif ophalen. An dofir sinn ech och elo e bëssen erstaunt, dass hei elo en neie Proprietär ass, wou hien zwar mat dran ass, mee d'Fro ass natierlech och zu wéi vill Prozent ass hien do mat dran? An et wär dann awer mol interessant, dat gewuer ze ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ginn et nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da géif ech probéieren ze äntweren. Ech fänke mam Här Meyer un. Déi Informatioun, déi Dir hutt, déi hat op alle Fall den Här Lequy net mat mir, ganz au contraire. Dofir, wéi gesot, et kann net sinn, dass wann ee vun engem Bierger eppes gesot kritt, dass dat elo generell esou ass, well, mengen ech, en vue heivunner, kann een dat generaliséieren. Ech hat selwer d'Diskussioun mam Här Lequy, an deen huet mer ze verstoe ginn, dass hien net wéilt ophalen, au contraire, dass hien et wéilt weiderféieren, mee dass hien sech aneschters wéilt eebe constituéieren. Net, wéi gesot, en nom propre, mee eeben iwwert eng Societéit, fir dat och deementspriechend méi och propper ze maachen. Wéi vill Parten hien dran huet, dat weess ech net. Et muss eis och am Fong och egal sinn, well dat ass, mengen ech, net Partie intégrante hei, ob dat elo 50/50 ass oder 20/80 oder 30/70. Ech mengen, dat ass elo hei net wichteg.

Ech sinn net domat averstanen, dass en hei hätt missen en neie Kontrakt, maachen, och dat hate mer diskutéiert, well hien ass jo selwer nach an der Societéit dran. Wann hei eng komplett aner Societéit gewiescht wär, wou hien net méi dra gewiescht wär, wou komplett nei Leit gewiescht wären, dann hätt ee missen natierlech en neie Contrat de bail maachen. An do wär ech och ganz bei Iech gewiescht. Mee hei, mengen ech, déi nei Societéit, dat ass eng nei Forme juridique, déi hei entsteet, wou hien awer nach mat dran ass. Et ass jo net komplett friem par rapport zum Objet an och par rapport zum Kontrakt. A wéi gesot, natierlech kann ee bei enger nächster Adaptatioun och nach eng Kéier iwwert de Loyer kucken.

Dat, wat den Här Steffen gesot huet, also och dat si Saachen, déi mer och un hien erugedroen hunn, dass hien do eng gewësse Sensibilitéit soll hunn, an déi huet en och schonn. Et ass jo net, dass en net näischt do géif ubidden, déi awer an déi dote Richtung och ginn. Et sinn och Saachen, déi net klassesch an deem Rayon sinn, dat wësse mer och, mee mir hunn awer och do an deem Sënn weider sensibiliséiert. Och dat alles war eis wichteg, e bëssen an deem selwechten État d'esprit wéi bei der oppener Schwämm. Voilà, ech mengen ech hätt probéiert, op alleguerten d'Froen ze äntweren an da géif proposéieren, dass mer géifen driwwer ofstëmmen. Wien ass hei mat deem zweeten Avenant averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci a mir ginn op deen nächste Punkt iwwer.

### 4.6. Approbatioun vum Haaptsteierbescheed fir d'Hondssteier fir d'Geschäftsjoer 2025

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Deen nächste Punkt, dat ass eis Hondstax. Dat ass den Rôle principal fir d'Joer 2025. Do hutt Der gesinn, dat ass fir den Exercice 2025 fir den Rôle principal, dass mer do eng Recette hu vun 53.025 Euro. Wëssend, dass d'Tax 35 Euro ass, sinn dat 1.515 Hënn, wat elo mol de Rôle principal fir d'Joer 2025 ugeet. An Dir wësst, dass mer hir nach eng Kéier nokomme mam Rôle supplétif zu engem spéidere Moment.

CLAUDE MARTINI (CSV): Jo, mir haten eis do e bëssen ugekuckt an, also ganz perséinlech, an och, also parteiintern, misst een da vläicht awer eng Kéier e bëssen iwwerdenken, wéi déi Taxen do opgestallt sinn an och fir d'Läit, déi Hënn deklaréieren. Et si 5.000 Euro manner par rapport zum Joer vu virdrun, an ech weess awer och, dass zum Beispill d'Verständnis an der Bevëlkerung net genau esou ass, wéi een den Hond soll umellen. Et sinn zum Beispill Leit, déi haten en Hond, dann ass den Hond gestuerwen, si kruten en neien Hond a si hunn d'Tax einfach weiderlafe gelooss, zum Beispill. An da wossten se net, dass se missen deen Hond nach eng Kéier nei umellen, well se d'Tax souwisou bezuelt hunn. An, jo, ech mengen, dass mer vill méi Hënn zu Diddeleng hunn, wéi déi, wou hei drop stinn.

An ech sinn awer och der Meenung, dass hei nach, jo, dass déi Hënn, déi wou d'Leit wou eng Tax bezuelen, dass dat warscheinlech och bei ville Leit emol guer net méi deen Hond ass, deen se aktuell hunn, mee dass dat warscheinlech och eng Tax ass, déi se ëmmer weider bezuelt hunn, well se souwisou ëmmer een Hond haten. Ech wollt dat just nach eng Kéier esou an de Raum eraginn, dass een dat Ganzt hei awer eng Kéier e bësse kann iwwerdenken, well fréier war et esou, do has de jo dee wou d'Vollekszielung gemaach huet, an dat gëtt et jo säit e puer Joer net méi. An ech mengen, dass vun deem Moment un eng Defaillance am System awer dran ass, well et mierkt jo och kee Mënsch, wann s de däin Hond ugemellt hues oder net, also et mierkt kee Mënsch an et gëtt och néierens kontrolléiert an ech géif dann do awer vläicht iergendwann eng Kéier eng Amelioratioun proposéieren. Voilà, dat war eis e klenge Bäitrag dozou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini, fir Äre Bäitrag.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci, Här Martini. Ech fannen déi Iddi ganz gutt. Als Hondsbesëtzerin sinn ech och souguer fir d'Erweiderung op d'Kazen. Mee bon, dat ass en aneren Debat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, fir och déi dote Contributioun. Bon, mir beweegen eis hei am Kader vum Hondsgesetz, dat eng Rei Parametere

setzt. Also, dass ee vläicht de Leit d'Informatioun ka ginn, dass se den Hond dann eng Kéier mussen umellen, wann een Hond stierft an si sech en neien uschafen. Ech mengen, dat kann ee ganz gären eise Service de la population weiderginn, well et si jo si sinn, déi sech dorëms bekëmmeren. Ech kennen awer och Leit, déi absolut de Reflex haten, wéi een den Hond gestuerwen ass, fir en neien Hond unzemellen. Och do soll een net no een, zwee Fäll, wou un een erugedroe ginn, generaliséieren, wéi wann et d'office esou de Fall wär.

Ech maachen hei déi selwecht Remark, déi ech virdrun dem Här Meyer gemaach hunn, dass een ee Fall huet an dann esou statuéiert, vum Héieresoen, dass et d'office esou wär, well dat ass net de Fall. Mee weider Informatioune ginn oder Informatioune preziséieren, dat kann ee sécherlech maachen an et kann een net doraus schléissen, dass eng Defaillance dann och automatesch am System ass. D'Gesetz gesäit vir, dass en Hond muss ugemellt sinn an d'Kontrollen, déi ginn och deelweis gemaach vun eisem Bannhidder, vun eisem Garde-champêtre, am Kader och ebe vun den Attributiounen, déi hien huet, respektiv och am Kader vum Hondsgesetz. Ze soen, dass et elo, par rapport zum Joer virdru manner ass, dat ass, well de Rôle principal, et muss ee jo och do d'Gesamtvue herno och kucken. Dofir hunn ech virdru gesot, et kënnt jo nach de Rôle supplétif dobäi. Wat ech op alle Fall hei ka soen, iwwert déi lescht Joren huet d'Zuel vun den Hondsbesëtzer kontinuéierlech hei zu Diddeleng zougeholl. Dat heescht och, well dat weist jo dann och, dass wann d'Hënn zouhuelen, d'Leit och de Reflex hunn, déi Demarchen ze maache beim Büro de la Population, fir en och unzemellen.

Also ass keng Defaillance am System, sou wéi dat hei erugedroe ginn ass, soss misste jo déi Chifferen do carrement erofgoen, aat jo awer net de Fall ass. Also wéi gesot, et soll een net aus een, zwee Fäll generaliséieren an dann hei soen, dass de System defaillant ass. Wéi gesot, wann de Rôle supplétif bis dobäi ass, dann huet een och en Endresultat. Mee op alle Fall d'Zuel vun den Hënn hëlt kontinuéierlech zou hei zu Diddeleng, wat dann och an deem Sënn positiv ass. Voilà. Dëst gesot, géif ech awer da proposéieren, dass mer iwwert de Rôle principal hei emol, wat d'Joer 2025 ass, géifen ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech och do villmools Merci. Da komme mer zum nächste Punkt, de Punkte 4.7.

**4.7. Provisoresch Approbatioun vum Verwaltungskont fir d'Geschäftsjoer 2023 an Approbatioun vun der Stellungnam vum Buergermeeschter a Schäfferot zum Rapport iwwer d'Iwwerpréiwe vum Verwaltungskont fir d'Geschäftsjoer 2023 vum Service fir d'Kontroll vun der kommunaler Comptabilitéit vum Innenministère**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëst ass e Punkt, dee mer am leschte Gemengerot haten. Dat war den Approbation provisoire vum Compte administratif vum Joer 2023, wou mer festgehalen haten, dass mer en haut nach eng Kéier op den Ordre du jour setzen, mee keng Diskussioun méi driwwer féieren, well mer déi am leschte Gemengerot haten, mee dass mer just de Vott nach eng Kéier misste widderhuelen.

Firwat musse mer de Vott widderhuelen? Well mer eng Pattsituatioun haten, well beim Vott net jiddereen heibanne war. A wéi gesot, wann eng Pattsituatioun ass, da gesäit den Artikel 19 vum Gemengegesetz vir beim Partage des voix, dass am Fong de Punkt rapportéiert muss ginn op den nächste Gemengerot. Dat maache mer och hei, fir dann och erëm e formelle Vott och kënnen ze huelen, wat d'Approbation provisoire vum Compte administratif ugeet. Deen anere Kont, deen de Receveur jo erstellt, do ware mer jo erëm komplett, dee brauche mer net nach eng Kéier op den Ordre du jour ze hunn. Hei ass am Fong just dann dee Compte administratif, dee vum Schäfferot presentéiert an och erstallt gëtt. Voilà, dat nach eng Kéier e bëssen de formale Kader.

***Dofir géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Compte administratif averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP. Wien ass dergéint? Dat sinn déi Gréng, d'DP, déi Lénk an d'CSV. Wien enthält sech? Den ADR.***

Villmools Merci dofir, da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

**4.8. Zoudeele vun uerdentleche Subsiden u lokal Clibb an Associatiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt hate mer och déi leschte Kéier um Ordre du jour, deen hat mer och op dësen Ordre du jour gesat, fir nach eng Rei Froen, déi am Raum stoungen, wat d'Calculen ugeet, wat d'Subsiden un d'Sportsveräiner ugeet, fir déi nach eng Kéier méi kloer ze beliichten. Dofir begréissen ech och an eiser Ronn de Chef vun eisem Service Comptabilité, de Pascal Poull. An ech ginn dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Effektiv, d'Diskussioun war jo grosso modo ganz positiv am leschte Gemengerot, mee wou et herno drëm gaang ass, fir déi verschidde Chifferen auszebezuelen, ass opgefall, dass net all Chiffer korrekt war. Deementspriechend hu mer gesot, well awer all Veräi soll dat kréien, wat him zousteet, hu mer dat nach eng Kéier matgeholl a mir hunn déi Saachen nach eng Kéier iwwerpréift an nogerechent zweemol. An et ass opgefall, dass et effektiv véier Veräiner waren, wou de Calcul schif gelaf ass, fir se elo emol eng Kéier kuerz hei ze nennen. D'Amici Vespa, déi kréien dann elo, wéi Dir vläicht am Dossier verglach hutt, 500 Euro amplaz 200 Euro. D'Wild Ducks, déi komme vun 180 op 300 Euro. De Cantus Gaudium kënnt vun 395 op 475 Euro. An d'Amiperas, do geet et vun 810 op 675 Euro. Ech mengen, dofir war et scho wichteg, deen Exercice nach eng Kéier ze maachen, dass mer déi véier Veräiner do konnten indemniséieren, bezéiungsweis de Subsid ginn, dee se dann och laut dem Reglement zegutt hunn.

Ech géing awer vläicht nach eng Kéier d'Beispill vum Taekwondo opgräifen, wou d'Madamm Kayser och am leschte Gemengerot erwäänt hat. Vläicht eng kuerz Erklärung, firwat deen awer richteg ass, éier de Pascal Poull nach eng Kéier probéiert ze erklären, firwat mer eis eebe mat deene véier Chiffere geiert hunn. Also, den Taekwondo, deen hat

als Subsid vum Joer virdrun 355 Euro kritt. Laut der Formule hätt en dëst Joer 768 Euro zegutt. An dofir warscheinlech huet d'Madamm Kayser gemengt, dass en dann eebe falsch do géif stoe mam Chiffer. Mir hunn awer nach déi Reegel, dass een net méi wéi 20 % méi oder manner wéi d'Joer virdru soll kréien, aus der Iddi eraus, dass de Veräin eng gewësse Planungssécherheet huet, dat ass och esou wéi dat an eisen Dokumenter ass, an dofir hätt e 426 Euro zegutt. Well mer dann awer ëmmer den nächsten Arrondi op 0 an op 5 héijen, fält dann eeben hei mat 430 de Subsid aus fir den Taekwondo. Dofir war dat Beispill, wat Dir erwäänt hat, awer richteg am Dokument. Fir déi aner Erklärungen, dat ass da vläicht de Pascal Poull, dee probéiert dat elo esou verständlech ze maachen, dass mir et och alleguerte verstinn.

PASCAL POULL (CHEF VUM SERVICE COMPTABILITÉ VUN DER GEMENG DIDDELENG): Schéine gudde Moien alleguerten. Majo, ech mengen de Loris Spina huet elo scho ganz vill gesot zu där doter Saach. Et war en Retour komm am leschte Gemengerot vun iwwer 20 Subsiden, déi et richteg wieren. Effektiv huet dat seng Ursaach, engersäits un de Plaffonge vun 20 %, un de generelle Plaffongen, déi mer an de Subsiden hunn an eeben och mam Arrondi. Bon, d'Erklärunge sinn elo ginn déi véier Subsiden, déi falsch sinn. Et ass effektiv esou, deen Excel-Tableau hu mer virun eelef Joer opgebaut an déi beinhalt e puer Fënsteren. Déi éischt Fënster ass d'Input-Fënster, wou mer eis Donnéeën eraginn. Déi Fënster, déi kontrolléieren ech all Joer zweemol, dat heescht, do sinn d'Donnéeë wuel richteg gewiescht. An dann hu mer déi Haaptfënster, wou eigentlech déi sämtlech Calcule gemaach ginn. Do si Formelen dran an déi Formele sinn an der Reegel geschützt. Et ass awer esou, dass mer elo no zéng Joer hat ech u sech d'Decisioun geholl, well mer ganz vill Veräiner hunn, déi da keng Demande méi eraginn hunn, anerer, déi bäikomm sinn, fir d'Dokument u sech ze iwwerschaffen.

Mir haten eidel Felder an do ass et mer effektiv geschitt, dass bei deenen dräi genannte Veräiner, wou ech Felder ewechgeholl hunn, huet den Excel mer op Niveau vum Membre actif d'Formel falsch gerechent. A bei engem anere Veräin, do war et effektiv souguer esou, dass d'Feld eidel war. Do sinn ech warscheinlech derwidder komm, dass ech d'Feld geläscht hunn an, voilà, do hunn ech d'Felder nees u sech geschützt. An doduerch, dass et just ee Feld war, ass et mer herno net opgefall. Dat heesch,t den Input, dee kontrolléieren ech zweemol. An dat, wat herno erauskënnt, deen drëtte Schierm, wou dann och d'Opdeelung op d'Budgetsartikele gemaach gëtt an d'Arrondie gemaach ginn, do ass mer effektiv net opgefall, dass d'Differenz esou grouss war. Et huet och domat ze dinn, dass et nei Veräiner waren, elo bei zwee Stéck, soss wär et mer effektiv opgefall. Voilà, dat ass u sech d'Ursaach, firwat et schif gaang ass dëst Joer, well ech elo no zéng Joer decidéiert hunn, den Tableau ze iwwerschaffen an do muss een nu mol de Schutz vun de Makroen a vun de Formelen ophiewen an do ass déi Saach geschitt. Voilà. All d'Formele sinn elo kontrolléiert, all d'Felder si kontrolléiert, dat heescht, vun dohier si mer elo nees gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Pascal Poull fir déi doten Erklärung, Erklärungen. D'Diskussioun ass op.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Okay, ech wollt elo d'Madamm Kayser am Fong virschwätze loossen, well d'lescht Kéier hat ech schonn als éischte geschwat an dunn hunn ech erëm missen zeréckrudderen, well si mech iwwerzeegt hat, dass nach Feeler am Tableau stoungen. Op jidde Fall soen ech Merci fir d'Wuert an och Merci fir déi ugepassten Dokumentatioun zu dësem Punkt. Ech widderhuelen och elo net all d'Mercien un d'Clibb, dat hat ech déi leschte Kéier scho gemaach, ma ech wéilt awer nach eemol d'Occasioun huelen, einfach fir mäi Wonsch nach eng Kéier ze rappeléieren, sech eemol zesummenzesetzen an iwwert de Verdeelungssystem ze kucken.

Spréch Basissubsiden, d'Krittären an och déi Plaffongen an déi 20 % Reegel, déi nach eng Kéier méi present ginn ass elo no deene leschten Diskussiounen. Säitdeem war ech op zwou AGe vun eisen dräi grousse Ballsportclibb a mir hunn elo grad iwwert den Tennisveräi geschwat, wou mer all Kéiers héieren hunn, wéi wichteg d'Jugendaarbecht ass, wéi vill Geld d'Clibb brauchen. A fir dat einfach nach eng Kéier en Tick vläit méi ze valoriséieren, denken ech kéint ee schonn iwwert déi eenzel Berechnungskrittären do schwätzen. Ech hunn elo d'Sportsclibb ervirgestrach, dat gëllt och fir d'Scouten a fir all déi aner Clibb, et ass eebe just, well dat heiten elo méi present einfach war an deene rezenten Diskussiounen. Ech soe Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, d'Madamm Kayser huet d’Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Natierlech war eis och direkt opgefall, éischtens emol, ass déi ganz Diskussioun, also ech mengen, ech wëll jo elo net ze vill mech hei luewen, mee d'CSV war de leschte Kéier e bësse aus der Box gesprongen, well eebe vill Feeler dra waren. An, wéi gesot, et war d'CSV, déi och elo derfir gesuergt huet, dass dat hei nach eng Kéier op den Ordre du jour koum. An et ass d'CSV gewiescht, déi dann elo gemaach huet, dass verschidde Veräiner méi kréien, well nach eng Kéier alles berechent gi war. Eis Positioun war souwisou ëmmer, dass mer sollten alleguerten déi Dossieren eng Kéier an enger Kommissioun kucken. Mir hate gesot, d'Subsidekommissioun vun de Schüler, déi hätt sécher gutt Zäit och nach eng Kéier eng Sitzung ze maachen heifir. Da wär dee ganze Mëssel net komm.

Dann hätt den Här Pascal Poull sech kënne seng Zäit spueren, amplaz elo nach eng Kéier hei nach gepilgert ze kommen an dann e bësse säi Mea culpa ze maachen. Pascal, ech si ganz frou mat der Merci fir deng Aarbecht, déi s de méchs, déi ganz valorisant ass. Mee heiansdo ass awer Formellen an engem Computer ass eng Saach. Mee wann een d'Dossiere kuckt an du hues hei d’Dossieren an du hues d’Donnéeë vun de Veräiner a souguer engem absolutten informatesche Laie wéi mir méiglech nozerechnen, dass verschidde Feeler do sinn. Wéi gesot, dat vläicht och eng Kéier mat op de Wee ginn, och wéi den Här Steffen gesot huet, fir nach eng Kéier d'Saach emol eng Kéier erëm op de

Punkt ze bréngen. Dat mat der Argumentatioun, dass den Taekwondo, amplaz déi 430 Euro, déi en elo kritt, net seng 747 Euro kritt, déi em zegutt stinn, dat ass e bësse schued, dass dann dee Plafonnement do seet, dass en nëmmen däerf 20 % méi kréie wéi dat Joer virdrun. Jo, wann de Veräin awer eng gutt Aarbecht mécht, eng gutt Jugendaarbecht, och si hunn Encadranten engagéiert, da fannen ech dat net ganz fair.

An dann ass och bei de Sportsveräiner, dat kënnt och ëmmer bei den Diskussiounen an eisem Kommitee, firwat leene mer eis net einfach bei de Sportsveräiner un déi Subsiden, déi vum Staat aus bezuelt ginn? Déi maache jo eng Recherche, déi kucken och wéi eng Encadranten se hunn. Mir maachen eis hei och souguer d'Méi, oder vill méi d'Veräiner maache sech d'Méi an hirer Äntwert genau ze schreiwen, wéi vill Encadranten Niveau 1, Niveau 2 se hunn. A mir consideréieren déi Differenzéierung vun den Niveauen zum Beispill guer net.

Da kommen ech och nach eng Kéier, well ech hunn awer nach eppes fonnt, wat awer falsch ass, an dat ass bei Coin de terre et du foyer, de Gaart an Heem. Déi kréien nëmme 480 Euro an déi hätten awer méi zegutt, well do ass déi an eisen Ae falsch Bas geholl ginn. D'Bas, do steet hei Nature et Environnement. Ech huele jo un, dass dat fir de Gaart an Heem och ass. Dat missten 250 Euro sinn. A wéi gesot, dat vläicht kann den Här Poull eis dann och erklären, firwat déi dann awer elo net déi hinnen zougestane 530 Euro kréien, mee just 480 Euro. Dat ass dee Feeler, dee mir nach fonnt hunn. Taekwondo, wéi gesot, hate mir och fonnt, fanne mer net ganz gutt.

Da wollt ech awer nach eppes zu deene berüümte Plaffonge schwätzen. Wéi gesot, mir hu jo elo d'Dokumentatioun kritt vun all deene Veräiner, déi mer hei ënnerstëtzen. An dunn hunn ech mer och do d'Méi gemaach, ech hat jo elo net méi grad esou vill ze dinn, well ech net méi alles hu missen norechnen, mee dunn ech mer einfach mol d'Méi gemaach, d'Encadranten emol ze kucken. An dann effektiv, wa mer dann d'Encadrante kucke beim F91, dat sinn der 32, beim HBD sinn et der 30, den CAD huet der 39 an den T71 huet der 56. An da kommen ech bei d'Scouten. Bei de Peaux-Rouges zum Beispill, déi hunn 78 Encadranten an dovunner si 34 Encadrante mat engem Niveau 1 an 19 mat engem Niveau 2. De Groupe Scouten Saint-Jean, déi hunn 71 Encadranten, och 11 vun engem Niveau 2. Wann een dann elo géif do de Schlëssel uwende bei de Scouten, wéi bei de Veräiner, wéi bei de Sportsveräiner, an dat net géif plafonéieren, dann hätten d'Peaux-Rouges 3.325 Euro zegutt an d'Saint-Jean 3.275 Euro. Okay, kanns de soen, da plafonéiere mer et d'selwecht wéi d'Sportsveräiner op 3.200.

Meng Fro ass zënter Joren, firwat maache mer dat net? Well d'Argument, wou eng Kéier gesot ginn ass, jo, Training ass méi oft wéi Versammlung. Ech mengen, all eis Scouten, déi sinn elo alleguerten op Campen, an der Virbereedung op Campen, déi ginn an d'Ausland mat hire Bitzercher, mat hire Wëllefcher, mat hire Biber, hiren AVEX an hire CARAPIO. Firwat loosse mer do dee Plaffong bei 2.000 Euro fir d'Scouten awer bei de Veräiner si mer op engem Plaffong vun 3.200 Euro? Wéi gesot, dat och nach eng Kéier eng Fro vun eis. A wéi gesot, mir wären absolut bereet och ee vun eis nach eng Kéier ze schécken, wéi mer deemools eise gudde Jemp Gangler geschéckt haten, fir déi ganz Excel-Tabell opzesetzen. Fir ee vun eis an eng Ad-hoc-Kommissioun ze maachen, och mengetweegen och virun den Diskussiounen d'nächst Joer, wéi mer d'Subside vun de Veräiner kënnen opdeelen. Wéi gesot, dat awer nach eng Kéier mat op de Wee ginn, fir d'Argument ze soen, e Veräin, en Trainer ass méi oft present wéi e Chef an enger Scoutstrupp. Dat ass absolut net ginn. An och wann Der do vergläicht de Subsid, deen och d'Scoute kréien, déi sinn och vum Stat gekoppelt un d'Formatiounen. A wéi gesot, och do nach eng Kéier deen zweeten Appell eebe, consideréiert, och wéi den Här Steffen et gesot huet, och den Niveau vum Encadrant.

Ech mengen, dat wär och nach méi eng Gerechtegkeet. An et muss een och dozou soen, de Jemp flüstert mer dat grad, all Scoutschef schafft benevole. Wat bei de Veräiner, mir hunn et elo héieren, bei de Sportsveräiner, net ëmmer de Fall ass, wéi gesot. Och dat wär eng Honoratioun vum Benevolat. Benevolat ass fir eis als Gemeng jo och ganz wichteg. Wéi gesot, dat nach eng Kéier mat op de Wee. Mir wäre prett, fir an engem Aarbechtsgrupp matzeschaffen. Oder mir wären och prett, fir an enger Subsidekommissioun, dass een dat nach eng Kéier soll duerchhuelen. Mee esou si mer nach ëmmer net zefridden an dofir enthale mer eis och. An ech soen et nach eng Kéier, mir sinn net géint d'Veräiner, net géint d'Sportsveräiner, net géint d'Scoutsveräiner, net géint de Gaart an Heem, net géint d'Amiperas, géint keen, mee wéi gesot, mir fannen et nach ëmmer net ganz transparent an och nach net gläichberechtegt. Merci!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, ech ka just vläicht zum Deel vun de Scoute soen, éier d'Madamm Dimmer vläicht nach allgemeng eppes zu de Subside seet. Jo, d'Scoute si benevole a jo, mir maachen dat och gär, mir maachen dat net, fir iergendwellech Suen ze kréien. D'Subsiden, déi mer als Scoute kréien, an ech schwätzen als fréiere Chef de Groupe vun engem vun de Scoutsveräiner hei, sinn eng wëllkomme Recette, definitiv. Mee als Scoute kréie mer vun der Gemeng vill méi Ënnerstëtzung, wéi dat nëmme bei deene Subsiden ass. Dat ass och d'lescht Kéier schonn ugeschwat ginn. Bei all Scoutsveräi bedeelegt sech d'Gemeng bei all Première acquisition. Wou mer Hëllefe vum Staat kréien, do leet d'Gemeng och nach Hëllefe bäi. Den Entretien vun Terrain, do ënnerstëtzt d'Gemeng och. Dat heescht, jo, déi Subside si vläicht limitéiert bei de Scouten op e gewëssene Montant. Mee d'Hëllef, déi vun der Gemeng kënnt fir d'Scoutsveräiner, an ech schwätzen do fir all Scoutsveräiner, ass vill méi héich wéi nëmmen déi reng Subsiden, déi do kommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Costa, sinn nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also do muss ech awer äntweren. Also ganz kloer kréien all déi aner Veräiner och eng Hëllef. Wéi gesot, d'Sportsterraine kréien dat och, de Wues gëtt geméit, d'Hal gëtt gebotzt, eng Bogenhalle kafe mer, also éierlech, fir elo ze soen, d'Scoutsveräiner géifen iwwerméisseg ënnerstëtzt ginn. Also, loosse mer awer fair sinn. Et geet jo elo net do drëm. Mir wëssen dat jo och, dat soe mer jo och ëmmer, dat hei ass net dat, wouduerch e Veräi ka liewen, mee et ass e Geste.

An, wéi gesot, dann denke mer awer och, dass ee muss eng gewësse Gläichberechtegung hunn, eng Transparenz an, also, wéi gesot, dat do Argument, fir ze soen, jo, d'Scoute kréien och dës an dat gehollef. Also, pardon, déi aner Veräiner kréien och ganz vill. Also, mir kréien och eng Hal gratis zur Verfügung gestallt, do bezuele mer och d'Elektresch an esou weider. Ech kenne kee Veräin, deen zum Beispill muss säin Elektresch bezuelen. Loosse mer awer elo trotzdeem awer fair bleiwen. Also ech mengen, all Veräi gëtt hei vun der Gemeng ënnerstëtzt, och dat ënnerstëtze mir als CSV och ëmmer mat, och elo, wéi gesot, mat der Bogenhalle. Mee dorëms geet et hei net. Et geet hei ëm de Respekt an ëm d'Equivalenz an iwwert d'Gläichberechtegung vun de Veräiner insgesamt hei zu Diddeleng.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser sinn nach weider Stellungnamen?

PASCAL POULL (CHEF VUM SERVICE COMPTABILITÉ VUN DER GEMENG DIDDELENG): Ech kommen nach eng Kéier zeréck op de Gaart an Heem, ech hunn dat elo nogekuckt. Also, ech kommen op 480 Euro. Dat si 24 Membere mol 7,50 Euro pro Member. Do si mer op 180 Euro. Mir hunn 250 Euro Subside de base. An et kommen nach eng Kéier 50 Euro dobäi fir d'Festivitéite vum Nationalfeierdag. Déi 50 Euro mat de Manifestatiounen, do steet néant, dat heescht, déi kréie se net. An do wär mer dann op 480 Euro, net op 530 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärung. D'Wuert gëtt weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci och, Pascal, dass du esou séier reaktiv waars an eis erëm virun Ae gefouert hues, dass mer elo hei net vu ville Feeler schwätzen, wéi d'Madamm Kayser et awer elo nach eng Kéier wollt widderhuelen. Also déi véier Feeler sinn net gutt. Mir hunn do e Mea culpa gemaach. Dat ass leider virkomm. Mir hunn d'Erklärunge kritt, dat soll an däerf net virkommen. Mee et muss een awer och do ... Dir hutt gesot, Dir sidd am leschte Gemengerot aus der Box gesprongen. Ech si wierklech frou, dass Dir de Wee erëm an d'Box zeréckfonnt hutt. An hei muss een awer och dann eebe fair a reell bleiwen. Et si véier Feeler, an déi hu mer elo hei zesumme riichtgebéit, well Dir eis drop higewisen hutt. Ech mengen, dat hu mer dann och opgeholl, esou korrekt a fair si mer jo och, da soll een elo awer net iwwerdreiwen an net nach eng Kéier hei vu ville Feeler, wann ech gelift, schwätzen.

D'Jugendaarbecht, den Här Steffen huet et ugeschwat, déi gëtt elo schonn extra erwäänt an extra subsidiéiert. Dat ass bis elo schonn an deem Schlëssel virgesinn. Ech mengen och net, Madamm Kayser, dass eng Sitzung vun där Subsidekommissioun duergeet, fir dat doten alles auszerechnen. Ech mengen, Dir hutt d'Dossiere kritt. Dat ass awer vill méi Aarbecht, wéi just an enger Sitzung dat kënnen opzeschaffen. Wat een, wat ee wierklech, wannechgelift, muss vermeiden an dofir huet den Här Gangler och direkt Nee gewonk, ech maachen dat net méi mat. Dee weess, wéi schwiereg dat ass, déi verschidden Aktivitéiten am Kader vum Benevolat, do huet all Veräin, all Associatioun, mécht wierklech ganz vill a sengem Beräich. Ass dat elo Scoutissem, ass dat elo Sport, kulturell oder am Naturberäich oder wat och ëmmer. Mir sinn extreem houfreg a frou zu Diddeleng, dass mer sou vill aktiv Veräiner hunn, mee déi däerfen awer elo net de Feeler maachen an ee géint deen aneren hei ausspillen. Ech mengen dat ass ganz dünnes Eis, wann Dir elo sot, jo, d'Scouten an déi maachen awer hei an déi maachen do.

Dat ass richteg, wat Der gesot hutt, an awer ass et och eng Realitéit, dass d'Sportsveräiner vill méi oft zesummekommen, vill méi oft. Dat gesäit een an den Dossieren och, déi sinn awer deelweis véier bis fënnef Mol d'Woch an der Woch zesummen. Da ginn se de Weekend nach hire Match spillen a si sinn och elo an der Preparatioun, wou eis Scouten op de Campe sinn, sinn déi op hire Stagen an déi preparéieren hir Saison. Also, wat d'Stonnen ubelaangt, do ass sécherlech bei de Sportsveräiner e ganz aneren Opwand néideg wéi bei de Scouten. Dofir mir muss wierklech oppassen, dass mer net dat eent mat deem anere vermëschen. Jiddweree mécht a sengem Beräich ganz vill. Et kann ee jo och net vun de Scoute verlaangen, dass se all Dag zesummekommen. Dat ass net am Sënn vum Scoutissem. Ech mengen, wéi déi opgestallt sinn, dass déi de Weekend reegelméisseg zesummekommen an dotëschent nach op hire Campen an aneren Eventer sech treffen. Ech mengen dat ass éischter dat, wat e Scoute passt. An e Sportsveräin, do geet et eeben net duer, wann ech just samschdes op mäi Match ginn. Do muss ech dat eebe virbereeden.

Dat ass och d'Schwieregkeet vun deem Groupe de travail gewiescht, fir dat iergendwou ze equilibréieren. Wëssend, den Här Steffen huet et och gesot, dass ...ob e Veräin elo 500 Euro méi oder manner kritt, dorunner soll et wannechgelift net hänken. An d'Iwwerliewe soll net dovunner ofhänken. Dat hat d'Madamm Kayser jo och gesot. Mir als Gemeng probéieren op ville Weeër d'Veräiner ze ënnerstëtzen, logistesch, infrastrukturell an och op aneren Niveaue probéiere mer, se esou gutt wéi et geet ze ënnerstëtzen. An dofir muss ee wierklech oppassen, wann een hei esou iergendeppes an d'Ronn geheit, dat ass vill méi komplex. An déi Leit, déi an deem Aarbechtsgrupp 2014 dobäi waren, déi wëssen dat.

N'empêche, ech ginn Iech awer alleguerte Recht, ech menge mir sollten nach eng Kéier do eng Ronn dréien, well mer hei awer elo alleguerte festgestallt hunn, dass an de leschte Joren d'Ufuerderungen un d'Veräiner, nieft dem Benevolat, awer och finanzieller Natur, an d'Luucht gaange sinn. An ech mengen, da musse mer se awer och eens sinn als

Gemengerot, da musse mer dee Pott awer och e bësse méi fëlle mat Suen a mat Gelder, wéi dat, wat mer am Moment dran hunn, wa mer wëlle méi verdeelen an et iergendwéi gerecht verdeelen, esou wéi mer dat bis elo maachen, da brauche mer och do méi Suen, fir herno kënnen un d'Veräiner auszeschéдden. Dat heescht, dofir musse mer eis déi Fro stellen, wéi vill si mer bereet auszeginn? An da kann ee sech gären nach eng Kéier iwwert de Subside de base, déi Plaffongen, ech mengen dat si Stellschrauwen, den Här Gangler, dee weess dat un déi ee ka schrauwen an och a soll. Awer et ass eng ganz komplex Matière.

Ech hat et jo och scho gesot, mir waarden och op déi nei Formule vum Qualité Plus. Do wäerte mer eis och drunhänken an inspiréiere loossen, soudass ech effektiv géif soen, kommt mir kucken, dass mer eis nach eng Kéier zesummesetzen. Wéi déi Constellatioun dann herno ausgesäit, dat wäerte mer da vun Iech kréien. Mir wäerten op jiddwer Fall all Partei uschreiwen, souwéi mer dat och deemools gemaach hunn. An da probéiere mer do dat nach ze verfeineren an déi gutt d'Basis, déi mer elo hunn, eeben nach ze perfektionéieren. An, mir mussen dann awer och bereet sinn, e bësse méi Geld ënner d'Leit ze bréngen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir nach eng Kéier déi doten Erklärungen. An da wäre mer zum Schluss ukomm an ech géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

***Wien ass mat der Allocatioun vun den ordinäre Subsiden un eis Veräiner averstanen? Dat si Stëmme vun déi Gréng, LSAP, DP, ADR an déi Lénk. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? D'CSV.***

Gutt, Merci fir d'Diskussioun. An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen.

**4.9. Zoudeele vun ausseruerdentleche Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt beschäftegt sech mat engem Subside extraordinaire, dee mer hei proposéieren. An dat ass 250 Euro fir d'Asbl Passerelle. Hei hu mer e Courrier mat den Erklärungen, wat se vun Aarbecht maachen.  Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soe mir Iech villmools Merci an da komme mer op den nächste Punkt.

**4.10. Approbatioun vum Prinzip fir d'Ophuele vun engem Prêt an Héicht vun 20 Millioune Euro**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt ass en lien mat eisem Budget vum Joer 2025. Mir haten am Budget 2025 am Initial jo en Emprunt ageschriwwe vun 25 Milliounen Euro, virun allem mat der Argumentatioun, an déi gëllt och nach haut, och wa mer am Ordre du jour eeben hunn eng Autorisatioun, wou mer de Gemengerot froen, en Emprunt ze huelen, net vu 25 Milliounen Euro, mee vun 20 Milliounen Euro. A wann dann de Gemengerot, wéi gesot, deen accordéiert, da musse mer jo souwisou d'Banken hei zu Diddeleng uschreiwen an effektiv kucken, ob déi eis dann eng Offer eraschécken, fir deen Emprunt vun 20 Milliounen Euro an ob mer och den integralen Emprunt hei vun 20 Milliounen Euro brauchen, dat gesi mer och nach en cours de route vum Joer. Fazit ass, mengen ech, de Kader vum Emprunt an der Offer, déi mer dann un d'Banke ginn, dat ass d'Durée vum Emprunt fir 20 Joer, dass mer den Taux Euribor fir dräi Méint respektiv sechs Méint froen, respektiv awer och den Taux fixe. An da gesi mer, wat d'Banken, wéi vill déi eis do zoukommen och loossen, juste pour mémoire, mir hu jo am Fong am Joer 2024 och en Emprunt gezu vun 20 Milliounen Euro, wou mer initialement en Emprunt ageschriwwen hate vu 35 Milliounen Euro. Mee bon, dat verschiibt sech jo ëmmer souwisou, och en Fonctioun vum Ofschloss vum Compte provisoire. A wéi gesot, mir hunn net dee ganzen Emprunt vum leschte Joer gezunn an hei gi mer och an déi selwecht Richtung, dass mer net dee ganzen Emprunt zéien, déi mer an de Budget ageschriwwen hunn.

Bon, firwat brauche mer deen Emprunt? Et ass virun allem fir déi gréisser Investprojeten, engersäits an de Schoulberäich, et ass Brill a Baltzeng, wéi gesot, et ass awer och d'Déierenasyl, et ass de Bassin de rétention zu Biereng. Bon, et ass awer och e Verkéiersreglement, dat hu mer haut gestëmmt, ronderëm d'Butschebuerger Strooss. Et ass awer och déi ganz Infrastrukturaarbechten an der Butschebuerger Strooss respektiv bis erop op d'Rue Mont Saint Jean, dee ganze Reamenagement, wou engersäits de Stat mécht a mir effektiv dee ganzen Déifbau maachen.
Et sinn awer och alleguerten Invester an de Logement abordable, sief dat an der Rue Nic Bodry, an der Fontaine Strooss, an der Lëtzebuerger Strooss, d'Gemengenateliereren an awer och de ganze Projet ronderëm den CAD an den Tennisterrain mat der Indoorhal. Dat sinn am Fong Invester, déi mer hei tätegen an déi zukünfteg Generatiounen an dofir proposéiere mer hei elo mol dem Gemengerot en Emprunt ze huele vun 20 Milliounen Euro. Voilà, dat ass d'Erklärung dozou. Gëtt et Froen oder Remarken dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Also mir haten awer 2024 mer 35 Milliounen Euro geléint, wann ech mech net ieren. Mir haten am Mäerz 20 Millioune geléint an nach eng Kéier am Dezember 15 Milliounen. Zwar dach, géif ech wuel esou mengen, hein? Ma dat waren zwee Votten, also den 3. Mäerz 20 Milliounen an de 15. Dezember ...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech äntweren Iech drop.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, an am Dezember 2024 nach 15 Milliounen Euro. A wat eis eeben e bëssen opstéisst, dat ass hei, dass do verschidde Projeten, déi och schonn an deenen zwee Prêten enoncéiert gi sinn, déi och hei nees drastinn. A wat mer eis deemools scho gesot hunn, wat mer net esou gutt fannen, dat ass, dass mer guer net en Tëschebilan, souzesoe gemaach kréien, dass dat hei, wéi gesot, net an enger Finanzkommissioun diskutéiert gëtt. Zum Beispill steet d'Déierenasyl elo schonn dran, säit e puer Joer. An dat hate mer am Juli 2021 votéiert. D'Ateliersphas 1 hate mer am Oktober 2021 votéiert, mat 24,9 Milliounen Euro. Am PPF stinn elo zum Beispill do 28 Milliounen Euro dran.

Wat eis stéiert, dat ass, dass mer net ëmmer gesot kréien, wou mer dru sinn, wéi vill méi deier déi Projete ginn. Wat eis eeben onzefridde mécht, dat ass, dass mer ëmmer just, wa mer herno den Devis définitif oder wa mer herno de Präis musse votéiere vun de Projeten, dass mer dann d'Depassementer virgeluecht kréien an da musse mer déi apaken. An, wéi gesot, wat eis stéiert, dat ass, dass hei Projeten erwäänt sinn, wou mer keng Anung hunn, wéi de Projet soll ausgesinn. Dat ass och eng zweet Saach, déi mer net gutt fannen. Hei steet d'Fontaine Strooss an d'Lëtzebuerger Strooss dran, e Logement abordable. Jo, mir hunn déi Haiser kaaft, mir hunn déi Terraine kaaft, mee do hu mer nach guer kee Projet gesinn. Do wësse mer nach guer net, wat op eis duerkënnt. Sécher musse mer investéieren an d'Zukunft. Sécher musse mer an d'Strukture fir eis Kanner, fir de Logement investéieren. Mee et muss een awer och am Hannerkapp behalen.

Bis elo hu mer schonn Annuitéite vu sechs Milliounen Euro. Sechs Milliounen Euro, déi aus dem Budget, déi mer kréien, aus den Allocatioune vum Staat, déi mer kréien, déi fort sinn, déi mer op eis Schold bezuelen. A wéi gesot, einfach ëmmer nëmme Scholde maachen, ob dat ëmmer dee richtege Wee ass, sief a Fro gestallt. Mee mir wäerten eis bei dësem Vott op jidde Fall enthalen. Éischtens, wéi gesot, well mer net averstane sinn, dass d'Depassementer vu scho votéierte Projeten eréischt beim Dekont presentéiert ginn. Zweetens, well d'Projeten, wéi gesot, déi hei erwäänt sinn, wou mer keng Anung hunn, wéi dee Projet soll ausgesinn respektiv wat dee soll kaschten. Drëttens hätte mer eis och gewënscht, dass mer waarde bis den Dekont 2024 do ass, éier mer dann deen nächste Prêt uginn. A véiertens, well mer mat der, wa mer dëse Prêt géifen approuvéieren, dann hätte mer no baussen de Message ginn, dass mer dem Schäfferot fräi Hand loossen, an dass mer mat der Gestioun vun de Sue vun eise Bierger duerch de Schäfferot averstane sinn, wat awer net ëmmer de Fall ass. An dofir enthale mer eis dës Kéier. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci. Dir wësst, dass mir als Lénk eigentlech ëmmer, wann och heiansdo vläicht e bësse mat e bësse Bauchwéi, mee eigentlech ëmmer Emprunten ënnerstëtzen, well mer jo am allgemengen d'Finanzpolitik fir d'Invester héichzehalen, ënnerstëtzen an och hei déi Projeten, déi opgezielt ginn, dat si gréisstendeels alles Infrastrukturprojeten, déi wichteg sinn, déi mer brauchen an déi och net onbedéngt iwwerdeiert sinn, zu engem groussen Deel. Wou mer eis d’Deliberatioun duerchgelies hunn an den Argumentaire, do sinn eis awer och e puer Froen opkomm. Hei ginn elo am Argumentaire aacht Projeten opgezielt. Vun deenen, bon, ass ee mam Déierenasyl. Do wësst Dir, dass mer do net ganz frou sinn, well dat an eisen Aen wierklech iwwerdeiert ass. Zwee Projete sinn ofgeschloss, nämlech de Modulbau Brill-Baltzeng / Danzschoul, dee steet eiser Informatioun no. An de Strutzbierg, deen ass och fäerdeg, deen ass schonn ageweit ginn.

A fënnef Projete vun deenen aacht, déi goufe schonn als Argumentaire geholl fir déi zwee Emprunten, vun deene d'Madamm Kayser elo geschwat huet, am Mäerz an am Dezember 2024. Dat war de Modulbau, d'Déierenasyl, d'Logements sociaux, zumindest an der Nic Bodry, d'Gemengenatelieren an de Strutzbierg. Soudass mer eigentlech elo nei Projeten hunn, de Bassin de rétention, d'Route de Budersberg an den CAD/Tennis, wat wichteg Projete sinn. A mir kënnen eis och virstellen, dass virun allem natierlech fir den CAD/Tennis mer vläicht mussen en Emprunt ophuelen, mee et fält eis esou lues awer schwéier. Mir wëssen och, dass net eent zu eent en Emprunt fir dee Projet, deen dann do drasteet, ëmgesat gëtt. Dat ass eis scho bewosst.

Et ass awer schwiereg, wa mer iwwer ee Joer dräi Emprunten ophuelen an ëmmer erëm déi selwecht Projeten, déi zum Deel scho fäerdeg sinn, awer dann als Argumentaire benotzt ginn. Et fält eis e bësse schwéier, fir dat elo alles nozevollzéien, soudass mer och wollte froen, ob mer net eng Kéier kënnen eng Finanzkommissioun am Hierscht maachen, vläicht nach virun der Budgetspresentatioun, wou mer eng Kéier kucken, okay, wou si mer finanziell drun a wat maache mer mat deenen Emprunten? Well dat fält eis heiansdo e bësse schwéier, nozevollzéien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma. Sinn nach weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ma Merci fir d'Wuert. Mir geet et am Fong genau d'selwecht wéi der Madamm Thoma. Ech hu mer och alles giel markéiert, firwat den Emprunt gebraucht géing ginn an do ass mer och opgefall, dass am Fong zimmlech vill vun deene Projete scho sinn, déi bei deene leschte genannt gi sinn. Och do gefält mer d'Iddi am Fong ganz gutt vun esou engem Tëschebilan, fir einfach emol ze gesinn, wou si mer beim Finanzement vun deenen eenzelne Projeten drun, dass mer och wëssen hei, Well 20 Millioune mat all deene Projeten, déi do stinn, mir wëssen, dat fält net alles op ee Coup un, fir ze bezuelen, awer ass et iergendwéi esou schwéier novollzéibar, wou d'Geld hifléisst, wann dat esou do steet an et e Copy-paste am Fong ass vun deem, wat mer virdru schonn haten. Eis geet et och esou wéi deene Lénken, dass mer och an der Vergaangenheet bei den Emprunten ëmmer gesot hunn, dass et wichteg ass, quitte dass mer net frou sinn, fir en Emprunt ze zéien, mee dass et awer wichteg ass, d'Investitiounen héichzehalen.

An och deen antizykleschen Invest hu mer all Kéiers hei matgedroen, mir fannen och, dass bei deene Projeten, déi elo hei drastinn, dass do och keen onnéidege Projet dran ass. Ech erënneren nach eng Kéier drun un d'Budgetsdiskussioun, wou mer do schonn haten an och dru verwisen hunn, dass mer gesot hunn, et ass einfach e schlechten Zäitpunkt, et falen immens vill Schoul- a Sportsinfrastrukturen elo beieneen. Do hu mer an der Budgetsried drop higewisen, dass vläicht Äre Virgänger oder de Virgänger vun de Virgänger d'Wäitsiicht vläicht gefeelt gehat hätt deemools fir verschidden Invester schonn éischter unzegoen, wou d'Finanzen da besser gewiescht wieren. Do ass elo einfach d'Fro, jo, voilà, wann een hei e bësse méi eng transparent Approche hätt op déi eenzel Voleten, wou d'Projeten dru sinn, do menge mer och, ass den Outil vun enger Finanzkommissioun awer dee richtegen, einfach fir ze gesinn an

och kënne mat besserem Gewëssen a Wëssen esou en Emprunt einfach matzestëmmen, wann ee weess, wou déi eenzel Saachen dru sinn. Wann dat an Aussiicht kéint gestallt ginn, do wiere mer scho ganz dankbar.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Okay, da soen ech Iech Merci fir Är Stellungnamen. Merci och fir Är Froen. An ech wäert da probéieren op déi verschidde Punkten anzegoen. Et ass souwisou jo virgesinn, dass mer eng Finanzkommissioun maachen no der Rentrée, well jo elo de Moment ass, wou mer och d'Circulaire kréie vum Inneministère par rapport zu der Mise à jour vum PPF, respektiv mer och an engem nächste Gemengerot jo mussen och den Impôt foncier an den Impôt commercial stëmmen. An esou wéi och d'lescht Joer an dat Joer virdru wäerte mer dann och ronderëm d'Rentrée, ech setze mech elo net fest wéi en Datum, mee op alle Fall September, Oktober, och dann eng Finanzkommissioun maachen, wou een dat doten do kann nieft deene Punkten do beschwätzen. An am Kader vum PPF, mengen ech, passt dat jo och dran eran.

Ech mengen, dat wat mer hei presentéieren, deen Emprunt, dee mer wëlle vun 20 Milliounen Euro, dat schreift sech jo an och an déi Diskussioun, déi mer bei der Presentatioun vum Budget initial hate ronderëm d'Joer 2025. Also, an deem Sënn, an der Argumentatioun, keen neie Moment, firwat mer en Emprunt zéie mussen, respektiv den Emprunt an de Budget ageschriwwen hunn, och wa mer elo hei wëllen 20 Milliounen Euro zéien, statt deene 25 Milliounen Euro, déi mer an de Budget geschriwwen hunn. An ech verstinn déi Froen, déi Dir hei stellt, mee dee Montant brauch ee jo net nëmme fir ee Projet, entweeder brauch ee jo déi Montanten, bon den Investvolumen ass an de leschte Joren an d'Luucht gaangen, an ech mengen Dir sidd jo och drop agaangen, aus verschidde Grënn, ob dat elo en héijen Invest ass well mer mussen nozéie bei Gebailechkeeteti moderniséieren oder nei Gebaier, antizyklesch Politik. Mir brauchen natierlech engersäits déi Montanten an eisem Budget, déi Liquiditéiten, fir wann nei Projeten uginn, do kënnen déi Rechnungen ze bezuelen.

A mir hunn natierlech awer och, an dat ass eng Äntwert op déi Fro, déi Der gestallt hutt, mir hunn da sécherlech och Projeten, déi ofgeschloss sinn, mee dat wëll awer net heeschen, dass d'Entrepreneure schonn d'Facturen alleguerten erageschéckt hunn. Also brauchs de deementspriechend déi néideg Kreditter, déi néideg Liquiditéiten, fir och dat ze maachen. Dat heescht, et ass esou iwwerlappend. An dofir hutt Der eng Kéier dann och déi selwecht Argumentatioun, well een engersäits neier huet, besteeënder huet, déi ofgeschloss sinn an awer nach weider, wéi gesot, Facturen, déi kommen. Also et ass e Mix vun deenen zwee. Madamm Kayser, ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert dat wat d'Joer 2024 ugeet, well dat kann een och am Verbatim noliesen, et war net dee leschten, ech mengen et war dee virleschte Gemengerot, do hat ech Zuele genannt vum Compte provisoire vum Joer 2024, an do hat ech ganz kloer gesot, dass mer par rapport zu deem Montant vun Emprunt, dee mer ageschriwwen haten, an am Initial vum Joer 2024 waren dat 35 Milliounen Euro, mee dass mer finalement, an ech mengen dat ass och, dat steet och am Compte provisoire, just 20 Milliounen Euro gezunn hunn. Also, ech hunn dat virum virleschte Gemengerot hei kloer an däitlech gesot.

Dofir verstinn ech elo déi doten Argumentatioun Ärersäits absolut guer net, well dass Der hei sot, dass mer da fir d'Joer 2024 an dann am Compte provisoire fir d'Joer 2024 35 Milliounen Euro hunn. Also, ech hunn do ganz kloer aner Zuelen hei. An et si, wéi gesot, statt 35 fir 20 Milliounen Euro Empprunten, déi mer gezunn hunn. A par rapport zu deem Calcul, deen Der gemeet hutt, wat d'Dette pro Awunner ugeet, do steet natierlech och eng aner Zuel herno do steet, an déi éischter an déi Richtung vu 4.000 Euro geet, statt vu 6.000 Euro. Voilà, dat e bëssen och nach zu den Erklärungen, par rapport awer och zum Compte provisoire.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Pardon, dat ass mer awer dann net kloer. Effektiv, warscheinlech hat Dir dat bei den Annoncen oder esou gesot, dat kréien ech net ëmmer mat. Mee de Punkt ass, mir hunn am Mäerz 2024 20 Milliounen Euro Emprunt gestëmmt a mir hunn de 6. Dezember en Emprunt vu 15 Milliounen Euro gestëmmt. Wat ass dann elo, hu mer déi Suen dann elo geléint oder hu mer se net geléint?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also d'Madamm Kayser, Dir sidd jo nach net esou laang am Gemengerot hei an der Stad Diddeleng. Neen. De Gemengerot huet d'Autorisatioun ginn, fir en Emprunt ze huelen. Dat heescht, da froe mer bei de Banken d'Offeren un, fir dann e gewëssene Montant, ech soen hei elo, mir hunn hei elo gefrot, en Emprunt vun 20 Milliounen Euro. Jo, da geet d'Gemengerot eis d'Autorisatioun. Da froe mer déi Offeren deementspriechend och un. Dat wëllt awer net heeschen, an a Fonctioun vun der Evolutioun vun der Gemengesituatioun, och mat der Dotatioun, déi mer vum Staat kréien, wou mer dann effektiv méi Recetten am ordinäre Beräich hunn, dass mer herno schlussendlech dat wat de Gemengerot autoriséiert huet vun Emprunt, deen een, entre guillemets, dann och theoreetesch zéie kann, op mer dee Montant dann och brauchen. Dofir, wéi gesot, de Gemengerot huet sech d'd'Autorisatioun gi fir déi 35 Milliounen Euro. Mir hunn awer keng 35 Millioune gebraucht, mee mir just 20 Milliounen Euro gebraucht fir d'Joer 2024. An dat hat ech am virleschte Gemengerot erkläert am Kader vun der Kommunikatioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, fir d'Explikatiounen. Vläicht wär dat dann och zum Beispill eppes an enger Finanzkommissioun, do hätt een dat dann och nach eng Kéier kënnen en long et en large erklären. Mee Merci fir d'Explikatiounen. Ma tant mieux, wa mer e bësse manner hu misse léinen d'lescht Joer, wéi déi ganz initialement souguer 43 Milliounen Euro, déi ageschriwwe waren, dass mer dann nëmmen 20 geholl hunn. Bon, dat ass och duerch d'Dotatiounen an esou weider, ech mengen déi Explikatioune gitt Dir eis dann déi nächst Kéier nach eng Kéier, wéi dat zustane komm ass, dass mer wierklech besser ewechkommen dann dee Moment. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir d'Froen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

***Wien ass hei mat der Approbatioun fir de Recours op den Emprunt vun 20 Milliounen Euro averstanen? Dat si Stëmme vu Gréng, LSAP, DP, ADR, déi Lénk. Wien ass dergéint? Wien enthält sech d'CSV? Gutt, villmools Merci.***



**4.11. Approbatioun vun Dekonten**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat sinn eng Rei Dekonten. Engersäits den Dekont Maison Relais Ribeschpont, do war den approuvéierten Devis 5.180.293 Euro. D'Dépense effective war 4.950.63,56 Euro an dat huet sech gezunn iwwert d'Joren 2019 bis 2023. A mir hunn awer och e Subsid kritt vum Interieur a vun der Éducation nationale an och vum Ëmweltministère, also Subsiden, déi schlussendlech ronn 47 % ausmaache par rapport zum gesamten Invest. Dann hate mer deen nächsten Dekont, dat war och d'Maison Relais Ribeschpont, d'Alentouren an d'Aire-de-jeu. Den Devis war 150.000 Euro, d'Dépense effective war 142.573,20 Euro an dat war och iwwert d'Joren 2022 an 2023. Dann hate mer och mer fir d'Maison Relais Ribeschpont de Mobilier, do war den Devis 240.000 Euro an d'Depense 238.855,65 Euro an do hate mer, wéi gesot, och 223.300 Euro Subsiden, engersäits vun der Éducation nationale, Premier Equippement, awer och fir de Motricitéitssall vum Ministère des Sports, dat heescht 223.300 Euro. Dann d'Maison Relais Ribeschpont, do hu mer en neien Traffo missten installéiere beim Neibau, do war den Devis 160.000 Euro an d'Dépense effective war 135.942,52 Euro. Da bleiwe mer bei der Maison Relais Ribeschpont. Den Devis fir d'Fotovoltaik war 45.000 Euro an d'Depense war 43.354,85 Euro. An do hu mer, sage und schreibe, 7.801 Euro Subsid vum Ëmweltministère kritt. Dat zu der Transition énergétique.

Dann hate mer d'Structure publique am Quartier Italien. Fir d'Konstruktioun war den Devis 5.560.000 Euro an d'Dépense effective 5.330.450,53 Euro. Do hate mer am Fong just de Subsid vum Ëmweltministère vu 55.860 Euro. De Bau hu mer jo selwer finanzéiert. An d'Personal gëtt jo dann effektiv als Depense ordinaire vum Ministère iwwerholl. Dat war mer eis jo och do eens, am bilateralen. An dann den nächste Punkt, dat ass de Mobilier am Quartier d'Italien an der Crèche. Den Devis war 430.000 Euro an d'Dépense effective 378.790,25 Euro. An do krute mer vum Educatiounsministère e Subsid vun 130.000 Euro. Dann d'Aire-de-jeu an d'Alentoure vum Quartier Italie bei der Crèche, den Devis war 300.000 Euro an d'Depense war 262.484,72 Euro an do gouf et e Subsid vun 3.000 Euro vum Educatiounsministère. Voilà, da wär ech komplett gewiescht mat den Dekonten. Si Remarken oder Froen dozou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, och fir déi Detailer. Et ass ëmmer e bëssen erschreckend, wann ee gesäit, Subsides engagés, dat steet dann alles schéin do. An dann, bei Liquidation subsides, do si mer dann ëmmer hannendran. An dat ass effektiv, mengen ech, och eppes, il y a du pain sur la planche. Ech mengen, do ass och de Syvicol derhannert, dass eeben och d'Subsiden, mir haten dat jo schonn eng Kéier rieds gehat, mir soen dat jo och ëmmer bei all Minister, deen eis eng Kéier besiche kënnt, fir iergendeppes anzeweien, dass et gutt wär, wann se och géifen a Fraktioune wéinstens hir Subsiden ausdeelen. Ech hu just eng Fro. Ech hu mech gefrot bei der Structure publique Quartier Italien, vu dass mer jo do awer och e Stockage maache fir de Centre de documentation, ob do de Kulturministère net och e Subsid kéint ginn, ob een dat net hätt kënnen ufroen, well dat jo am Fong och eng kulturell Affektatioun ass. Dat ass just eng Fro. Et ass mer esou duerch de Kapp gaangen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nach weider Froen? Wann dat net de Fall ass, da géif ech drop äntweren. Mir haten do nogefrot, mee de Kulturministère ass jo net matgaangen, well hien am Fong éischter bei de Frais de fonctionnement jo eppes bäileet, dat heescht de Centre-doc kritt e Subsid vun der Gemeng an och vum Kulturministère par rapport zu hirem generelle Fonctionnement. Gutt, kënne mer iwwert déi doten Dekonten en bloc ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat deenen Dekonten averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass den Office social.

# 5. OFFICE SOCIAL

**Approbatioun vun der Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Opstocke vum Betribskapital ab dem Budgetsjoer 2023**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bon, hei musse mer am Fong just eng Decisioun, déi de Verwaltungsrot vum Office social geholl huet, approuvéieren. Dat betrëfft de Fonds de roulement, deen erhéicht gëtt vu 5 Euro op 7 Euro. Et ass ëmmer unhand vun den Awunnerzuelen, wou dann de STATEC dat festhält a wou dann de Verwaltungsrot deem muss Rechnung droen. Mir haten dat och schonn, dat muss ee soen, retroaktiv op d'Joer 2023. Mir haten dat schonn am Budget 2023, 2024 a 2025, déi Erhéijung vu 5 Euro op 7 Euro, wou mer dat implizitt am Fong scho festgehalen hunn. Hei ass awer elo just nach de Verwaltungsrot vum Office social, deen huet missen eng formell Decisioun huelen, dass dee Fonds de roulement vu 5 Euro op 7 Euro eropgeet, no Ofmaachung mam Innenministère. Dofir mengen ech fonnt Der och déi Deliberatioun vum Verwaltungsrot hei an Ären Dokumenter erëm. Dat ass eng Decisioun vum 4. Juli 2025. An dofir musse mir dann och hei dat dann och approuvéieren, well dat jo



dann och d'Part ass vun der d'Stad Diddeleng zum Fonds de roulement vum Office social. Voilà, dat zu den Erklärungen. Gëtt et nach Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall,da gi mer zum Vott iwwer. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

# 6. SUBSIDE FIR D'ETUDES SECONDAIRES A POSTSECONDAIRES

**Ännerunge vum Gemengereglement iwwer Bäihëllefe fir Secondaire- a Postsecondaire-Studien**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Subside fir d'Etudes secondaires a postsecondaires. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Ech géif soen, alle Jahre wieder. Ech mengen, mir hunn et d'lescht Joer eréischt ugepasst dat Reglement, mir mussen elo scho erëm eng Upassung maachen. Dat ass awer net, well mer schlecht opgestallt sinn, mee dat ass och, well ëmmer erëm nei Bewäertungssystemer an eise Schoule kommen. A wa mer dann d'Demande erakréien, gesi mer, dass mer, esou wéi d'Reglement eeben dann ass, et net fäerdegbréngen. Duerfir huele mer ëmmer erëm Ännerunge vir. Ech géif eng Kéier ganz kuerz op déi Ännerungen agoen. Ech mengen, Dir hutt dat neit Reglement virleien. Den Här Zuang als President vun der Kommissioun huet och ganz vill Diskussioune mat der Kommissioun gefouert, wou glécklecherweis, an dat ass wierklech eng Chance, wou Enseignanten drasëtzen an och Proffen, déi dann ëmmer vum Terrain eis kënnen och hire Feedback ginn. Also, dat huet eis relativ vill gehollef. Ech géif einfach op déi- Dir hutt et am Rouden- am Reglement gesitt Der et, op déi eenzel Ännerungen agoen. Vläicht kann den Här Zuang herno, wann ech eppes net gesot hätt, kann een nach kuerz drop agoen.

Déi éischt Ännerung, an dat gesitt Der, dat ass une prime d'encouragement pour élèves du poste-primaire. Do hate mer bis elo ëmmer méritant stoen. Et ass awer net all Schoul, déi e Certificat méritant ausstellt. Dat heescht, am Fong ass et dann esou, wann s de dee Certificat net hues, fälls de net ënnert dat Reglement, duerfir hu mer de Méritant erausgeholl an elo steet einfach do élève du poste-primaire. Da géif ech weiderfueren op der Säit 2, den Artikel 3.1. , och do hu mer de Méritant erausgeholl, souwéi am éischte Saz. Dat ass nëmmen eng ganz kleng Ännerung.
An da géif ech op den Artikel 3.3. kommen, deen ass nei, deen ass dobäi komm an dat ass genau dat, wouvunner ech elo geschwat hunn. Net all Lycée mécht eng Bewäertung no Punktesystem. Si fuere mëttlerweil ganz vill iwwer A, B, C Wäerter, déi se erausginn. An duerfir hu mer missten dat elo upassen, wa mer esou Zensuren erakréien. Dat si ganz vill d'Europasschoul, d'International School, déi mat deene Bewäertungssystemer schaffen. An do hätte mer dann agesat, an dat hu mer och genau esou appliziéiert wéi am 3.2., dat heescht, no Punkten hu mir am Fong no Buschtawen deem Ganze Rechnung gedroen. An do soe mer einfach beim Cycle inférieur, eng Mention excellent, wann s de 86 % hues vum A, da fält se ënner de Krittär, da kanns de och déi Primm kréien.

Beim Cycle moyen, Mention très bien, do sinn et nach 80 % vun den Notten, déi mussen A sinn. A beim Cycle supérieur, do ass Mention bien gefuerdert. An dat sinn dann e Minimum vu 66 % Notten A, déi s de muss op denger Zensur stoen hunn. Voilà. Mir passen dësen Artikel un. An dann ass och nach den Artikel 3 5. All Schüler, dee vu senger Schoul en „Élève méritant"-Certificat kritt - dat ass ganz flott, Schoule stellen „Élève méritant"-Certificaten aus, dat heescht awer net nëmmen, datt e gutt geschafft huet, datt e vill geléiert huet, dat kann och ganz heiansdo einfach en Engagement sinn. E war gutt a sengem Schülercomité, en huet do gutt Aarbecht geleet oder en huet soss iergendeppes gemaach, wou e wierklech e Meritt derfir kritt. An déi stellen d'Schoulen aus an deene wollte mer d'office an deem Reglement dann awer och e Subsid accordéieren.
Voilà, ech mengen, ech hätt alles gesot. Wa Froe sinn, also vläicht huet den Här Zuang nach eppes méi ze soen, mee ech mengen, et wär alles. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Erklärungen, wëll de President vun der Subsidekommissioun nach eppes soen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Jo, d'Josiane war zouzesoe perfekt, ech wollt just nëmmen nach vläicht präziséieren, dass mer och generell e Problem hate mat deem Term „Élève méritant", well mer effektiv dëst Joer e puer Schüler haten, wéi mer herno bei eis um Tablo gesinn haten, déi net déi néideg Moyennen haten, si waren awer élève méritant. Bon, mir hunn awer dofir jo och effektiv gesot, op Basis vun deenen Aussoe vun, wéi d'Josiane sot, eise Memberen, wou dach e puer Stéck aus dem Enseignement sinn, an eis gesot hunn, dass deen „Élève méritant", och effektiv net deen, besser muss net dee sinn, deen effektiv de Klassebeschten ass respektiv deen extreem gutt léiert. Et war e bëssen eis Impressioun ëmmer an de leschte Joren, mee dëst Joer hate mer wierklech e puer Fäll, wou dann ënner de Moyenne waren. Effektiv, den „Élève méritant", gëtt vun der Régence proposéiert, well dat si Schüler, déi sech e bëssen ervirgedoen hunn, net onbedéngt an iergendengem Fach, mee a iergendenger anerer Aktivitéit, déi se gemeet hunn am Sënn vun der Schoul, am Sënn vun der Klass.

Ech hunn elo nach zum Beispill d'lescht Kéier op Facebook en ale Schüler aus der Gaffelt gesinn, deen am Hubert Clement ass, deen dann sech do virgedoen hat, dass en

extra Leeschtungen an iergendenger Epreuve am Schach hat, vläicht national oder esou, op jiddwer Fall, also och deen ass dann zum „Élève méritant", ginn. Voilà. An dofir hu mer dat Wuert d'office och dobäi geschriwwen. Dat hutt der vläicht gesinn. Also en „Élève méritant", dee kritt d'office eng Primm. Dat heescht, do bräichte mer am Fong geholl elo näischt anescht ze kontrolléieren, wéi seng Donnéeën, ob en net dubléiert huet an esou weider. En „Élève méritant", kritt d'office jiddefalls eng Primm. Dann, dat anert, jo, d'Josiane sot et , alle Jahre wieder kënnt eng kleng Ännerung bei eis, mir hunn effektiv zwou Ufroe gehat aus dem Lycée européen, respektiv International School, an do war et effektiv jo esou, dass dann do dee Système par note alphabétique gemaach gëtt. Bon, wéi gesot, dee Moment hate mer jo nach kee Reglement, dat heiten solle mer jo haut de Moien zesummen adoptéieren. Mee jiddefalls hu mer eis awer d'Méi gemeet, fir d'Kommissioun nach eng Kéier zesummenzeruffen. Mir hunn dann iwwert déi Zensur, respektiv iwwert déi Notten do gekuckt vun deene Schüler. Bei deem engen, do war absolut keng Diskussioun, do waren nëmme Ben, Cen dran an et waren esouguer och Den dran.

Bei deem aneren, do war et esou, dass e puer Aen dra waren, awer eiser Meenung no, mir hunn dat wierklech intensiv da gekuckt gehat, ass et einfach eiser Meenung no net duergaangen. D'Mamm huet eis dunn awer nach eng Kéier zeréckgeäntwert, dat wär awer net ganz korrekt, well bei deenen enge Schoule géif mat Koeffizienter geschafft ginn a bei hinnen awer net a mir dierften dofir d'Niewefächer net mat eranzehuelen an d'Bewäertung. Dat hu mer dann och gemeet an enger nächster Sitzung. An, bon, wéi gesot, ass et och do net duergaangen an dofir si mer dann eeben zum Schluss komm, fir dat elo kloer ze definéiere mat Prozentsätz an déi stinn dann elo hei zur Adaptatioun. Voilà, ech mengen, da si mer do kloer, da kënne mer kenger Kritik méi ausgesat ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Zuang nach eng Kéier fir déi doten Erklärungen. Huet soss nach een eng Fro oder Remark?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Jo, also d'CSV huet dat ëmmer ënnerstëtzt an och, dass mer eng Prime d'encouragement maachen, dass mer de Fläiss an d'Engagement vun de Schüler héichhalen. A wéi gesot, d'lescht Joer, déi Upassung, déi war extreem wichteg, dass mer och de Régime professionell mat eranhuelen. An ech fannen och, oder mir fannen, dass och den Artikel 3.5, wou mer elo déi Schüler, déi méritant sinn, dass déi och vun eis am Fong e bëssen och geéiert ginn an och also en Award kréien, well d'Schoule maache sech dat net einfach, fir engem Schüler e Meritant ze ginn. Mee et ass, wéi den Här Zuang gesot huet, dat sinn der oft, déi niewent der Schoul nach en Engagement hunn, sief et am Theater, sief et am Sport, sief et am Benevolat. Et sinn der, déi Aktioune starten, déi kleng ONGen op d'Bee bréngen. An ech mengen, grad dat weist och, dat ass och de Spirit, den Esprit vun deem, wat mir gären hätten, dass mer Schüler ënnerstëtzen, déi fläisseg sinn, déi sech engagéieren.

A wat d'Schüler och ëmmer soen, deen Diplom, deen se och kréie vun der Gemeng, dat däerf een net vernoléissegen. Dat ass awer e flotten Outil, deen se kënne bei enger Demande fir e Stage ze maachen, mol dobäi ginn. An och, och d'Universitären, déi soen dat. Dat mécht awer ëmmer gutt, wann s de weis hei lauschteren, deen do ass fläisseg, deen ass zouverlässeg, dee wëllt schaffen. An ech denken, grad an eiser haiteger Gesellschaft ass dat extreem wichteg. A mir fannen déi hei Adaptatioune ganz an der Rei a si ganz frou, dass och an där Kommissioun och ëmmer esou e flotten Dialog ass. Dat kréie mer ëmmer vun eise Leit och gesot, dass eebe vill Enseignanten och dra sinn, déi eeben och vill Input ginn. An dat mécht et am Fong och da flott, fir eeben déi Decisiounen ze huelen, déi Dir elo hei geholl hutt. A mir felicitéieren dem Romain Zuang a senger Kommissioun dozou a mir stëmmen dat heite ganz gäre mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ma ech wollt och Merci soen der Kommissioun, well effektiv, ech hat d'lescht Joer och eng Kéier d'Geleeënheet, wou mer déi éischt Adaptatioune gemaach haten, fir eng Kéier dobäi ze sinn. Also, et ass wierklech flott Schaffen do gewiescht an där Kommissioun. An och dat heiten, dat weist einfach, dass dat Verständnis vun esou engem Subsid am Fong der Motivatioun an och der Unerkennung vun der Leeschtung vun de Schüler Rechnung dréit, déi net onbedéngt ëmmer de Klasseprimus sinn, mee dass eeben och op aner Saachen nach gekuckt gëtt, wat awer wichteg ass virun allem fir déi Jonk och bei der Staang ze halen, respektiv nach weider vläicht zousätzlech ze motivéieren. An dofir si mir och hei ganz oppe fir dat heite matzestëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir Är Stellungnam.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Dir wësst, dass mir eis 2021 enthalen hu beim Reglement. Mir hunn awer d'lescht Joer am Juli Verbesserunge matgestëmmt, déi och kloer Verbesserunge mat sech bruecht hunn. Dëst Joer hate mer Diskussiounen, well mir sinn am Fong och mat dësen Upassungen, och wa se vläicht e bësse vu méi klenger Natur sinn, éischter e bësse méi formal, mir sinn awer ganz domadder averstanen. Mee mir hunn nach ëmmer de Problem, dass an eisen Aen e bëssen de sozialen Aspekt feelt, dass mer eng Prime d'encouragement ginn, fir Schüler, déi einfach vläicht vill maachen, vläicht awer och einfach d'Chance hunn, dass se gutt sinn an der Schoul, a keen Encouragement hunn, fir déi, déi et eigentlech bräichten. Mir hunn och elo héieren, „bon, et war ganz einfach ze soen, dass e Schüler näischt kritt, wann ee just Ben an Cen huet". Bon, also Ben. Vläicht war dat awer dat Bescht, wat dee Schüler konnt. A vläicht hätt deen grad en Encouragement gebraucht. Mir wäerten dat awer matstëmmen, well duerch den „Élève méritant" effektiv do eng Chance erakënnt, dass och net nëmmen op d'Notte gekuckt gëtt. Dat hänkt dann nach natierlech vun de Schoulen a vun de Lycéeën of, wien opgrond vu wéi engem Exploit als „Élève méritant" definéiert gëtt.

Et ass nach ëmmer net esou universell, wéi mir eis et géife wënschen als Reglement vun der Gemeng. Mee zumindest mécht et d'Dier op, dass och Schüler, déi vläicht awer méi eng schwéier Léier hunn oder net esou déi Moyenen hunn, fir ëmmer gutt Punkten an der Schoul ze hunn, awer och kënnen- an et geet jo net just ëm d'Suen- weisen, dass mer och awer hir Aarbecht gesinn a se wëllen encouragéieren. Dowéinst wäerte mer dat matstëmmen. Ech ralliéiere mech dann och un d'Mercie fir d'Kommissioun. Och eis Vertriederin schwätzt ëmmer ganz gutt vun där Kommissioun.

Et ass jo och do nach eng Remark mat agebonne ginn, wou mer gesot hunn, „okay, elo de Moment gëtt et de System ABC, mee wat ass, wann dann och elo nach eng Schoul en neie System huet?" Dat ass och elo direkt, zumindest schonn e bëssen dran, mat „ou autre système", dat heescht, do gëtt, do ass och e gudden Echange dran.
Mir ass just opgefall, dass, wann ech mech net ieren, et keng Rapporte vun der Kommissioun gëtt. Also zumindest net um Sharepoint, mee ech mengen, si sinn och net verschéckt ginn. Dat wär natierlech nach e klenge Bemol. Vläicht kann een dat nach e bësse besser maachen an Zukunft. Mee mir stëmmen dat heiten da mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Wëll nach ee Stellung dozou huelen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert zeréck un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci fir déi flott Interventiounen. Vläicht de Rapport, also, ech muss mech do entschëllegen, d'Joffer, déi dat elo mécht, déi dat iwwerholl huet, bis elo war dat jo den Här Streff, ass ganz nei an ech mengen, datt et einfach en Oubli ass oder datt si dat esou net wousst. Mee wéi gesot, also an Zukunft wäerte mer dat besser maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci villmools. Voilà, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat der Propositioun vun de Modifikatiounen hei vum Reglement averstanen. ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. KONSULTATIV KOMMISSIOUNEN

**Ännerungen an der Zesummesetzung vu verschiddene konsultative Kommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt geet et ëm d'Changementer an de Kommissiounen an dat si véier Kommissiounen. Et ass an der Kommissioun vun der Musekschoul de Vertrieder vum Groupe Septolet, do ersetzt d'Madamm Sandra Lux den Här Paul Klein. An der Sécherheetskommissioun bei der DP, do ersetzt d'Madamm Anne Leser den Här Alfred Yaovi Dagbui.
An der Commission scolaire als Observateur bei der DP, do ersetzt den Här Fabrice Baur d'Madamm Sheila Schmit. A bei der Kommissioun Gesond Diddeleng, da kommen zwee weider Experten aus dem Gesondheetsberäich mat dobäi, d'Madamm Valérie Calvisi-Mack an d'Madamm Nathalie Weber. Ass de Gemengerot domat averstanen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt froe bei Gesond Diddeleng kommen zwee Experte bäi. Sinn déi dann net Member? Dat heescht, déi kréie keng Jetonen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, si si Member, mee si bréngen eng Expertise. Mir sinn eis eens, si si vollwäerteg Membere, mee si bréngen eng zousätzlech Expertise mat aus dem Gesondheetsberäich. Voilà, keng onwichteg Prezisioun. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer eriwwer op deen nächste Punkt iwwer.

# 8. JUMELAGE

**Motioun vun der Fraktioun „Déi Lénk" – Motioun am Hibléck op d'Kreatioun vun engem Jumelage tëschent de Stied Diddeleng a Jenin**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Elo komme mer zu der Motioun vun déi Lénk, de Jumelage vun der Stad Diddeleng mat der Stad Jenin. Ech wëll just, wat de formelle Kader ugeet nach eng Kéier, an ech wäert dorobber natierlech oppassen, dass dat esou agehale gëtt. Dat gëllt fir déi zwou Motiounen, déi hei virleien. D'Autrice respektiv den Auteur exposéiert seng Motioun an dann ass eng kuerz Stellungnam vum Member aus dem Schäfferot. Da kënnen alleguerten d'politesch Parteien natierlech dozou Stellung huelen. Da kann d'Autrice respektiv den Auteur nach eng Kéier dozou Stellung huelen. Dann nach eng Kéier de Schäfferot. An dann ass de Vott, do ass och eng Zäitfënster gesat an ech wäert, oder de Patrick och kucken, dass mer dann och dee Kader wahren. Voilà! Let's go! Madamm Thoma, Dir hutt d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. D'Situatioun am Noen Osten ass katastrophal. Ech mengen, dat ass mëttlerweil jidderengem heibanne bewosst. Déi rietsextrem Regierung vum Benjamin Netanyahu féiert zurzäit e Genozid um palästinensesche Vollek a Gaza. Dat soen net ech, dat soen den internationale Geriichtshaff, Amnesty International a vill weider Organisatiounen. Wichteg zivil Infrastrukture gi bombardéiert, Pressevertrieder a medezinescht Personal ëmbruecht an international Hëllefsgidder gestoppt. Den Honger gëtt instrumentaliséiert an als Krichswaff géint d'Mënschen a Gaza agesat. Säit Enn Mee goufe bal 800 Leit ëmbruecht, déi an der Géigend vu Verdeelzentren, vun Hëllefsorganisatiounen waren an Hëllef gesicht hunn. Internationaalt Recht gëtt och am Westjordanland gebrach, wou déi israeelesch Regierung eng aggressiv Kolonialpolitik bedreift.

Eréischt am Mee goufen 22 nei Siidlunge „legaliséiert", ënner Anführungszeichen, well laut internationalem Geriichtshaff sinn och déi kloer illegal. Alles dat wësse mer. Et brauch ee just d'Zeitung opzeschloen, iergendeen Dag

an der Woch d'Brèven ze liesen: „Israels Armee tötet Hilfesuchende", „Siedler prügeln Mann zu Tode". Mir wëssen dat, mee eis Regierung handelt awer net. Lëtzebuerg ass nach ëmmer ënner enger Minoritéit vu Länner mëttlerweil, déi de Staat Palästina net ëffentlech unerkennen, obwuel d'Chamber scho virun zéng Joer eng Motioun an deem Sënn gestëmmt huet. An och vu wirtschaftleche Sanktioune géint Israel, opgrond vun deene manifeste Verstéiss géint d'Mënscherechter, wëllt den Ausseminister näischt héieren. Mee wann internationaalt Recht mat Féiss geträppelt gëtt, da geet dat eis all eppes un an dann hunn och mir hei op lokalem Plang d'Responsabilitéit, dat net onkommentéiert stoen ze loossen. Eng Méiglechkeet wier, dobaussen op der Gemengeplaz nieft dem ukraineschen och de palästinensesche Fändel opzehänken, soulaang de Genozid a Gaza net ophält.

Am Numm vun déi Lénk wëll ech awer haut hei eng Motioun abréngen, fir net nëmme symbolesch, mee ganz konkreet Schrëtt a Richtung vu méi Volleksverstännegung ze goen. D'Instrument vun der Städtepartnerschaft soll dozou bäidroen, Brécken tëschent de Bierger aus ënnerschiddleche Länner ze bauen a gouf am historesche Kontext oft genotzt, fir Solidaritéit auszedrécken oder Fridden oprechtzeerhalen. Beispiller wiere Partnerschaften tëschent engleschen an däitsche Stied nom Zweete Weltkrich oder tëschent däitsch-däitsche Stied eng Rei Joren duerno. Diddeleng ass momentan jumeléiert mat sechs Stied, net siwen, wéi et am Text vun der Motioun steet, fir dee Feeler entschëllegen ech mech, sechs Stied aus Däitschland, Frankräich, Polen, Italien, Portugal a Montenegro. Eis Commission du jumelage et du tourisme war zumindest bis elo ënnert hirer nach aktueller Presidentin dann och ganz aktiv.

Ech mengen, virun zwee Méint war en Theatergrupp aus Manon hei zu Diddeleng an onvergiesslech ass och nach den Optrëtt vun de Fahnenschwenker aus Feltre um Butschebuerger Buergfest d'lescht Joer. Diddeleng ass eng sozial an dynamesch Stad, déi gutt vernetzt ass a kann houfreg op hir multikulturell Identitéit sinn. Domat si mer an der beschter Situatioun, fir international Solidaritéit ze weisen a Brécken ze bauen a Richtung vun engem Vollek, dat eis Ënnerstëtzung brauch. An aus deem Grond invitéiere mir de Schäfferot, a Kontakt ze triede mat der lokaler Autoritéit vu Jenin, fir sech iwwer eng méiglech zukünfteg Zesummenaarbecht tëschent eise Stied auszetauschen, déi sech dann hoffentlech kéint an engem Jumelage entfalen. Mir hu probéiert eng Formulatioun ze fannen, déi en compte hëlt, dass sou ee Jumelage natierlech net eesäiteg an och net vun haut op muer kann ëmgesat ginn. An trotzdeem ass d'Iddi an d'Zilsetzung awer ganz kloer dran.

Jenin ass eng Stat am Norde vum Westjordanland, mat ongeféier 50.000 Awunner, an engem UN-Flüchtlingslager, an deem säit de Fofzegerjore palästinensesch Flüchtlingsfamilljen ënnerkomm sinn. An obwuel d'Stad zum palästinenseschen Autonomiegebitt gehéiert, ass d'israeelesch Arméi ufangs des Joers agefall an huet de Flüchtlingscamp geraumt, soudass d'Familljen alt erëm verdriwwe goufen.
Zu Jenin gouf Kultur ëmmer groussgeschriwwen, mat ënner anerem dem Freedom Theater, dee probéiert, de




Misär mat Hëllef vun Theater opzeschaffen a Jonker eng Perspektiv ze ginn. Fir eng Kulturstad wéi Diddeleng kéint dat den éischte gemeinsamen Unhaltspunkt sinn. E Lien tëschent Diddeleng a Jenin gëtt et aktuell awer och scho ganz konkreet, zumindest op finanzieller Basis, well „Diddeleng hëlleft" e Projet vum Comité pour une Paix Juste au Proche-Orient ënnerstëtzt, fir Kanner an hiren Elteren am Flüchtlingscamp zu Jenin ebe psychosozial Ënnerstëtzung ze bidden. Kreativ Atelieren, Hausaufgabenhëllef, Ausflich, mee och psychologesch Seancë sollen hëllefen, déi erlieften Traumata opzeschaffen. Dëse Projet leeft säit 2024 a soll iwwer dräi Joer weiderlafen, hoffentlech, à voir wéi sech elo d'Situatioun sur place entwéckelt. Wéi schéi wier et, wa wärend dësem Zäitraum Diddeleng a Jenin sech kéinte weider unnäheren an hir Zesummenaarbecht ausbauen a konkretiséieren. Mir wieren déi éischt Stad zu Lëtzebuerg, déi géif e Jumelage mat enger palästinensescher Stad agoen. Dass dat ka funktionéieren, dat gesi mer an eisen Nopeschlänner, Léck ass an engem Jumelage mat Ramallah. Eis Partnerstad, Lauenburg an der Elbe mat Al Ubeidyeh, deet mer leed fir d'Aussproch, Stroossbuerg mam Flüchtlingscamp Aida a Marseille huet ugekënnegt, aktuell Gespréicher mat zwou Stied am Westjordanland ze féieren.

Ech mengen et ass kloer, mam Vott vun dëser Motioun wäerte mir als Diddeleng net den No-Ost-Konflikt léisen. Dat ass ganz sécher net den Usproch, mee wëssend, dass eis Regierung net an der Lag ass, kloer Stellung ze huelen an der aktueller humanitärer Katastroph, ass et awer wichteg als Gemeng eng kloer Haltung ze weisen. En Unhuele vun der Motioun wier zum engen e staarkt Symbol, mee e sollt am beschte Fall natierlech doriwwer erausgoen. E Jumelage soll eng dauerhaft Bezéiung sinn, déi och wierklech e kulturellen a sozialen Echange erméiglecht, an deen eis Schoulen, Associatiounen a Veräiner kéinte matabezu ginn. Dovunner géifen net nëmmen d'Palästinenser, mee och d'Diddelenger Bierger profitéieren, well et en Abléck an eng nei Kultur ausserhalb vum europäesche Kontinent géif erméiglechen. Dës Initiativ ass net am loftleere Raum entstanen, mee am Echange mat verschiddenen Organisatiounen, déi sech fir Fridden am Noen Osten asetzen. Ech si mer ganz sécher, dass dës ONGe bereet sinn, eis Gemeng ze ënnerstëtzen, wann et drëm geet, a Kontakt mat de lokalen Autoritéiten zu Jenin anzetrieden an opzebauen.

Well d'Iddi fir ee Jumelage tëschent enger lëtzebuergescher an enger palästinensescher Stad opzebauen huet, an dat hunn ech wärend deene leschte Woche verstäerkt gemierkt an de Gespréicher, d'Ënnerstëtzung vun der Zivilgesellschaft a groussen Deeler vun der Bevëlkerung.

Säit mëttlerweil annerhallwem Joer demonstréieren all Samschden, Woch fir Woch, d'Leit an der Stad fir Fridden an d'Anhale vum internationale Recht. Zwou Petitioune fir d'Unerkennung vum Staat Palästina a fir Sanktioune géint Israel goufe mëttlerweil an der Chamber debattéiert. Vill Leit, virun allem vill Jonker, sinn extreem engagéiert op dësem Sujet an ëmmer erëm gi se virun de Kapp gestouss, well Lëtzebuerg sech net beweegt. Aus all deene genannte Grënn hoffen ech éierlech, dass dës Motioun haut op eng grouss Zoustëmmung heibanne ka stoussen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, fir d'Erklärung.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Och Merci fir d'Virstellung vun Ärer Motioun, Madamm Thoma. Ech probéieren dat dann awer elo mol erëm op de kommunalen Niveau erofzebréngen a kucken am Detail, wat ass iwwerhaapt esou e Jumelage tëschent zwou Stied? Wat ass och de But dovunner? A wéi kann een esou e Jumelage och mat Liewe féllen an och längerfristeg um Liewen halen? De Jumelage soll an éischter Linn jo mol en Austausch tëschent deenen zwou Stied sinn. En Austausch, dat heescht awer och, datt d'Leit vun hei dohinner ginn a vun dohinner heihinner kommen. Well d'Zil soll et jo vun esou engem Jumelage och sinn, datt Frëndschaften entstinn zwëschent de Biergerinnen an de Bierger. Virun allem sollen dat och laangfristeg Frëndschaften am beschte sinn, fir datt een eebe kann zesummeschaffen, op kulturellen Niveau ass gesot ginn, an der Bildung, dem Sport a vläicht och souguer op ekonomeschen Niveau.

Dir wësst awer och, datt esou Austauschprogrammer dann zwëschent Schülerinnen a Schüler, ob dat Primär oder Lycée ass, solle stattfannen, datt d'Schülerinnen a Schüler aus där enger Gemeng an déi aner Gemeng solle kucke kommen, fir datt se och gesinn, wéi déi eng an déi aner liewen. Bon, dat selwecht gëllt fir déi kulturell Manifestatiounen. Dir wësst, datt mer, et ass virdrun ugeklongen, déi Grupp um Buergfest d'lescht Joer haten. Mir hate portugisesch Gruppen op eiser Fête des Cultures. Am Sport ass Berane scho méi dacks och um Youth Cup dobäi gewiescht. An am Idealfall kommen esouguer Kontakter zwëschent Betriber oder zwëschent Start-uppen op, fir och do kënnen den Austausch op deem Niveau ze konkretiséieren. An och gemeinsam Projeten, a wann ech soe gemeinsam Projeten, dann heescht dat, datt gemeinsam soll drop geschafft ginn an och gemeinsam déi Fraise solle gedroe ginn a realiséiert ginn. An dann natierlech den Tourismus, et soll een deen och net vergiessen, et ass net fir näischt, hei zu Diddeleng ass eng Kommissioun, déi heescht Tourismus a Jumelage. Mir sollen eis Diddelenger Biergerinnen a Bierger och dozou kréien, fir een deen anere besser kennenzeléieren, duerch Visitten, an hinnen dann d'Schéinheete vun där enger oder där aner Plaz ze weisen an ëmgedréit och déi Leit Lëtzebuerg, respektiv Diddeleng, virun allem kucke kommen.

An dat maache mer jo och doduerch, datt eis Clibb eeben deen Austausch hunn. Ech hu virdrun zum Beispill den HB Diddeleng genannt, mee awer och am Rettungswiesen oder och eis Scouten, déi op Campen ginn an deene betreffende Jumelagegemengen. An net zulescht déi zwee Schäfferéit, déi sech och musse gesinn an och sech kënne mateneen austauschen. An duerch alles dat, wat ech elo opgezielt hunn, versteet sech eigentlech vum selwen, datt mer net kënnen op dee Wee goen, fir dat doten, wat an der Motioun eebe vun Iech virgeschloe gëtt, e Jumelage mat Jenin ze maachen. Mir hu keng fiabel Donnéeën iwwert d'Gouvernance vun där Stad an iwwert hire Fonctionnement. Dat selwecht gëllt och fir d'Gemengeservicer. A wa mer éierlech sinn, da wësse mer, datt dohanne grad relativ wéineg fonctionéiert. An déi minimal Viraussetzungen, mengen ech awer, fir datt e Jumelage, e formale Jumelage kann zustane kommen, dat ass awer nun emol eeben d'Partenariat zwëschent zwou fonctionéierenden Administratiounen.

An da ganz dovun ofgesinn och vum Sécherheetsfacteur, do si mer elo weider nach guer net drop agaangen, wie fiert vun eise Clibb fräiwëlleg dohinner a vun eise Biergerinnen a Bierger? Géinge mir Kanner oder Jugendlecher oder eis Schüler iwwerhaapt wëllen dohinner schécken, wa mer wëssen, datt mer eigentlech net kënne fir hir Sécherheet garantéieren? Dir hutt selwer opgezielt, datt do nach ëmmer bombardéiert gëtt, datt do Saache futti gemaach ginn. An d'Fro stellt sech och, wéi komme mer iwwerhaapt dohinner, wa mer da géife Fräiwëlleger fannen? Mir wësse via d'DOCHA, dat ass den Office for Coordination of Humanitarian Affairs fir Palästina, an dat ass e Gremium vun der UNO, datt do militäresch Poste sinn, déi kontrolléieren an net onbedéngt Leit eran- an erausloossen aus där Géigend, mat där mer elo sollen e Jumelage ustriewen. Ech weess net wéi mer eis deen Austausch solle virstellen, wa mer net bei si kommen a si net bei eis kommen. Mir wëssen dann och, via den Office of the United Nations Special Coordinator for the Middle East Peace Process, datt do Stroosse futti sinn, d'Waasser rar ass, d'Telekommunikatioun praktesch guer net méi fonctionéiert. Ech weess net, wéi mer sollen e Jumelage maachen.

A virun allem, dee Jumelage, dee wëlle mer jo och um Liewenalen, längerfristeg. Wa keen eraus kann, keen era kann, den Telefon an den Internet fonctionéieren dacks net. Dat heescht, mir kommen net dohin, et kënnt keen heihinner an d'Kommunikatioun an Internet si begrenzt. Dat fannen ech e bësse schwiereg. An, wat ech virdrun alles opgezielt hunn, wat de Jumelage eigentlech soll sinn, wat dee soll duerstellen, wéi dee konkreet a praktesch soll fonctionéieren, an da sinn ech nach guer net op d'Käschten agaangen. Well souguer wann, wa mer muer esou einfach dohinner kéimen, da wär et un eis ganz aleng als Diddelenger Gemeng, déi Käschten, déi Fraisen dofir ze droen. Well wa mer éierlech sinn, wësse mer, datt si selwer net allze vill Sue momentan hunn, respektiv si hunn och grad aner Suergen, déi puer Sue wou se hunn, fir déi auszeginn, wéi elo onbedéngt e Jumelage mat Diddeleng oder och eventuell mat enger aner Stad.

An da kënnt och nach de Facteur Sprooch an hei och nach d'Schrëft dobäi. Mir hu jo eng Partie Jumelagen a mir wëssen alleguerten, datt déi, wou am einfachsten um Liewen ze hale sinn, dat sinn déi, wou d'Leit kënne matenee kom-

munizéieren. Dat ass Lauenbuerg an dat ass Manom, well mer do eng gemeinsam Sprooch alleguerten hunn. An dat Mateneeschwätzen, mengen ech, dat ass ganz wichteg, déi gemeinsam Sprooch. An dat ass leider net iwwerall de Fall. Gitt emol eng Kéier op Lebork kucken a Polen, an da probéiert Der een an deem, een an deem Gemengerot, ech schwätzen mol net vum Schäfferot, an deem Gemengerot ze fannen, mat deem Der Iech kënnt op Englesch oder op Däitsch ënnerhalen. Also, mir hu kee fonnt. Mir hu kee fonnt. An do waren och Jonker drënner, dat war elo net en eelere Gemengerot. Do waren och Jonker drënner a mir konnten net mat deene Leit schwätzen ouni Iwwersetzer. A mir brauchen hei schonn net esou wäit ze goe wéi Polen. Och Portugal an Italien ass e Problem op Sproochenniveau, wann een net enger vun deenen zwou Sprooche mächteg ass.

An da kënnt och nach dobäi, datt iergendwou ëmmer an deene Länner Wale sinn a mer dann duerno erëm vun Null mussen ufänken op politeschem Niveau, fir dann emol iwwerhaapt Kontakter ze knäppen. An ech verroden Iech och kee Geheimnis, wann ech soen dacks ass bei deenen neie Leit den Interessi eigentlech net direkt ganz grouss, sech ëm e Jumelage-Dossier ze këmmeren, wann déi sech emol mussen an d'Dossiere vun hirer eegener Stad aschaffen. Mir sinn iwwregens och scho méi laang amgaang ze kucken, e Jumelage mat enger Stad an der Ukrain op d'Been ze stellen. A villes vun deem, wat ech elo iwwert déi Situatioun zu Jenin sot, dat gëllt natierlech och fir d'Ukrain, och zum Beispill elo vum Krichszoustand ofgesinn, wat d'Sprooch an d'Schrëft ubelaangt, soudatt mer do och e bëssen am Krees tréppelen, wann ech soen, mir si scho méi laang amgaang fir do weiderzekommen.

A wa mer da wëlle weiderkommen an engem neie Jumelage, da wär dat doten elo mol deen Dossier d'Ukrain, wou mer dru wëlle weiderschaffen a probéieren eppes op d'Been ze kréien, well mer do eebe schonn amgaang sinn.
An aus all deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, ass de Schäfferot der Meenung, dës Motioun net unzehuelen, well et fir eis onrealistesch ass, zu dësem Zäitpunkt op alle Fall, ze mengen, mir als Diddeleng kriten dat hin. Dir hutt virdru Stied am Ausland opgezielt, déi sinn och personell e bëssen anescht opgestallt wéi mir, virun allem awer och well mer wëssen, datt an där Regioun leider nach soubal kee Fridde wäert herrschen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir d'Stellungnam. Voilà, elo ass et och nach un deenen anere politesche Parteien, Stellung ze huelen. Den Här Steffen, den Här Meyer an d'Madamm Kemp.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. An och Merci der Madamm Thoma fir d'Motioun, déi si am Numm vun déi Lénk deposéiert huet. Sou wéi déi Lénk, déi Gréng an och d'LSAP national an dëser Thematik un engem Strang zéien, sou si mir eis fir eisen Deel vun déi Gréng emol eens, dass mir all Initiativ och um lokale Plang wäerten ënnerstëtzen. Wéi Dir wësst, ass déi humanitär Katastroph am Gazasträifen an am Westjordanland eppes, dat och eis Gréng besuergt. Och hei si mir der Meenung, dass wann een no Mënscherecht an internationalem Recht op anere Plazen zu Recht oprifft, dass een hei net kann d'Ae verschléissen. D'Bedroung vun enger Hamas gëtt Israel net d'Recht, esou virzegoen, wéi se et säit Méint maachen. Dorun ännere mir als Diddeleng zwar net direkt eppes, och wa mir wéilten. Eis Regierung hätt do schonn e Stéck méi Méiglechkeeten um internationale Plang Palästina unzeerkennen, wéi dat schonn aner Länner gemaach hunn. Dëst schwaarzt Lach vun der Lëtzebuerger Aussepolitik mécht et allerdéngs mat grousser Warscheinlechkeet net méi einfach, e Jumelage mat der Stad Jenin ze ficeléieren. Mir gesinn d'Chancen, dass et an der noer Zukunft zu engem offizialiséierte Jumelage ka kommen, deemno éischter geréng.

Ech hoffen, dass dat einfach elo eng pessimistesch Vue ass virun engem administrativ komplizéierten Terrain. Ech ginn elo net op all d'Consideranten an, wou opgelëscht sinn, ech wéilt just kuerz dann op de Choix vun der Stad Jenin agoen. Wéi d'Madamm Thoma dat hei an der Motioun erkläert huet, schéngt et eis schlësseg a virun allem de Lien, dee mat Diddeleng Hëlleft scho besteet, ënnersträicht an eisen Aen nach emol wéisou dëst e legitimme Choix ass ënner villen interessante palästinensesche Stied. Ech denken, ech ginn elo net op all d'Argumenter an, do ass schonn alles zimmlech komplett. Esou denke mer, dass d'Inviten esou formuléiert sinn, dass mer dat dote kéinte matstëmmen. Den A-Kontakt-trieden an de meilleurs délais steet beispillsweis do. An dat mat den ONGen, wou scho Lienen hunn zu der Administratioun dohannen, sou éischt Demarchen, denken ech, sollt een awer scho kënnen agoen, quitte dass déi ganz Bedenken och, dass ech jo och schonn zum Deel drop agaange sinn. Exprime son souhait steet och dran, dass de Jumelage zustane kënnt. Och dat, an dat gesi mer als deen éischten Invite am Fong, obschonns et net direkt en Invite ass, well de ganze Gemengerot jo heimadder gemengt ass, schéngt eis Prämiss ze sinn op deem, wou dat Ganzt fundéiert.

Dëse Wonsch, de Jumelage anzegoen, mécht jo iwwerhaapt déi ganz Demarche aus, soss wier et jo eng Symbolpolitik. Den drëtten Invite gesi mer och als wichteg, dass gekuckt gëtt, méi Acteure mat an d'Boot ze huelen, dëst fir e breede gesamtgesellschaftleche Konsens driwwer ze hunn an och opzeklären iwwert déi prekär Situatioun dohannen. Hei kéinte mer eis dann awer nach virstellen, en Invite bäizesetzen, fir eventuell Kriticken ofzebauen, respektiv och méi Zoustëmmung ze kréien. Hei kéinte mir eis virstellen, dass een nach kéint vag ënnersträiche mat engem Saz wéi: Ce jumelage n'a pas vocation à soutenir une partie contre une autre, mais à renforcer la solidarité humaine, culturelle et sociale entre collectivités locales dans un esprit de paix et de respect du droit international. Sou, dat wier elo eis Propos am Fong eisersäits fir eeben och eng gewëssen Eesäitegkeet do erauszekréien an de breede Konsens ze erreechen.

De leschten Invite fanne mer och ganz okay an, jo, mir wieren deemno, wéi gesot, hei oppen, déi Motioun an déi Richtung matzedroen, virun allem well mer, wéi ech jo och elo grad beschriwwen hunn, eis bewosst sinn, dass dat net vun haut op muer ka lassgoen an och net muer Schüler vun eis wäerten dohinner goen an ech natierlech och dat ën-

nerstëtze kann, dass do e Jumelage mat enger Partnerstad aus der Ukrain wëllt opgestallt ginn. Ech gesinn awer elo e bëssen d'Argumentatioun als déi selwecht, dass och do et net vun haut op muer machbar wier, Schüler hinzeschécken oder Sécherheet ze garantéieren. Dat heescht, mir appreciéieren emol vun eiser Säit, dass einfach de Gemengerot kéint deen dote Wonsch äusseren, déi Demarche ze entaméieren an dann ze kucke wéi wäit dass ee kënnt, zäitlech an awer och administrativ elo fir de Moment, well et steet jo bewosst ganz vag gehalen och net dran, bis dann an dann. Dat ka jo einfach heeschen, mir fänken elo mat der Prozedur un. Bei Neischmelz, bei all deenen anere Projete gi mer eis jo och méi wéi zéng Joer, fir dass eppes herno final klappe kann. Bon, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass en anere geopolitesche Kontext. Liicht, Här Steffen, liicht.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. E Jumelage hu mir mat sechs Stied aus sechs verschiddenen europäesche Länner. Mat Stied, mat deenen ee Gemeinsamkeeten huet, wou sech géigesäiteg ausgetosch gëtt, wou een emol op Besuch goe kann, well et do sécher ass. Sécher, well do eng stabil Regierung d'Geschehnisser vum Land reegelt a warscheinlech och, well si déi selwecht Wäerter liewe wéi mir. Ma elo mat enger Stad aus dem Westjordanland e Jumelage anzegoen, wat soll dat bréngen? Do herrscht momentan weeder Stabilitéit, nach gëtt et do Sécherheet oder eng stabil Regierung. An dass elo de falsche Moment ass, fir déi Stad, ob mat Frënn oder der eegener Famill, besichen ze goen, ass jo wuel jidderengem kloer. Ech denken och net, dass et de Leit aus der Stad Jenin eppes bréngt, fir mat Diddeleng e Jumelage anzegoen. A wat soll dat fir en Zeeche sinn? Si mir bis elo mat enger ukrainescher Stad e Jumelage agaangen? Net dass ech wéisst, a wisou dann net? Wär dëst dann net méi richteg?

Klammer op: Et freet mech awer elo grad vun der Madamm Dall'Agnol gehéiert ze hunn, dass déi Iddi elo emol um Dësch läit. Klammer zou. Schliisslech kämpfen d'Ukrainer schonn zënter mëttlerweil e puer Joer géint de Russ, deen op brutaalst Aart a Weis an hiert Land agefall ass. Des Weideren hu mir den Ukrainer jo och eis Solidaritéit ausgeschwat a mir weisen eis Solidaritéit géintiwwer den Ukrainer hei zu Diddeleng all Dag. Kuckt just eng Kéier zu Fënster eraus, da gesitt Der jo och den ukrainesche Fändel. Ma fir mat enger palästinensescher Stad eng Partnerschaft anzegoen, Palästinenser, déi besonnesch am Gazasträifen zënter Joren eng Terroristeregierung hunn, déi au contraire zu den Ukrainer déi waren, déi eng brutal ze veruechtend Attack op déi israeelesch Bevëlkerung lancéiert haten an nach ëmmer israeelesch Bierger als Geisele festhalen a si physescher a psychescher an och sexueller Gewalt aussetzen.

Léif Kolleegen hei am Gemengerot, ech sinn awer do der Meenung, dass d'Iddi, fir elo an der aktueller Situatioun e Jumelage mat enger palästinensescher Stad anzegoen, net dee richtege Wee ass. Merci. Ech wëll hei awer och betounen, dass d'DP de Gedanke fir an Zukunft am Sënn vum kulturellen Austausch mat der Stad Jenin e Jumelage anzegoen, net kategoresch ausschléisse wëllt, mee d'Situatioun misst sech dofir awer als Éischt emol nohalteg stabiliséieren an dovu si mir, esou wéi et am Moment ausgesäit, nach wäit ewech. Mee wie weess, de Mënsch lieft vun der Hoffnung an deemnächst ass zu London eng Konferenz, wou et ëm eng Zwou-Staate-Léisung geet. Des Weideren ass eis Regierung, a besonnesch eisen Ausseminister, de Xavier Bettel, beméit, Israel dozou ze bréngen, fir mat hirem Racheffeldzug opzehalen a fir erëm Rou a Fridden an d'Regioun ze bréngen. Ma Dir kënnt Iech sécherlech virstellen, dass et net esou einfach ass, eng Léisung fir dës komplett verzwickte Situatioun am Noen Osten erbäizebréngen. Ech fannen et dofir schued, dass een hei an der Motioun vun déi Lénk liese muss, dass déi Lëtzebuerger Regierung ontäteg ass. Dëst ass nämlech net de Fall. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert a Merci fir dës pertinent Motioun. Ech wëll ganz ausdrécklech d'Ënnerstëtzung vun Diddeleng Hëlleft ervirhiewen an déi steet fir eng konkreet an direkt Hëllef. Dës Motioun, déi hei virgeluecht ginn ass, féiert de Gedanken awer Schrott méi wäit. Mat hirem explizitt politesche Charakter réckelt d'Diskussioun vum Feld vun der humanitärer Hëllef an d'Feld vun der Aussepolitik. Dëst ass traditionell eng Prerogativ vum Staat an net vun enger eenzelner Gemeng, déi éischter op lokalen Zesummenhalt a praktizéiert Solidaritéit soll fokusséieren.

Am Moment huet Diddeleng scho sechs Jumelage-Partner a verschiddene Länner an Europa, wou een op Besuch goe kann an zesummen Aktivitéiten op d'Bee stelle kann. Mir hunn eis domat auserneegesat, wat de Jumelage ass. Wéi mer um Site vum Syvicol zum Jumelage liese konnte, steet dorop: „Le jumelage, c'est la rencontre de deux communes qui entendent s'associer pour agir dans une perspective européenne, pour confronter leurs problèmes et pour développer entre elles des liens d'amitié de plus en plus étroits". Dëst Zitat, fir kloer ze stellen, ass vum Jean Barré, Fondateur vum CCRE, 1951 gesot ginn. Aus menger Erfarung eraus ass et schonn eng grouss Erausfuerderung, dës Relatioun mat deene sechs Stied, déi mer elo schonn hunn, lieweg ze halen a substanziell Zesummenaarbecht ze entwéckelen.

Dee Jumelage mat Jenin ass, wéi schonn e puermol hei erwäänt ginn, schwiereg en place ze setzen. Dofir solle mir eis d'Fro stellen, ob mir net eng Charte oder Kader ausschaffe sollen, dee kloer Richtlinnen a Wäerter definéiert, fir festzehale wéi mer am géigesäitege Respekt, kulturellen Austausch a Färderung vun Demokratie a Mënscherechter an dës Charte kënnen abauen. An deem Kader stellt sech och d'Fro, ob mir eis Partnerstied informéiert hunn, datt Diddeleng eng Zone de Liberté LGBTQ plus ass a si gekuckt hunn, ob si déi selwecht Wäerter deele wéi mir. Merci fir dës pertinent Motioun, déi eis an eiser CSV-Sektioun intensiv beschäftegt huet. Wat heescht e Jumelage? Ass et just fir en Austausch vu Veräiner ze maachen? Ass den Austausch vun enger gesellschaftspolitescher Positioun mat

eise Jumelage-Gemengen net genau esou wichteg? Mee natierlech ënnerstëtze mir d'Aktivitéiten op humanitärer Basis duerch Diddeleng Hëlleft zu 100 %. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also Aussepolitik ass e Sujet, dee schonn an der Chamber diskutéiert gëtt. A mir fannen, datt de Jumelage mat enger palästinensescher Stad en Zeeche setzt, wéi wa mir géint de Staat Israel wären. An dat ass eng Haltung, déi mir net ënnerstëtzen. Dofir droe mir dës Motioun net mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll mech zu dëser Motioun äusseren, e Jumelage mat der Stad Jenin am Westjordanland anzegoen. De Grondgedanken hannert dësem Virschlag, dee vun internationaler Solidaritéit a vu Mënsch zu Mënsch Austausch ass, ass grondsätzlech ze begréissen. Mee Jumelage ass méi wéi e symbolesche Gest. Si erfuerdert konkreet Aktivitéiten, Schüleraustausch, kulturell Evenementer, Visitten tëscht de Verwaltungen oder dem Associatiounsliewen. D'Fro hei ass, kënne mir dat am Fall vu Jenin iwwerhaapt ëmsetzen, an der aktueller Situatioun, mat militärescher Presenz, Onsécherheet an enger komplexer politescher Lag. D'Iddi vun engem Jumelage mat Jenin ass op de Prinzipie vu Solidaritéit, Dialog an internationalem Zesummeliewen opgebaut. Wäerter, déi mir als Gemeng ganz kloer ënnerstëtzen.

Eis Bedenke sinn net géint d'palästinensesch Bevëlkerung oder de prinzipielle Wonsch no Dialog geriicht, mee éischter op d'aktuell reell politesch an humanitär Situatioun zeréckzeféieren. Nee, et ass net ouni Weideres méiglech, op Jenin ze reesen. Jenin gëllt zënter laangem als ee vun de Konfliktzenteren am Westjordanland. D'Lag ass onstabil an et kënnt ëmmer erëm zu gewaltsamen Zesummestéiss, militäreschen Operatiounen an zivillen Affer. D'Zougäng op Jenin ginn zum gréissten Deel vun den israeelesche Sécherheetsstrukture kontrolléiert. D'Rees ass net fräi a spontan méiglech an et kënnt zu Kontrollverweigerungen, och fir Delegatiounen aus dem Ausland. Doriwwer warnen europäesch Ausseministère viru Reesen an dës Regioun.

Et bréngt eis zu enger Onméiglechkeet vu prakteschem Austausch. E Jumelage erfuerdert konkreete Kontakt, Visitten, Schoulaustausch, kulturell Elementer. Awer ënnert dëse Bedéngungen ass et net verantwortlech, Schüler, Veräiner oder Biergergruppen dohinner ze schécken, oder ëmgedréit Gäscht vu Jenin ze invitéieren, vum Käschtepunkt guer net ze schwätzen. Fazit: Eng Partnerschaft mat Jenin ass am Moment net ëmsetzbar, weder praktesch nach verantwortlech. Mir setzen eis dofir fir Forme vun informellem Austausch a geziilten Hëllefsprojeten an, déi d'Mënschen direkt notzen. Et geet net géint d'palästinensesch Bevëlkerung, iwwerhaapt net, mee et geet ëm d'Form, d'Zäit an d'Verantwortung, mat där mir eis fir esou eng Partnerschaft stelle sollen. Mir si fir Dialog, fir Fridden, fir Mënscherechter, mee dës Wäerter liewen net duerch symbolesch Akten eleng, mee duerch konkreet a gläichberechtegt Zesummenaarbecht, an déi ass aktuell an dësem Fall net realistesch. Dofir stëmme mir géint dës Motioun. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Mir haten den Tour gemeet vun de politesche Parteien. Da ginn ech d'Wuert zeréck un d'Madamm Thoma, déi op dat dote reagéiere kann. An dann nach eng Kéier d'Madamm Dall'Agnol. An da maache mer de Vott vun der Motioun.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech fänken u mat enger Reaktioun op d'Madamm Kemp vun der CSV. Jo, dat heiten ass eng politesch Motioun. Effektiv, et ass keng organisationell Motioun, et ass eng politesch Motioun. An Aussepolitik läit schonn an der Hand vun der Regierung, mee net nëmmen, an et ass net nëmmen eng national Fro, well, also, Dir kënnt googelen, kommunal Aussepolitik, dat gëtt et, dat ass nämlech eng Haaptaufgab vun der Städtepartnerschaft, dat ass kommunal Aussepolitik. Dowéinst sinn ech och e bëssen iwwerrascht, dass, zumindest vun der LSAP, elo awer guer keng politesch Argumentatioun komm ass, fir déi Motioun net unzehuelen, mee reng organisationeller Aart. An déi fannen ech awer schonn e bësse komesch. Ech mengen, kee vun eis huet erwaart, dass mer elo d'nächst Woch Billjeeë bei der Luxair huelen an all zesummen op Jenin fléien. Am beschten nach mat eise Primärschoulen. Also, ech mengen, dat ass e bëssen eng komesch Argumentatioun.

Selbstverständlech war dat net d'Zil. Mee e Jumelage ass zum engen eng symbolesch Aktioun, mee kéint och haut scho konkreet hëllefen, et géing nämlech den Transport vun Hëllefsgidder oder d'Organisatioun vun Hëllefsgidder vereinfachen. Wa mer elo d'Argumentatioun héieren, „ah mir wëssen net, wien elo do genau responsabel ass" oder „mir kennen d'Sprooch net" oder „mir kënnen d'Schrëft net liesen", jo, vläicht ass dat wouer, mee dowéinst hu mer jo genau geschriwwen, mee et si jo ONGen do, déi kennen sech jo aus am Eck, déi sinn de Moment do, de Comité pour une Paix Juste au Proche-Orient ass do, ech mengen, dass déi jo och Leit hunn, déi kënnen iwwersetzen an déi och kënnen Texter liesen, ech hoffe jo mol, well soss weess ech net, wéi se an de leschte Joren hir Aarbecht gemaach hätten. Dowéinst géif mech awer interesséieren, wat elo genau am Text steet, wat d'LSAP net ka matstëmmen.

Well eisen éischten Invite, deen ass ganz kloer, dee seet „Invite le Collège", ech liesen et elo vir, ech hunn et virdrun net virgelies, mee dann hu mer et och am schrëftlechen herno: „Le Conseil communal de la ville de Dudelange invite le Collège échevinal à entrer en contact dans les meilleurs délais avec les autorités locales de Jenin afin d'examiner les conditions d'un partenariat durable entre les deux villes en s'échangeant notamment avec les ONG luxembourgeoises actives sur le territoire palestinien en vue de définir la meilleure démarche à suivre." Zweetens, „le conseil communal exprime son souhait de voir aboutir ces échanges à la conclusion d'un accord de jumelage formel entre Dudelange et Jenin." An dann, als drëtte Punkt : „souhaite associer à

cette démarche les écoles, les associations, les institutions culturelles et les citoyens de Dudelange afin d'encourager des initiatives concrètes de coopération culturelle, éducative, sociale et citoyenne."

Also, wou ech an der Primärschoul war, do hat ech eng Bréiffrëndin am Burkina Faso. Ech sinn ni an de Burkina Faso gaangen. Ech hat awer e Bréiffrënd do. Dat ass virun zwanzeg Joer scho gaangen. Also, ech weess net, firwat dat elo net sollt méiglech sinn, just well se dohannen eng aner Schrëft hunn. Da gëtt et jo awer Experienzen an anere Stied, déi ech elo opgezielt hunn. Mir kënne jo mol eis Partnerstad Lauenburg froen, wéi dann hire Jumelage mat enger palästinensescher Stad fonctionéiert. Also, mir hu jo Erfarungen. Dowéinst verstinn ech wierklech déi reng organisationell Argumentatioun elo wierklech net, fir dat doten net matzestëmmen.

Da ginn ech weider, da soen ech e grousse Merci un déi gréng Kolleegen, déi dat och schonn eng Kéier e bëssen alles nees encadréiert hunn a gesot hunn, dass et net drëms geet, elo muer hei e Jumelage ze ënnerschreiwen, mee eebe Kontakt ze huelen, mat Hëllef vun den ONGen an ze kucken, wat d'Méiglechkeete wieren, fir an Zukunft de Jumelage anzegoen. Déi Gréng hunn zumindest d'Iddi vun der Motioun verstanen, wéi anerer anscheinend net. Ech hunn och kee Problem mat där Ajoute, also ech hat elo net d'Gefill, dass dat heiten eesäiteg wär, mee ech hunn och elo kee Problem mat där Ajoute, déi Der proposéiert hutt. Dat kënne mer esou dobäi setzen.

Iwwerrascht war ech iwwert d'Ausso vum Här  Meyer, well also ech hu mer natierlech och an der Preparatioun, fir ze kucke wat esou haut géif hei gesot ginn, d'Interpellatioun vun der LSAP an der Chamber ugelauschtert. An do huet de Vertrieder vun der DP awer net esou eesäiteg geschwat, wéi Dir elo hei geschwat hutt. Dir kennt Iech vläicht och net esou am Dossier aus, mee d'Hamas ass am Westjordanland guer net do. Déi gëtt et do guer net. Dat heescht, dat ass en Argument, wat och elo guer näischt domadder ze dinn huet, well mir ginn net a Gaza, mir ginn an d'Westjordanland an do ënne gëtt et guer keng Hamas.

An da schlussendlech fir d'ADR. Jo, also mat dëser Motioun „stelle mir d'Existenzrecht vun Israel a Fro". Wéi Der wësst, wie weess et net, mat eisem Jumelage mat Manon, stelle mer och d'Existenzrecht vu China a Fro. Also dat eent, dat huet iwwerhaapt näischt mat deem aneren ze dinn. Dat ass einfach eng lächerlech Argumentatioun. Mat kengem Saz hu mir hei iergendwéi d'Existenzrecht vun Israel a Fro gestallt. Mir hu reng déi rietsextrem aktuell Regierung an Israel kritiséiert. An dohannert sti mer och. An dat maachen iwwregens och ganz vill Bierger an Israel, virun allem Jonker, déi sech weigeren, an der Arméi ze kämpfen. Dat heescht, dat ass einfach nëmme lächerlech. A voilà. Ech sinn dann awer, ech wier awer wierklech elo nach interesséiert vum Schäfferot ze héieren, wat genau elo, wéi een Invite stéiert a wéi een Invite net ka matgedroe ginn. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, also mir hunn Är politesch Motioun scho verstanen. Dir sot, mir hätte se net verstanen. Mee ech sinn hei Jumelage-Schäffin an der Gemeng Diddeleng an net designéiert Peacemakerin fir de Middle East. Dofir schwätzen ech och vun organisatoreschen Argumenter. Da schwätzt Dir vu Bréiffrëndschaften, déi Dir mam Burkina Faso hat. Jo, ech hat där Bréiffrëndschaften och, vläicht net mam Burkina Faso. Mee wou sinn déi Bréiffrëndschaften haut? E Jumelage, dat ass eppes, wat laangfristeg soll opgebaut ginn. An déi Bréiffrëndschaften, déi ginn et haut net méi. Grad aus deem dote Grond, well et net formaliséiert ginn ass. A mir schwätzen hei eebe vun engem formelle Jumelage, deen och op Dauer, déi eis Nofollger an 30 Joer, déi hei wäerte sëtzen, nach ëmmer kënne mat Liewe fëllen.

Dann ass vun der Ukrain geschwat ginn, nee, Dir hutt gesot, mir sollen eis mat anere Stied austauschen, déi schonn e Jumelage mat enger palästinensescher Stad hunn. Ma genau dat Nämmlecht hu mer fir d'Ukrain gemaach, mat anere Stied. A wéi gesot, déi Stied, wéi ech Iech virdru scho geäntwert hunn, och déi Stied si vill méi grouss wéi mir, déi hunn aner personell Moyenen. An déi hunn eis awer genau dat Nämmlecht gesot. Zum Beispill Metz, déi hunn eng ganz grouss Diaspora aus der Ukrain, déi scho jorelaang do wunnt, wou se dann och Iwwersetzer hunn, wou se Leit hunn, déi Kontakter dohannen hunn. An dofir fonctionéiere verschidde Saache bei hinne ganz gutt, wat d'Ukrain ubelaangt. Dann huet d'Madamm Kemp gesot, d'humanitär Hëllef géife si zu 100 % ënnerstëtzen. Jo, dat mécht och den Diddelenger Schäfferot. An nach eng Kéier zur Ukrain. Et ass einfach gesot ginn, jo, déi selwecht Argumenter fir Jenin, déi géifen och fir d'Ukrain gëllen. Jo, Här Steffen, ech hunn dat jo och virdrun a menger éischter Interventioun scho gesot, et sinn déi nämmlecht Argumenter, déi gëllen. An dofir di mer eis jo och esou schwéier, dofir si mer schonn esou laang amgaangen. An dofir konnte mer Iech nach hei näischt presentéieren.

An den Här  Meyer, deen huet gesot, dat léich elo réischt um Dësch. Nee, dat läit elo net réischt um Dësch. De Problem ass, datt mer net weiderkommen, esou wéi mer hei och net géife weiderkommen. A mir wëllen de Leit kee Sand an d'Ae streeën an hei eppes stëmmen, wou mer wëssen, datt mer dat net an der nächster Zäit wäerten esou kënnen erfëllen, wéi dat hei an där Motioun gefrot ass. An aus deem Grond, wéi gesot, si mir der Meenung, datt mir dat doten net esou kënne stëmmen. A wéi gesot, mir schaffe lo mol weider un eisem Ukrain-Jumelage. A mir hoffen, datt mer do iergendwann kënnen aboutéieren an e formelle Jumelage op d'Bee kënne setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, och Merci dem Claudia Dall'Agnol nach fir déi dote Stellungnamen, an ech mengen elo ass de Moment fir dann de Vott ze maachen zu där Motioun. Et huet ee jo eraushéieren, wéi d'Positioune sinn, dofir géif ech domat ufänken: ***Wien ass fir dës Motioun? Dat sinn, dat sinn déi Gréng an déi Lénk. Wien ass dergéint? Dat ass d'LSAP, d'DP, ADR an d'CSV.*** Villmools Merci an da komme mer zu där nächster Motioun.

# 9. FOTOVOLTAIKSPANNOEN



**Motioun vun der Fraktioun „Déi Gréng“ – Motioun fir d’Installatioun vun amovibele Fotovoltaikspannoen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat heiten ass eng Motioun vun deene Grénge fir amovibel Fotovoltaikspannoen. An och do ginn ech den Auteuren, deene Gréngen, d'Wuert, den Här Steffen an d'Madamm Ahmedova. Ech weess net, wien et hei wäert maachen. Madamm Ahmedova, d'selwecht Prozedur wéi virdrun. Dir hutt d'Wuert.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter. Wie seet, datt ee muss en Daach hunn, fir d'Sonn kënnen anzefänken? Wärend déi klassesch Fotovoltaiksanlagen d'Diecher vun den Eefamilljenhaiser dekoréieren, kënnt eng nei, méi accessibel an net manner genial Alternativ lues a lues op, nämlech de Balkonen. D'Solarenergie geet eng Etage erof a kënnt bei de Locatairen a Coproprietéiten un, ganz ouni Hummer, ouni Bueren a bal ouni Bürokratie. Et ass haut méi wéi jee wichteg, erneierbar Energien aktiv ze promouvéieren, fir eis Onofhängegkeet vu fossillen Energien ze reduzéieren a konkreet op d'Urgence climatique ze reagéieren. D'Energietransitioun muss wierklech fir jiddereen zougänglech gemaach ginn, well aleng op dee Wee wäert se och Erfolleg hunn. Am haitege Kontext wëlle mir mat eiser Motioun déi Leit cibléieren, déi bis elo aus verschiddenen Ursaache keng Fotovoltaikanlag installéiert hunn, a ganz oft sinn et déi, déi Locataire sinn oder Leit, déi an Appartementer wunnen.

Eng vun de gréisste Bremse fir d'Installatioun vu Fotovoltaikspannoen an enger Coproprietéit läit an der Komplexitéit vun den administrativen Demarchen an den Accorden, déi ganz oft musse vun enger Majoritéit beim Syndic ofgestëmmt ginn. Ee sprangende Punkt vun dëser Motioun ass eeben déi individuell Energieautonomie. An dësem Sënn encouragéiert dës Initiativ de Bierger, bewosst an individuell ze handelen. Amovibel Pannoen, Pannosmoduler, Fotovoltaiksmoduler, pardon, déi sougenannt Balkonsinstallatiounen, déi fir den eegene Gebrauch virgesi sinn, bidden eng einfach a ganz bezuelbar Léisung un. Si erméiglechen et Locatairen an och Appartements- oder Hausbesëtzer, déi kee gëeegenten Daach hunn oder net déi néideg finanziell Mëttelen, hiren eegene gréngen Stroum ze produzéieren. Duerch eng ganz einfach Installatioun, e reduzéierte Präis an eng grouss Flexibilitéit maachen dës Systemer a Solarenergie vill méi zougänglech, mam Virdeel, d'Energiekäschte vun engem Stot ze reduzéieren a gläichzäiteg de kollektiven Effort fir eng Decarbonisatioun ze stäerken.

Punkto Installatioun a reglementaresche Kader. D'Moduler sinn einfach opgehaangen, genau esou wéi zum Beispill en dekorativt Blummendëppe géif op de Balkon gestallt ginn. Dat Ganzt ass amovibel, dat heescht ouni mechanesch Verankerung oder Bueraarbechten. Vläicht ass eng kleng Hürd déi, datt d'Balustrad effektiv muss stabil sinn an oft si gliese Garde-corpsen déi, déi eeben aus der Rei falen an net kënnen esou Pannoen ophuelen. Dat Ganzt kann och ganz einfach op enger selbstdroender Struktur awer opgestallt ginn. Zu Esch, also an der Gemeng Esch, ass et och esou, datt d'Gemeng mat enger zertifizéierter Firma zesummegeschafft, déi fir d'Installatioun zoustänneg ass. Dat suergt natierlech fir eng konsequent Qualitéit a garantéiert och déi Sécherheet vun der Aarbecht.

Wichteg, d’Finanzéierung ass hei, wéi ech virdru gesot hunn, e wichtege Punkt, an et ass do, wou mer wëllen unhaken, zu Esch gëtt dës Initiativ vum Fonds Klima an Energie gedroen a profitéiert esou vun ëffentlechen a private Finanzéierungen, natierlech ass et och eligibel iwwert e Klimabonus, déi et den eenzelne Persounen erlaben, nämmen 150 Euro amplaz vun 1.000 Euro, via eng Installatioun vun engem Modul oder eeben 250 Euro fir zwee Modullen ze bezuelen. All Modul, kleng Klammer op, produzéiert ongeféier 445 Watt Peak pro Dag.

Simplicité administrative, net Simplification, déi Simplicité administrative, wat d'Autorisatiounen ugeet, ass et och zu Esch esou, datt d'Gemeng selwer bei hirem Service technique eng Déclaration des travaux mécht, ausser natierlech bei Haiser, déi vun der INPA klasséiert sinn. Ech hunn och eist Bautereglement duerchgekuckt an ausser den Artikel 55, wat d'Garde-de-corpsen definéiert, an den Artikel 109, wat u sech eenzel Detailer definéiert, konnt ech näischt fannen, wat deem heite géif widderspriechen. Wéinst dem amovibele Charakter vun der Struktur bleift den administrativen Opwand ebe minim. Et handelt sech um e schlësselfäerdege System, dee konzipéiert gouf, fir eng breet Uwendung ze vereinfachen. An zu gudder Lescht e weidere wichtege Punkt ass deen, datt ee bei der Coproprietéit muss informéieren, datt een dat mécht, mee op kee Fall ëm Erlabnis soll froen.

Bei der Suite wier ech elo bei den Invitten. Ech wollt Iech awer just e puer Stéchzuelen oder Stéchwierder soen. Bei der Invite eent étudier la faisabilité. Dat, mengen ech, ass ëmmer selbstverständlech, wann een en neie Pilotprojet ugeet. Den zweete Punkt à cibler en priorité les personnes vivant en logements collectifs ou en situation de précarité énergétique. Déi wichteg Zuele sinn, datt zu Esch an der Gemeng direkt mol déi éischt zwou Wochen aachthonnert Leit ugeklappt hunn an de Formular ausgefëllt hunn, éier iwwerhaapt eng Kommunikatiounscampagne ugelaf ass. Fënnefasiwwenzeg Prozent vun deene waren och Proprietären, an net esou, wéi am Ufank geduecht, Locatairen, et ware Proprietären, déi awer an engem Appartement wunnen.

Den drëtte Punkt à explorer les possibilités de cofinancement, dat ass eebe wichteg, well am Moment ginn déi Anlage finanzéiert. Et ass net, datt se wierklech guer net

finanzéiert ginn, mee hei ass d'Zil, datt déi Escher Gemeng, dat hu se esou gemaach, datt déi Escher Gemeng matfinanzéiert, de Fonds Climat et Energie matfinanzéiert a Südstroum ass och en Acteur, deen och matfinanzéiert. An et ass do de sprangende Punkt, wou en eeben net muss 1.000 Euro virbezuelen an dann op seng Subventioune waarden, mee et mécht een einfach seng Demande, d'Gemeng préift d'Eligibilitéit, an da brauch ee just 150 Euro ze bezuelen an et kritt een en plus déi Anlag installéiert, vu datt si, wéi gesot, mat enger Firma schaffen. De Punkt 4 à élaborer un plan de mise en oeuvre. An de Punkt 5, logesch Suite, mettre cela en action, une action cohérente sur le terrain. Voilà. Dat ass eis Iddi. Mir hoffen op eng positiv Diskussioun. An ech géif gäre esou eng Diskussioun ass op, mee ech ginn et wuel dann zeréck un den Här Buergermeeschter.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An ech ginn d'Wuert weider un den Ëmweltschäffe René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Voilà, ech hunn dat all esou intensiv nogelauschtert, wéi Der mech kennt, an ech wëll drop Follgendes äntweren. Ech sinn der Meenung, dass eng Motioun hei am Gemengerot soll gemaach ginn, wann ee mat sengem Sujet, mat sengem Begier néierens Uklang fënnt. Ech sinn der Iwwerzeegung an och der Meenung, dass dat heiten eppes gewiescht wär, dat mer hätte kéinten an der Ëmweltkommissioun au départ diskutéieren. An ech erkläre mech och, zum Beispill, wéi mer elo viru e puer Méint an der Ëmweltkommissioun eist Subsidiereglement op de Leescht geholl hunn, wou mer dat jo à jour gesat hunn, do hätten déi Gréng kéinten eventuell mat esou enger Iddi, mat esou engem Projet scho kéinte mat drun deelhuelen. An dann hätte mer dat kéinte schonn um Depart an dat Reglement integréieren, vu dass et jo och hei ëm d'Subside geet.

Mee mir hunn awer Chance, well mer waren elo viru e puer Wochen als fënnef STEP-Gemengen, als fënnef Schäfferéit zesummen, wou mer och iwwert d'Subsidreglement am Ëmweltberäich geschwat hunn. A mer waren eis eens, dass mer erëm géifen, wéi mer dat scho viru e puer Jore gemaach hunn, dass am Hierscht bei der Rentrée déi fënnef Services Ecologiques sech géifen zesummesetzen an déi fënnef verschidde Reglementer vun deene fënnef verschidde Gemenge géifen dat dann erëm eng Kéier harmoniséieren. Ech proposéieren duerfir, dass mer déi Iddi, an et bleift och d'Iddi vun deene Gréngen, dass mer déi mat an déi Sitzung huelen, fir kënnen dat do an déi jeeweileg Subsidreglementer kënnen anzebauen. An ech géif och proposéieren, dass mer dat an enger nächster Ëmweltkommissioun hei zu Diddeleng wäerten esou thematiséieren, wéi Dir et hei an der Motioun virgedroen huet.

Ech géif awer soen, dass mer, länger Rede kurzer Sinn, dass mer déi Motioun hei esou, wéi se ass, géif ech vläicht proposéieren, dass Der déi zeréckzitt. A mer huelen dat mat an d'Ëmweltkommissioun, fir dat ëmzesetzen. Wann Der dat net maacht, ass déi nächst Propositioun, dass mer déi Motioun hei ofleenen a mir huelen awer trotzdeem déi Iddi an dee Sujet mat an d'Ëmweltkommissioun a kucken, dass mer dat kënne realiséieren, sief dat praktesch sou wéi dat hei steet, respektiv och mat dem Subsid, fir an eise Reglement ze setzen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci mol, Här Manderscheid, fir déi dote Stellungnam, elo kënnen natierlech och nach déi aner politesch Parteie Stellung dozou huelen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech fänken da mol un, soulaang kënnen déi gréng Kolleegen sech dat jo dann iwwerleeë wat se maachen. Jo, den Här Manderscheid seet, et soll een eng Motioun eraginn, wa se néierens Uklang fënnt. Mee da gëtt se ofgeleent. Dat ass och e bësse frustrant.
Ech hu mech awer informéiert e bëssen en vue vun der Motioun elo vun deene grénge Kolleegen. An do hunn ech mer soe gelooss, dass elo dat heiten energietechnesch kee risegroussen Impakt hätt, well natierlech eng Fotovoltaikanlag am Allgemenge méi effizient ass, wann d'Sonnestrale perpendikulär drop schéngen. Par konter sinn se e bësse méi effizient am Wanter, awer wann d'Sonn méi niddreg sëtzt. Mee et ass elo net onbedéngt energietechnesch dee groussen Impakt. An trotzdeem ass et natierlech besser wéi näischt. An trotzdeem huet et Impakt op d'Stroumrechnung vun deene Leit.

Mee virun allem hätt et e staarke symboleschen Impakt, well et nämlech och géing erméiglechen, an dat hutt Der och gesot, Locatairen an och Leit, déi einfach manner Suen hunn an net Proprietär sinn, oder sech net kënne leeschten eng grouss Fotovoltaikanlag op den Daach ze maachen, awer Deel vun der energeetescher Transitioun ze sinn. A well dee grousse Virdeel ass eeben, dass et sozial abordabel ass. Et ass sozial abordabel, well d'Gemeng Esch d'Installatioun organiséiert a well et natierlech subventionéiert ass vu Südstroum. An natierlech, wa mer dat elo an d'Ëmweltkommissioun schécken, da wär ech wierklech interesséiert un der Diskussioun an der Ëmweltkommissioun.

Ech fannen et elo e bësse schued, dass mer elo vum Här Manderscheid net méi inhaltlech héieren hunn, well ech wär interesséiert gewiescht, ob d'Diddelenger Gemeng iwwerhaapt déi Méiglechkeet huet, dat esou abordabel unzebidden, wéi déi Escher Gemeng? Well Esch huet natierlech ee grousse Virdeel, an dat ass Südstroum. Ech muss jo da soen, an enger lénker Koalitioun ass Südstroum erschaf ginn. Wann déi Lénk mol eng Kéier an der Verantwortung sinn, da maache se meeschtens och ganz gutt Saachen. Nee, well doduerjer ass nämlech d'Produktioun an de Verkaf vum Stroum an ëffentlecher Hand. An doduerjer huet d'Escher Gemeng elo d'Méiglechkeet, eeben de Projet de Bierger abordabel zur Verfügung ze stellen an immens héich ze subventionéieren. Dowéinst hätt et mech interesséiert wéi esou ee Projet iwwerhaapt kéint zu Diddeleng ausgesinn. Dat kënne mer dann entweeder an enger Kommissioun diskutéieren.

Mir hunn awer och kee Problem dat heite matzestëmmen. Mir hate just, wann d'Motioun géif zum Vott gestallt ginn, mir hunn et just e bëssen widdersprëchlech fonnt tëschent deem éischten an dem drëtte Punkt, well am éischte Punkt, soe mer „invite à étudier la faisabilité", an am drëtte Punkt

soen, am véierte Punkt soe mer „à élaborer un plan de mise en oeuvre". Do misst ee vläicht just „le cas échéant" maachen, well wa mer d'Faisabilitéit ënnersichen, kéint jo och dobäi erauskommen, dass et net faisable ass. Kann ech mer elo net virstellen. Mee just da wier et manner widdersprëchlech. Mee mir sinn da mol gespaant, wat déi gréng Kolleegen decidéieren. A wa se d'Motioun oprechterhale géife mir se awer ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Fir mat Hëllef vun der Sonn an de Fotovoltaikpannoe grénge Stroum hierzestellen, ass de Wee an déi richteg Richtung. Vill Leit, besonnesch déi, déi an Haiser wunnen, hu sech och schonn d'Fotovoltaikpannoen op hirem Dag installéiere gelooss. Ma wann een an enger Residenz wunnt, ass dëst net ëmmer esou simpel. Hei brauch een nämlech als Éischt d'Averständnis vun der Coproprietéit an dëst ass net ëmmer esou einfach ze kréien, wat dozou féiert, dass ville Bewunner d'Méiglechkeet fir selwer Stroum hierzestellen, verwehrt bleift. Fir amovibel Fotovoltaikpannoen op d'Gelännere vun de Balkonen ze hänken, ass dofir eng fantastesch Léisung.

Heifir brauch een nämlech net den OK vun der Coproprietéit, well, wéi scho gesot, dës Pannoe sinn amovibel. An esou gesinn ass dëst näischt aneres, wéi wann ee géif Blummen op de Balkon stellen. Iwwert dëse Wee kann all Bewunner vun enger Residenz virausgesat, en huet de Balkon, ouni Problem säin eegene Stroum hierstellen, oder wéinstens mol en Deel dovun, an op deem Wee eppes fir d'Ëmwelt maachen, ma och fir säi Porte-feuille.Ech hunn och scho mat e puer Bierger vun der Stad Esch geschwat an ech kann hei just soen, dass si dëst eng ganz gutt Saach fannen. Fir mäin Deel sinn ech fir d'Hierstelle vu gréngem Stroum a wäert dës Motioun, wann se dann oprechterhale gëtt, selbstverständlech matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dës Motioun wëll en innovative Projet lancéieren, d'Installatioun vu klenge beweegleche Solarkits um Balkon, einfach usteckbar, bezuelbar a fir jiddereen zougänglech ze lancéieren. Och kleng Solarkits ënnerstëtzen d'Ziler vun der sozialgerechter Energietransitioun. Et huet en Impakt op d'Stroumrechnung vun de Leit, och wann dës Solarkits kleng sinn, hunn se en direkte positiven Impakt op d'Stroumrechnung. A genee dat mécht se esou wäertvoll. Efficace, inklusiv a konkret entlaaschtend. Dofir ënnerstëtze mir dës Motioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp. Ass weider keng Stellungnam méi? Nee dat ass net de Fall.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Pardon, dat war elo ze séier gaangen, ech hat keng Zäit, fir richteg meng Notten ze maachen, well ech wollt jidderengem seng Remarken awer wierklech opschreiwen an drop agoen. Egal. Op jiddefalls, jo, déi Remark vun der Madamm Thoma kënne mer ganz gären ophuelen, wou mer eng Modif eeben an den Invite schreiwen. Dat ass wierklech absolut guer kee Problem. Heiansdo, wann een ze vill dran ass, da schreift ee Saachen. A wann ee mat engem aneren Aen dropkuckt, wann de Le cas échéant besser kléngt, da ganz gäre fir de cas échéant. Ech wollt awer kuerz drop agoen, mat der Ëmweltkommissioun. Ech mengen ech sinn och an Aarbechtsgruppen dran, vum PAL, also de Parc Logement an all déi Saachen. An natierlech ass dat déi richteg Plaz an de richtege Moment, fir Saachen auszediskutéieren, fir eng Meenung mat anzebréngen. Dat begréisse mer och ausféierlech, well dat geschitt ëmmer erëm.

Mee ech mengen, hei ass déi Motioun kuerzfristeg entstanen, fir elo nach ze waarden, datt mer iergendeng Kéier am Hierscht eng Ëmweltkommissioun hunn, wollte mer net hunn. An eeben eng Motioun ass awer trotzdeem e Recht, wou mer eis kënnen äusseren an och eis Bedenken an eis Motivatiounen hei kënne mat iech deelen. Dofir eeben déi Äntwert, datt mer dat net an der Ëmweltkommissioun diskutéiert hunn. Déi Motioun ass eréischt kuerzfristeg zustane komm. An dofir eebe war et opportun, fir déi hei virzedroen. Dat, wat mer kéinten effektiv an der Ëmweltkommissioun ophuelen, ass definitiv den éischte Punkt, wou mer soen à étudier la faisabilité. Dat ass eppes, wat ee kann duerchaus mat alleguerten de Memberen an och all déi Parteien, déi do dra vertruede sinn, diskutéieren. Well dat bleift awer e Punkt, deen nach à définir ass.

Ech mengen, zu Esch, als Basisbeispill, hu se och missten negociéieren a kucke wéi se si och de Pourcentage vun de Subsiden, vun der Participatioun, wéi se dat misste maachen. Ech mengen, dat ass e Punkt, deen duerchaus diskutéierbar ass, wou mer mussen op Mooss eis Methodik hei zu Diddeleng an dat, wat dem Diddelenger passt, kucken an analyséieren. Mir begréissen och ausféierlech, dat geschwë wäert eng Reunioun mat de STEP-Gemenge sinn. Well ech mengen dat ass e Projet, informell krut ech och mat, datt den Ëmweltminister och immens frou ass mat dësem Projet. An dat elo souguer amgaangen ass gekuckt ze ginn, fir dat op, net nëmmen Escher Gemeng, mee wierklech, datt et méi wäit op engem Landesniveau applizéiert gëtt.

Mee wéi gesot, ech mengen den nationalen Niveau, dat dauert ëmmer e bësse méi laang. Et musse Reglementer, et muss vläicht deemno wéi e Gesetz an esou gemaach ginn. An an deem Sënn wier et méi interessant, wa mer schonn aus der Gemeng Diddelenger géifen dann handelen. Jo, als Conclusioun, länger Rede kurzer Sinn, géife mir awer ganz gären eis Motioun oprechterhalen an zum Vott stellen, quitte datt mer no enger Ëmweltkommissioun dat, wannechgelift, nach eng Kéier op den Ordre du jour géifen huelen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, den Här Manderscheid huet d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP): Majo, da géif ech nach eng Kéier kuerz d'Wuert kréien. Ech bleiwe bei menger

Ausso, bei menger Meenung, dass eng Motioun soll geholl ginn an engem Gemengerot, wa wierklech näischt méi anescht geet, wann ee kee Gehéier lénks a riets fënnt. D'Ëmweltkommissioun ass eng Commission consultative. Dat heescht, et ass eng berodend Kommissioun, wou all déi Saachen diskutéiert ginn, analyséiert ginn an och, wéi gesot, mat anere Servicer zesummen diskutéiert ginn, fir ze kucken, kënne mer dat realiséieren. Et ass a mengen Aen net elo hei um Gemengerot à chaud iwwert esou e Sujet hei laang a breet ze diskutéieren. Da gehéiert, an ech bleiwen dobäi, an d'Ëmweltkommissioun, wou mer nieft eisem Klimaberoder, eise Service écologique awer och nach Service-techniquen hunn, déi eis kënne mat ënnerstëtzen a beroden.

An hei geet et och net drëms, fir elo an deenen nächsten zwee, dräi Méint hei dee Projet mordikus iwwert d'Bün ze kréien, sondern et steet do an där Motioun dran, dass ee mol kucke soll, wéi dat sech zu Esch entwéckelt. Ass dat e Succès? Ass dat kee Succès? Souguer wann et zu Esch kee Succès soll sinn, verhënnert dat net, dass mer zu Diddeleng awer dat probéieren. An ech bleiwe bei menger Meenung, dass mer sollen, wéi gesot, an dat ass e Verspriechen, dat ech Iech maachen, dat wësst Der, datt ech dat ëmmer halen, dass mer dat hei an d'Ëmweltkommissioun sou huelen, wéi et hei läit, déi Motioun, mir wäerten doriwwer diskutéieren a mir wäerten déi néideg Schrëtt ënnerhuelen, dass mer dee Projet hei och kënnen zu Diddeleng realiséieren an dann och mat Liewen erfëllen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà. Merci, Här Manderscheid, ech hale fest an héieren eraus, dass engersäits d'Bereetschaft ass, d'Diskussioun an der Ëmweltkommissioun weiderzeféieren. Ech stelle fest, dass d'Kolleege vun deene Gréngen d'Motioun an hirer Globalitéit oprecht erhalen, soudass mer natierlech dann iwwert dës Motioun och dann hei esou, wéi se eragi ginn ass an och presentéiert gouf, ofstëmmen. Duerfir géif ech proposéieren, dass mer zum Vott eriwwerginn.

***Wien ass mat dëser Motioun averstanen?***
***Dat sinn déi Gréng, DP, ADR, déi Lénk an CSV.***
***Wien ass dergéint? Dat si Stëmme vun der LSAP.***

Gutt. A souwisou Affaire à suivre, well et gëtt jo nach weider traitéiert, dass et net hei keng Suite géif andeem se entkommen, wat am Fong de Projet en tant que tel ugeet.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Eng kleng Fro just, pardon, huet den Diogo dann e Stëmmrecht?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nee, nee, den Här Costa huet eng, nee, nee, do ass eng Procuratioun do en bonne et due forme, déi läit jo.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Okay.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, jo, jo, déi läit vir. Nee, et ass keng Pattsituatioun, Madamm Ahmedova. Si läit vir, Dir kënnt gäre kontrolléiere kommen, wann Der wëllt.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Nee, nee, nee, ech gleewen Iech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gutt, ech géif op déi nächste Punkten iwwergoen.

# 10. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt beschäftegt sech mat Froen. Déi éischt Fro ass eng Fro vun der DP iwwert d'ëffentlech Evenementer hei zu Diddeleng an ech géif do dem Loris Spina d'Wuert ginn.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir d'Wuert. Voilà, mir hunn dann eng Fro vun der DP erakritt an ech géif dann eng Kéier kuerz hei opgräifen, wat se do vu Froe stellen an da gläichzäiteg probéieren esou gutt wéi et geet drop ze äntweren. Kuerz no der Fête de la Musique, wou hei zu Diddeleng stattfonnt huet, ass hinne matgedeelt ginn, dass et bei besotem Event Warnunge vun enger Sécherheetsfirma u jonk Frae solle gi sinn, dass d'Gefor, mat enger Sprëtz gepickt oder menacéiert ze ginn, géif bestoen. An hei da follgend Froen: Huet d'Gemeng Diddeleng oder eng Firma, déi sech fir d'Sécherheet hei dësem Event ze garantéieren, engagéiert gouf, offiziell oder inoffiziell Informatioune kritt, dass esou e Virfall op engem Event oder soss hei am ëffentlechen Raum opkomm ass? D'Äntwert ass Neen. Ass gewosst, ob d'Police Grand-Ducale iwwert esou Virfäll op engem Diddelenger Event informéiert gouf? D'Police weess näischt vun esou engem Virfall.

Et gouf och keng offiziell Plainte hei zu Diddeleng zu deem Theema opgeholl. D'Theema gouf wuel am Virfeld thematiséiert tëschent der Police, der Sécherheetsfirma an der Gemeng Diddeleng, wéi awer och aner Theemen an deem Beobachtungskatalog Plaz fannen, gouf dat heiten eeben och thematiséiert. An esou Informatiounen, fir un de Public ze vermëttelen, wär et och dann u sech un der Police, fir dat weiderzeginn, wann esou eng Menace géif bestoen. Dat war, wéi gesot, hei net de Fall. An a kengster Form wär dat elo eng Aufgab fir eng extern, privat Sécherheetsfirma. A wéi gesinn d'Moossnamen aus, déi d'Stad Diddeleng virgesäit an oder zesumme mat der Sécherheetsfirma an oder der Police trëfft, fir d'Sécherheet vun de Bierger a besonnesch vun de jonke Fraen op den ëffentlechen Eventer hei zu Diddeleng ze garantéieren?

Wéi dat bei esou gréisseren Eventer wéi zum Beispill den Usina oder Fête de la Musique Usus ass, säit Jore gëtt ee Sécherheetskonzept am Virfeld erstallt, zesumme mat eeben der Police, dem CGDIS an och der Sécherheetsfirma, déi dee Moment hei den Optrag kritt eis ze ënnerstëtzen.



An déi Mesurë ginn all Joers erëm nei op de Leescht geholl, well jo d'Situatioun dobaussen sech och ännert, den Event gëtt deplacéiert, et si Chantieren, déi lénks a riets entweeder nei entstinn oder ewechgefall si, par rapport zum leschte Joer. An deementspriechend gëtt dann och den Transport, oder wéi ech op dee Site eeben hikommen, dat gëtt ugepasst an deem gëtt dann och Rechnung gedroen an deene Virbereedungsfirmen, fir dass et dann eeben ëmmer erëm dat beschtméiglechst Konzept do fir dat Joer erstallt gëtt.

Ass et virgesinn, déi aktuell Sécherheetsmesurë bei den ëffentlechen Eventer hei zu Diddeleng ze verstäerken? Well, wéi gesot, verstäerken an deem Sënn, maache mer souwisou all Joers, andeems mer d'Konzept vum leschte Joer e bësse kucken an eeben den neie Gegeebenheeten upassen. Et ass och esou, dass bei deene groussen Eventer ëmmer eng Zentral besteet, wou déi verschidden Acteuren, déi ech elo genannt hunn, och permanent am Austausch sinn. An natierlech och am Nachhinein gëtt eng gemeinsam Analys gemaach an et gëtt e bëssen eng Feedback-Ronn opgestallt, fir ze kucke wat huet gutt geklappt, wat ass vläicht nach verbesserungsfäeg an da gëtt der d'nächst Joer mat an déi éischt Sitzung mat erageholl. Voilà !

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och da fir d'Fro respektiv d'Äntwert. An da gi mer weider, dat ass eng Fro och vun der DP iwwert d'Canicule. Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif dann op déi Fro agoen, wou den Här Meyer erageschéckt huet iwwert d'Hëtztwell, mat där mer betraff waren. An ech géif do einfach op déi eenzel Froen agoen. Ech mengen, déi Fro, déi Dir gestallt hutt, déi ass jo berechtegt. Awer ech fannen, Dir sidd gewuer ginn anscheinend, datt e Kand huet misse medezinesch versuergt ginn um Strutzbierg an och huet missen an d'Spidol gefouert ginn. Vläicht dozou, Dir kënnt och ëmmer esou Saachen direkt bei mir nofroen. Ech géif Iech do direkt eng Äntwert ginn. Bon, ech äntweren awer elo op Är Froen, déi Der weider gestallt hutt. Dir frot nämlech an där éischter Fro, déi geet ëm de Plan canicule fir d'Schoule vun der Gemeng Diddeleng, besonnesch fir de Fondamental.

Gëtt et do e Plan canicule? Also do ass meng Äntwert ganz kloer. Jo, et gëtt e Plan canicule. Dat ass awer en nationalen, un dee mer eis halen. Mir hu keen eenzelne kommunalen, mee mir halen eis un den nationale Plan canicule. An deen hunn ech och virleien. Also, wéi gesot, ech kann Iech deen herno gäre ginn. An do gesitt Dir och, datt all déi Mesuren, déi hei gemaach gi sinn, och an deem Plan canicule dra sinn.

Dann ass d'Fro: Wéi ginn d'Schoulen, d'Maison Relais an aner Educatiouns- a Fräizäitstrukturen op extreem Hëtzt virbereet? Ginn et kloer Richtlinnen an intern Instruktiounen un d'Personal? Och hei, jo, natierlech ginn et ganz kloer Richtlinnen un d'Personal, déi sinn och scho méindes moies, an dat gesitt Dir herno am Här Steffen senger Fro, déi hie gestallt huet. Déi si moies um Véirel op néng schonns erausgaangen u sämtlecht Personal vun der Gemeng Diddeleng. Mir sinn och dauernd a Kontakt mat hinne gewiescht. Ech wëll just einfach soen, an deem Kader, wéi d'E-Mail erausgaangen ass, do sinn och 50 E-Maile beim Här Hoffmann erakomm, fir all d'Froen, déi d'Personal um Terrain hat, ze beäntweren. Dat selwecht ass natierlech och vun der Direktioun geschéckt ginn. Och si hunn de Plan canicule mat hiren Enseignantë beschwat. An och si bieden, dat esou ëmzesetzen.

Dann eppes awer, wat awer net esou kloer ass. Ech mengen d'Instruktioune vun der Gemeng, déi si ganz kloer, wéi mir domadder ëmginn. Ech muss awer soen, datt do vu Säite vum Ministère d'Instruktiounen net esou kloer sinn. Ech fannen et ganz schued, dass hei Decisiounen op deem doten Niveau de Gemengen iwwerlooss ginn an op engem Buergermeeschter senge Schëlleren oder op engem Schäffe senge Schëllere landen. Dat ass net ëmmer ganz flott, wann een an där Positioun ass a muss reagéieren. Vläicht, Här Meyer, kënnt Dir dat mat op de Wee huelen. Ech mengen Dir hutt do e gudden Drot. Ech mengen, et wär scho flott, wann do national eng Decisioun geholl géing ginn, well et si ganz vill Schoulen oder Gemengen, déi net woussten, wat se sollte maachen. Dat wëll ech dozou soen.

Da sinn zousätzlech Moossname geplangt fir d'Zukunft, fir d'Kanner besser virun extremer Hëtz ze schützen an esou engem Virfall, a fir dass esou ee Virfall net méi virkënnt. Ech mengen, mir alleguerten heibanne mussen eis an Zukunft drop virbereeden, dass mer eis Gebaier anstänneg ausrüsten. Dat geschitt net vun haut op muer. Mee mir kommen ëmmer méi an déi Situatioun, datt esou Hëtztwelle kommen. Ech mengen dat ass eppes, wat mer eis och zur Aufgabe gemaach hunn a mir wäerten dat och diskutéieren am Kader vum Budget. Et ass net nëmmen, datt ee seet, mir maache Lüftungsanlagen an d'Gebaier. Mir hunn och gemierkt, datt a Gebaier, wou Glas am Daach ass, datt et grad do sech immens opwiermt.

Dann e lescht Wuert, an dat ass mengen ech d'Haaptsaach, wou ech wëll soen, also deem Kand, deem et schlecht ginn ass, deem geet et gutt, et ass him näischt geschitt. Ech wëll awer och net hei iergendeen un de Pranger stellen, dass dat oder dat falsch gemaach ginn ass, ganz kloer. Déi Kanner si moies an eng Liesung gaangen, well se e vereinfachte Programm hate vum Strutzbierg an de Centre Culturel an erëm zeréck. A schonn do huet d'Kand Kappwéi gehat. Dat ass, an do si se mëttes an d'Maison Relais komm an och do war d'Oplag geet net mat hinnen eraus, geet net an d'Sonn. Also, a wann dann nëmmen am Schiet. Ech mengen dat war schonn eng Oplag, déi mir hinne ginn ass.

Do ass et dann zu engem net Virfall, d'Kanner haten am Fong Sprëtzen, wou Waasser dra war, fir sech ofzekillen, an dat huet d'Temperatur, déi am Sall war, huet d'Loftfiichtegkeet an d'Luucht gedriwwen, an doduerch ass et dem Kand schlecht ginn. Also ech wëll wierklech, hei mengen ech, huet jiddweree Säit gemaach an, wéi gesot, mir deet et leed, datt dat Kand huet missten an d'Spidol, mee mir passe wierklech ganz gutt op se op. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, fir och d'Äntwerten op déi dote Fro. A mir bleiwe bei der Hëtztwell, bei der Canicule. An dës Kéier ass dat nach eng Fro vun deene Gréngen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà, gutt, villmools Merci nach eng Kéier. Ech mengen, den Här Steffen huet jo an deem Kader och déi selwecht Fro, e bëssen déi selwecht Fro, awer ech ginn do e bësse méi an d'Detail drop an, well do si verschidde Saachen, déi Dir vläicht net gefrot hutt. Fir d'éischt zu Ärer Fro. Dir gitt als Alleréischt op de Wäerdegang an, wat ass gelaf an där Woch vum 30.06., wéi sidd Dir domadder ëmgaangen, wou fir den 30.06. natierlech a fir den 1.7. d'Alerte orange gemaach ginn ass, an dunn am Laf vum Dag vum 1. Juli, mëttes, mëttes, ech wëll ganz kloer betounen, mëttes ass du komm, datt den 2. Juli eng Alerte rouge ginn ass. An dat fir zwëschent zwielef an eenanzwanzeg Auer. An dann, wéi Dir et och schonn an Ärem Bréif sot, ass vu Säite vum Educatiounsministère, dat hunn ech elo grad och gesot, eigentlech keng national Dispens komm. A mir hunn dunn als Gemeng, zesumme mat der Schouldirektioun, déi schwiereg Decisioun selwer misste huelen. An ech mengen, ech fannen et schued, datt de Ministère seet, d'Gemenge sinn zoustänneg fir d'Gebaier an si kennen d'Situatioun besser a si sollen d'Decisioun huelen.

Bon, Dir sot och, dass am Laf vum 1. Juli ëmmer méi Gemengen op de Wee gaange sinn, vun d'Schoulen an och d'Servicer ab zwielef Auer mëttwochs zouzemaachen. An zu Diddeleng, do wäer d'Annonce ze spéit komm. An zwar hutt Dir e Screenshot derbäi gemaach vum 1.7. um 16.22 Auer, dat op RTL war. Also, ech hu keen Afloss drop, wéini RTL eppes publizéiert. Ech wäert Iech awer am Detail elo den Zäitplang matdeelen, wéi mir virgaange sinn. Dann hat Dir awer net nëmmen d'Schoulen, mee Dir sidd och allgemeng op d'Gemeng agaangen, wou Der sot, d'Decisioun fir d'Servicer amplaz, wéi virgesinn, ëm 19 Auer zouzemaachen, ëm 17 Auer zouzemaachen. An och hei wäert ech drop agoen.

Bon, Är éischt Fro ass: Wéi erkläert de Schäfferot sech, dass d'Decisioun vun der Dispens vun der Schoulflicht bei de Schüler aus dem Primär relativ spéit kommunizéiert ginn ass, wëssend, dass et fir de Precoce länger scho kloer war? Ech kann Iech do d'Äntwert ginn. Ech fänken awer u mat der Schoul. Ech wäert herno op d'Gemengeservicer agoen. Ech fänken einfach mol u mat der Schoul. Mir hunn den drëssegste Juni moies um Véirel op néng, huet den Här Flammang eng Mail gemaach u sämtlech Mataarbechter vun der Gemeng. Mir hunn eng Mail gemaach un eist Personal vun der Maison Relais an et ass och un d'Léierpersonal erausgaangen.

Bon, mir waren eis awer zimmlech schnell eens, datt mer missten eng Réunion d'urgence maachen, sou wéi mer et gewinnt ware wärend de Covidzäiten. An dat, muss ech soen, do hu mer zimmlech vill där Réunion- d'urgencë gemaach. Also war dat och fir hei erëm kloer, datt mer dat géife maachen. Do waren déi zwou Direktiounen dobäi, vun der Schoul natierlech a vum SEA de Service Enseignement. Mir haten och d'Jugendhaus mat dra geholl, well mer och do Miessunge gemaach hunn, déi och edukativt Personal op der Plaz hunn, den Här Freitas, a mir hunn d'Situatioun fir an eise Gebaier gekuckt, an eng Analys dovunner gemaach.

Mir souzen dunn den drëssegste Juni um zwou Auer mëttes zesummen am Sall 105, déi ganz Leit, a mir hunn an der Mëttegstonn Miessunge gemaach an eise Schoulen an an eise Maison Relaisen, wéi d'Temperaturen da wären. Ech mengen, dat war en extreem wichtege Facteur, dee mer hu misste kucken. An och dat huet den Här Freitas dunn am ganz schnellen Duerchlaf och nach organiséiert. Bon, am Laf vun dëser Ronn, wou jo awer och jiddweree mat dra souz, hu mer natierlech decidéiert, datt de Precoce, deen net schoulflichteg wär, datt mer dee géife fräistellen an datt d'Elteren, wann se d'Méiglechkeet hätten, och kéinten d'Kanner doheem halen.

D'Léierpersonal insgesamt, muss ech awer soen, dat ass net doheem bliwwen. Dat huet natierlech assuréiert. Do war ëmmer een do soudatt déi Leit, déi hir Kanner net konnten doheem halen, awer d'Méiglechkeet haten, fir datt d'Kand betreit géif ginn. Ech wëll awer do soen, vum Precoce, an dat hu mer den 1. Juni - dat ass spéit erauskomm, dat ass richteg, also et ass elo net fréi gewiescht. Et war awer scho mëttes hallwer fënnef, wéi mer déi Matdeelung gemaach hunn. Do waren an all Precoce-Klass, well mir hunn se gekuckt, vu 16 Kanner, déi dra sinn, waren der 10 do. Dat heescht, et ware ganz wéineg Leit, déi hir Kanner doheem gehalen hunn esou séier fir och esou séier ze reagéieren. Bon, d'Gebaier, déi mer hu missen zoumaachen, an dat kann ech och ganz kloer hei soen, dat sinn déi méi kleng Gebaier. Dat war de Wolkeschdall, wou mer gemierkt hunn, datt d'Temperaturen immens héich waren. An och Baltzeng, do hu mer missten d'Maison relais an déi véier Klassesäll eraushuelen. Do waren d'Temperaturen iwwer 30 Grad.

Am Jugendhaus hate mer eng Temperatur vun 33 Grad. Also, alles dat ware Gebaier, wou mer direkt konnte reagéieren an déi mer zougemaach hunn. Bon, da wëll ech awer mol e grousse Merci lassginn. Mir hunn net einfach allgemeng gesot, bleift elo doheem, mir hiewen d'Schoulflicht op. Nee, mir sinn higaangen a mir hunn no Léisunge gesicht. An ech muss ganz kloer soen, awer wierklech Respekt fir déi Leit um Terrain. Mir hunn déi Klassesäll, déi am Ribeschpont, do waren zwee Stéck, déi haten och iwwert 30 Grad. Déi hu mer direkt erageholl an d'Maison Relais Ribeschpont. Do huet d'éducatiivt Personal direkt alles en place gesat, fir déi Klassen opzehuelen. Déi véier Klasse vu Baltzeng an och vum Wolkeschdall, déi hu mer direkt eropgeholl an d'Lenkeschléi. Mir hunn do den Transport organiséiert. Mir hunn d'Elteren informéiert.

An natierlech huet och do uewen d'Personal an der Lenkeschléi Säll fräi gemaach, fir déi sechs Klassen do ze empfänken.

An ech mengen, dat ass eppes, dat si laang Diskussiounen, dat ass vill Opwand an ech mengen, datt mer do relativ gutt reagéiert hunn. Den 30. Juni hate mer dunn eng gutt Léisung a mir hunn dat och dann esou weiderlafe gelooss. Den 1. Juli moies ass den Här Flammang erëm eng Kéier duerch all Sall vun der Schoul a vun der Maison Relais gelaf, fir Miessungen ze maachen. Wann een iwwert d'Nuet, also moies lëft, da sinn d'Temperaturen natierlech méi niddreg. An dann ass et net esou waarm dobannen. Op alle Fall huet hien dunn an der Mëttegstonn erëm eng Kéier de ganzen Tour gemaach, souwuel vun der Gemeng, de Gemengegebaier, wéi vun de Schoulen an och de Maison Relaisen. Déi meescht Strukture ware wierklech an der Rei. Do ware mer zwëschent 26 an 29 Grad. Wou een net ka soen, et ass net waarm. Et war scho waarm. Awer ech mengen, dat konnte mer, dat huet awer gutt fonctionéiert. Si konnten awer Schoul halen, well se net strikt d'Schoul gehalen hunn. Mir waren am Ribeschpont, do sinn se eng Glace iesse gaangen. Also, dat huet scho ganz gutt fonctionéiert. Soudatt mer eigentlech am rouege Gewësse waren, mir loossen eis Schoule weider op a mir loossen se fonctionéieren.

An do ass awer kuerz no zwielef Auer, mengen ech, dunn den 2. Juli d'Alerte rouge ausgeruff ginn. An do wousste mer, well d'Temperaturen iwwert d'Nuecht net géifen erofgoen. A mir zwar moies lëften, mee spéitstens mëttes wär et ze waarm an de Gebaier gewiescht. An ech mengen, do hu mer och dann d'Decisioun geholl, fir do mëttes d'Kanner fräizestellen, wuelwëssend, datt alles assuréiert war, datt jiddwereen do war. Mir haten deen zweeten Dag, an déi Zuelen hunn ech och scho relativ vill, et waren awer 360 Kanner do. An eis war natierlech dru geleeën, datt et och deenen 360 Kanner gutt geet. An, wéi gesot, de Rescht konnt doheem bleiwen. Oder mir wëssen, do hu mer einfach kee Suivi. Duerfir, mir sinn ëmmer ganz frou, wa mir kënne Kanner assuréieren, datt et hinne gutt geet.

Dann déi zweet Fro: Wéi kënnt et, dass d'Decisioun vun der Fermeture vun der Gemeng den 2. Juli ab 17 Auer esou kuerzfristeg am Laf vum Dag selwer komm ass? Mee ech kann do eng relativ einfach Äntwert ginn. Am Prinzip ware mer an der Gemeng, mir hunn och hei Miessunge gemaach, hei ware mer eigentlech gutt an den Temperaturen ausser den 105, wëll ech Iech soen. Dat war ee vun deene Säll, déi waren ze waarm. An nodeems dann awer d'Delegatioun un de Buergermeeschter erugetrueden ass a mat der Propos dann, amplaz wéi gewinnt, wa mer méi laang op hunn, um siwen Auer zouzemaachen, dann eeben ëm um fënnef Auer zouzemaachen. Ech mengen, do hu mer d'Decisioun geholl, fir dat ze accordéieren. Et war eng Propos an eng Demande vun der Delegatioun, wat ech awer och ganz gutt fannen, datt si och esou Propose maachen. Dofir koum dat sou kuerzfristeg.

Dann déi drëtt Fro: Huet d'Gemeng e sougenannte Plan canicule? Jo, och hei d'selwecht Äntwert wéi beim Här Meyer. Jo, deen nationalen, ech gesinn och elo net wéi d'Gemengen et solle maachen, wann elo honnert Gemengen hiren eenzelne Plan canicule hunn, ech mengen, da komme ganz, ganz komesch Saachen herno eraus. Ass et virgesinn, sou ee Plang opzestellen? Nee, well mer ganz gutt mat deem eens ginn, deen en place ass. Voilà, déi aner Fro, déi eriwweregt sech.

An da wëll ech just zum Schluss awer e bëssen eppes soen. Ech hunn et schonn och deelweis gesot, déi Decisioun fir mëttwochs, den 2.7. d'Schoulen zouzemaachen, mëttwochs waren awer Kanner do. An do gesäit een, well ech d'Chiffere vun deenen eenzelne Gebaier hunn, do gesäit ee ganz genau, wat fir eng Leit déi Strukture brauchen, déi Schoul brauchen, déi Maison Relais brauchen, well um Deich hu mer 300 Kanner, dovunner waren der 145 do. Dat heescht, déi Eltere konnten sech net einfach fräihuelen an net einfach soen, mir bleiwen elo doheem. A mir kennen och d'Situatiounen net, wou déi Kanner sinn, souguer wann se doheem bleiwen, ech menge mir hunn do keen Abléck. Dofir gesäit een, datt et awer ganz, ganz wichteg ass och net direkt esou ze reagéieren an d'Schoulen zouzemaachen. Ech mengen, alles, wat ech Iech gesot hunn, mir hunn eis Leit gutt preparéiert, d'Enseignanten, och d'Educateure vum Jugendhaus stoungen eis direkt zur Verfügung.

Dann, véier Gemengen hu ganz zougemaach am Land. Do ginn et och Gemengen, déi hunn nëmmen d'Gemeng zougemaach an d'Schoulen net. Dann, 39 Gemengen hate just mëttwochs fräi. An all déi aner Gemengen, déi hunn net zougemaach. Déi hu weider fonctionéiert. Do gesäit een, datt et eigentlech wichteg ass, wann do national eng Decisioun kënnt. An dat ass eppes, wat ech hei awer nach eng Kéier wëll ganz kloer soen. An an Zukunft, ech hoffen, datt dat iergendwann dann awer eng Kéier kënnt, datt dat vun nationaler Säit kënnt. An datt net d'Gemenge mussen an enger Nacht- und Nebelaktion kucke mussen, maache mer zou oder loosse mer op. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà. Och Merci fir déi doten Äntwert zu der Fro. Da gi mer op déi nächst Fro iwwer. Et bleiwen der nach e puer. Déi Fro ass vun der LSAP, vun der Madamm Dimmer, par rapport zu Cattenom. Ech resuméieren d'Fro, si schreift, dass ee liese kann, dass Cattenom, wou den EDF de Bedreiwer ass, d'Erlabnis kritt huet, zéng Joer kënne weider a Betrib ze bleiwen, an dass d'Autorisatioun vun der Autorité de sécurité nucléaire gi ginn ass, well déi och verantwortlech ass fir d'Sécherheetsiwwerpréiwungen all zéng Joer. Säit 1986, wou et Cattenom och gëtt, huet d'Stad Diddeleng sech ëmmer géint Cattenom gewiert an och effektiv d'Entwécklungen ëmmer kritesch beäugt, well et effektiv e Meiler ass, deen al ass respektiv, dass et och scho reegelméisseg zu Stéierfäll kënnt a freet, wéi eng Mëttelen a Ressourcen der Stad Diddeleng zur Verfügung stinn, sech weider géint d'Nuklearenergie auszeschwätzen an ob de Plan Cattenom elo muss aktualiséiert ginn?

Bon, par rapport zu Ärer éischter Fro muss ech mat ganz vill Erniichterung soen, dass eis Mëttelen a Ressourcë limitéiert sinn, dat wëllt awer net heeschen, dass mer näischt maachen. Au contraire. Ech mengen, wat fir eis als Stad Diddeleng sécher ass, ass dass d'Atomenergie keng Ener-

gie fir d'Zukunft ass. A wat mer maachen als Stad Diddeleng zesumme mat anere Gemengen, ass, dass mer géint d'Atomkraaftwierk vu Cattenom eis do staark maachen. An dat op alle Fall och probéieren. Et ass esou, d'Gemeng Réiser, déi huet kierzlech d'Initiativ geholl, dat war am Mee, eng Allianz vun de Gemenge géint d'Atomenergie an d'Liewe ze ruffen. Eng änlech Allianz gouf et schonn an den 90er Joren. Do war et och en Zesummeschloss vu Gemengen. Do war och Diddeleng, wéi gesot, dobäi. Bei dëser Initiativ, déi elo wierklech ganz rezent och ass, hu sech plus -minus zwanzeg Gemenge bereet erkläert matzemaachen. Ech fannen dat e staarkt Zeechen. Dat ass ganz positiv. An Diddeleng ass do och mat dobäi. A mir gräifen an där Allianz och op d'Expertise vu Greenpeace zeréck. An d'Iddi ass och, eng concertéiert Approche um kommunalen Niveau ze hunn, parteiiwwergräifend dann och mat de Gemengen aus deene véier Bezierker.

An et ass och natierlech dann d'Uleies, och un d'Regierung, un den Energieminister erunzetrieden, awer och un de Syvicol, fir och ze kucken, wéi mer kënnen d'Zivilgesellschaft mat abannen. An och, wéi gesot, als Lëtzebuerger Gemengen de vive voix eist Uleies, trotz Verlängerunge, géint déi mer als Gemenge schlecht kënne virgoen, awer vun der interkommunaler Plattform do en Notzen ze huelen. An och vis-à-vis vun der Regierung an dem Energieminister, fir do ze préiwen, wéi si weider intervenéiere wëllen. An och dat ervirzebréngen, engersäits par rapport zu de Sécherheetsaspekter, déi mer awer nach ëmmer bei Cattenom virfannen. An awer och, mengen ech, d'Suergen, déi mer hunn als Gemenge vis-à-vis vun engem vereelsten Atommeiler, dee virun eiser Dier steet. An awer och, mengen ech, dee ganze Volet ronderëm d'Nohaltegkeetsaspekter an och vun der energeetescher Transitioun och am Kader vun der Energiekris.

Ech mengen, et ass dat, deem dat neit Bündnis sech och elo hei verschreift. Dat war déi eng Fro. Déi aner Fro ass, muss de Plan Cattenom aktualiséiert ginn? Bon, mir hunn elo net onbedéngt d'Verlängerung hei ofgewaart fir eis Pläng ze iwwerschaffen. Dat hu mer gemaach, mir sinn och do gewappnet. Ech mengen et gëtt jo deen nationale Plan Cattenom mat deene verschiddenen Zenarioen. Mir hunn awer och e Plan d'intervention d'urgence ausgeschafft. Mir hunn och do e Groupe de travail an der Gemeng, wou d'Sekretariat do ass, de Service santé scolaire, d'Sécurité de santé au travail, wou mer am Fong d'Pläng iwwerschafft hunn, wou mer och eng Bestandsopnam gemaach hu vum Stock vun de Jodpëllen, also och eng Aart Cellule de crise, déi jo och operationell ka sinn, wou mer natierlech op national Acteure kënnen zeréckgräifen, déi hei zu Diddeleng sinn, ech denken do un eng Police oder respektiv och un den CGDIS.

Mir hunn och Prozeduren intern nei definéiert, Noutfallschief och ageriicht an de Schoulen, an de Maison Relaisen, an de Crèchen, wou also och Kanner sinn. Mir wäerten och Jodpëllen, déi mer stockéiert hunn, bei der Neiumeldung vun de Bierger och ausdeelen. An de Rescht, dee mer natierlech vu Jodpëllen hunn, och do stockéieren, fir den Noutfall. Bon, mir hunn och e puer Prozeduren opgestallt, engersäits fir de Grand public bei engem Pre-Alarm. Ech mengen, do si mer kompetent, wann natierlech en Alarm kënnt, do ass natierlech dann den nationale Plang, deen dann agräift, wou déi zwee sech dann och op zwee verschidden Niveaue kënnen ofspillen. Wéi gesot, deem hu mer och Rechnung gedroen. An natierlech och de Plan Cattenom, wéi mer dee virun enger ganzer Rei Méint iwwerschafft hunn, hu mer och do de Wee fonnt, fir och d'Avisen ze kréie vum Gesondheetsministère an och vum CGDIS. An och da kucken, wéi mer dann elo d'Kommunikatioun un de Public maachen, respektiv awer och géint eng Rei Consignen, déi anzehale sinn.

Et gëtt och de Site Infocrise, et gëtt och den Haut-Commissariat à la protection nationale, den HCPN. Ech mengen och deen huet hei e Rôle ze spillen, wa wierklech Situatioune wären. Mee mir hunn einfach ëmmer gekuckt, wéi mer eis um lokale Plang och kënnen organiséieren an der Situatioun vun engem Pré-Alarm respektiv an engem preventive Kader. Also, wéi gesot, mir hunn eis do probéiert nei opzestellen. A mir hoffen natierlech, dass mer ni brauchen drop zeréckzegräifen. Ech mengen, dat schéngt eis evident ze sinn. A wat awer och ass, bon, deen huet elo eng Zäitchen net méi getagt, et gëtt esou e Groupe de Travail um Niveau vum Inneministère vun de resiliente Gemengen. An och do si mer Member. An och do ass dat e Punkt, wou ganz vill iwwert d'Resilienz geschwat gëtt, wou och natierlech en Atommeilervirfall och sécherlech e Bestanddeel dovunner ass. Voilà, dat d'Äntwert op Är Fro.

Da kënnt déi nächst Fro, déi ass vun deene Gréngen a geet iwwert d'intern Kommunikatioun. Déi ass vum Här Steffen a vun der Madamm Ahmedova. Do ass d'Fro, och am Kader vun der Canicule, mee et geet e bësse méi wäit, dass Dir do matkritt hutt, dass do och Recommandatiounen am Ëmgang mat der groussen Hëtzt un d'ganz Beleegschaft intern hei am Haus geschéckt goufen iwwert de Wee vun alle Users, dass de Gemengerot net an deem Mail all Users dran ass. Dir stellt d'Fro, wien decidéiert, wien an dëse Verdeeler kënnt a firwat och net d'Gemengeconseilleren an dësem Verdeeler sinn. An Dir frot och, notzt d'Gemeng och den Outil Microsoft Sharepoint a frot och do, wie festleet, op wéi eng Dossieren de Gemengerot hei zougräife kann.
An da sot Dir, dass déi Plattform sënnvoll ass, fir Accès ze kréien op aktuell Dokumenter. An Dir wëllt och do wëssen, wéi eng relevant Dossiere ginn et nach op dëser Plattform. Zu gudder Lescht och nach eng gemengenintern Kommunikatiounsinternetplattform, do kritt een net direkt Accès, dat muss een ufroen. Wie validéiert an accordéiert dës Demande a wisou bleift dem Gemengerot den Accès op dësen Internetsite virbehalen? Ech wäert dann och probéieren, mëndlech dorop ze äntweren. Bon, generell muss ee soen, de Gemengerot huet duerch d'Gemengegesetz eng Rei Attributiounen an och Kompetenzen. An de Schäfferot, sou wéi d'Gemengegesetz et virgesäit, ass jo dann d'exekutiivt Organ an och verantwortlech fir déi alldeeglech Verwaltung an Organisatioun vun an an der Gemeng an och vun de Servicer.

Also, wéi gesot, dat beinhalt engersäits d'Organisatioun vun de Servicer, d'Direktioun an d'Surveillance vun dann och alle Mataarbechterinnen a Mataarbechter, onofhängeg vun hirem Statut, ob se elo, wéi gesot, Salarié oder

Beamte sinn. Voilà. An ech mengen, de vollwäertegen Zougang fir d'Gemengeconseilleren zum Internet, Sharepoint oder am Austausch och vun internen Informatiounen, wéi gesot, do muss een ëmmer den Ënnerscheed maachen, engersäits zwëschent dem Deliberativen, wéi gesot, dat ass de Rôle, deen de Gemengerot huet an dem Exekutiven, dat ass natierlech dat, wat de Schäfferot huet an och den Zougang, deen deementspriechend esou gereegelt ass.
An den Intranet ass also eng Informatiounsquell, eng Austauschplattform fir all, wéi gesot, Agente vun der Stad Diddeleng. Mee wann ech schwätze vum Intranet, dat bedeit natierlech och Sécherheet a Sécherheetsaspekter, déi musse geschützt bleiwen. Do sinn natierlech och intern Donnéeën, Informatiounen, déi dra sinn. An de verschiddene Rubricke befannen sech do Informatiounen iwwert d'Posten a Funktioune vun Agente vu Servicer vun Departementer.

An et muss ee jo och soen, dass net all Agent Zougrëff huet op all d'Donnéeën, och do gëtt et eng gewësse Kategoriséierung, och am Numm ebe vun der Sécherheet, déi en och hei deementspriechend muss garantéieren. An ech mengen, dass dat jo och Saache sinn, déi mam Service Informatique ofgekläert sinn, notamment wat d'Sécherheetslag ugeet, respektiv och an der Chambre d'informatique. Duerfir, zu de Froen: Wien decidéiert wien an de Verdeeler kënnt? Also wat den All Users ugeet, am Verdeler All Users sinn alleguerten d'Mataarbechter vun der Gemeng dann deementspriechend gruppéiert. An hei sinn alleguerten déi intern Informatiounen zwëschent de Beamten an der Verwaltung, déi also an déi exekutiv Attributioune vum Schäfferot falen.

Dofir ass de Gemengerot net an dësem Verdeeler. A wann natierlech Informatioune musse gedeelt ginn, da ginn déi natierlech iwwert déi Kanäl gedeelt, déi mer hunn, fir déi ëffentlech extern Kommunikatioun. An natierlech gëtt och dann de Gemengerot iwwert dës Kanäl forméiert. Wie leet fest wien op dës Dossiere kann zeréckgräifen? Ech mengen, de Gemengerot, deen huet jo fir sech eng Rubrik um Sharepoint, an där alleguerten d'Dokumenter vum Gemengerot jo dra sinn, ob déi Dir Zougrëff och hutt fir Är deliberativ Funktioun. Dat hutt Dir. Dir hutt och Zougang zu der Presserevue. A wann e bësse méi speziell Uläss sinn, dat hate mer jo elo rezent, wann esou Jugementer zum Beispill kommen, do kritt jo dann och de Gemengerot Zougang zu Donnéeën iwwert de gesécherte Portail.

Wéi eng Dossiere sinn nach op dëser Plattform? Beim Sharepoint ass, wéi gesot, eng Austauschplattform fir d'Personalservicer. Déi publizéieren do effektiv Publikatiounen, Notten, Rapporten, Aufgabberäicher, dat heescht Prozeduren, Circulairen, Instruktiounen, déi fënnt een do och drop, wéi och intern Rapporten, respektiv Rapporten tëschent de Servicer. Wie validéiert dës Demanden? D'Validatioun gëtt gemaach vun de Mataarbechter, déi also den Owner sinn. Ech mengen, et ass esou, wéi dat mam Service informatique definéiert gëtt. Déi di Owner sinn, also Besëtzer vun der Säit. Dat ass zum Beispill de Sekretär, wat d'Gemengerotsrubrik ugeet. An den Zougang gëtt natierlech ëmmer gemaach iwwert eng Säit @dudelange.lu. Extern Adressen, déi ginn net zougelooss, eebe wéinst der informatescher Sécherheet, déi mer mussen natierlech kënne garantéieren.

An dann ass, wéi gesot den Accès, de Gemengerot kritt deen net. Ech mengen, ech hunn et probéiert auszeféieren an ze erklären, wéi den Accès hei gereegelt ass an Dir hutt jo deelweis Zougang och als Conseilleren, soudass Dir am Fong déi technesch a verwaltungsrelevant Dokumenter natierlech kritt, déi Iech zur Verfügung stinn, fir Är effektiv Aarbecht als Gemengeconseilleren och ze maachen. Mee dat sinn am Fong dann déi Donnéeën, déi éischter, wéi gesot, organisatorescher Natur sinn, wat an der Gemengeverwaltung eeben net de Fall ass. Voilà. Dat als Erklärung zu där doter Fro. Ah, Dir hutt eng Prezisiounsfro? Jo natierlech Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wëll vu mengem Rescht Gebrauch maachen, eng Prezisiounsfro ze stellen, dat wier dann am Fong, mir kréie jo d'Presserevue an déi Infos, dat ass alles richteg. Den All Users, wann esou Messagen erauskommen, wéi bei der Canicule, dat géing jo eis Aarbecht och iergendwéi vereinfachen, wa mer déi Kommunikatiounen un d'Personal wéisten, déi am Fong vun der Hierarchie och erofkommen, respektiv esou Decisiounen, déi getraff sinn, gëtt et do en Outil oder ass do eppes ugeduet? Ech weess net, eng Presserevue, et gëtt jo och keng E-Mail-Revue un d'Personal, wou mer all déi wichteg Donnéeën och géife matkréien, déi Kommunikatiounen einfach, fir dass eis dat net entgeet, quitte dass mer net an deem Verdeeler dann och dra wieren, ass do iergendwéi eng Méiglechkeet, esou eppes ze kréien oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, et kann ee just kucken, dass een esou Informatiounen, wéi effektiv d'Pressrevue, ech mengen, déi kritt Dir zougeschéckt, reng alles wat technescher an organisatorescher Relevanz ass, wou d'Mataarbechter betrëfft, mengen ech éischter net, dofir hunn ech Iech schonn e bëssen erkläert, wat den Ënnerscheed ass, kee Problem, mee da muss een dann op Fall cas par cas kucken, wann et Saache sinn, déi eng gewëssen Ëffentlechkeet hunn, wéi zum Beispill mat der Pressrevue, ech mengen dat ass jo ëffentlech, dass een dat un d'Gemengerotsmembere verschécke kann. Fir awer do alles deementspriechend opzemaachen, fir en integrativen a globalen Zougrëff ze hunn, dat éischter net an dofir hunn ech e bësse méi wäit ausgeholl, fir sech och e bëssen ze erklären, wat d'Logik ass vun deene verschiddenen Accèsen an och vun deene verschiddenen Zougrëffer op déi verschidden Donnéeën. Voilà. Mee et kann een natierlech cas par cas kucken, wat ee mol dem Gemengerot schécke kann, wat e bësse méi en ëffentleche Charakter hätt. Mee däers ass am Fong net vill, well effektiv All Users jo éischter Saache sinn, déi aarbechtstechnesch sinn an aarbechtsorganisatoresch deementspriechend sinn. Dofir ass deen Outil och do.

Gutt, da kommen ech zur nächster Fro vun der CSV. Et bleiwen nach zwou Froen iwwreg. Dat ass vun der CSV, vun der Madamm Kemp. Och do probéieren ech d'Fro ze resüméieren. D'Madamm Kemp seet, am Mäerz 2024 gouf et an de Medien iwwert d'Verontreiung vun ëffentleche Gelder beim Centre de documentation sur les migrations

humaines e Bericht, d'Gemeng Diddeleng an de Kulturministère hu juristesch Schrëtt ageleet, en onofhängegen Audit annoncéiert, fir d'Froen iwwert d'Kontrollmechanismen an d'Gouvernance ze klären. Wat huet deen Audit kascht an zënter wéini ass e fäerdeg? Wat fir Mesurë ginn aktuell geholl fir esou Fäll an Zukunft ze verhënneren? Wéi eng Konsequenze ginn aus dësem Fall fir d'Gouvernance vun de Gemengenassociéiert Strukture gezunn? Gesäit d'Gemeng Handlungsbedarf?  A wéini kritt d'Gemeng d'Auditen ze gesinn, am Pluriel, wéi vill goufen an Optrag ginn? Gutt, ech wëll vläicht elo als Intro drun erënneren, et ass jo, an et ass kuerz ugerass, dass bei dëser Verontreiung vun ëffentleche Gelder jo souwuel d'Stad Diddeleng wéi och de Kulturministère beim Parquet jo eng Denonciatioun gemaach hunn, wéi mer Enn 2023, am Mäerz 2024 war et an de Medien, mee mir goufen et jo gewuer Enn 2023, an do hate mer jo och de Gemengerot an engem informelle Gemengerot a Kenntnis dovunner gesat, mir hu jo einfach eng Denonciatioun gemaach.

An am Fong hat och d'Stad Diddeleng, deelweis och de Kulturministère, en Deel och jo vun de Paie vum Personal iwwerholl, well duerch d'Verontreiung vum ëffentleche Geld am Fong de Centre de documentation sur les migrations humaines keng Sue méi hat fir d'Paien ze bezuelen, respektiv fir deelweis Fonctionnementskäschte kënnen ze droen. An ech mengen, do hu mer jo gemeinsam en Hoff gemaach, an et hate mer jo och deemools an de Budget Rectifié fir 2023 ageschriwwen, fir do awer d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter vum Centre-doc, déi dofir am mannste konnten, fir déi net am Reen hänken ze loossen.
Ech hunn och nach eng Kéier nopréiwe gelooss, ech, d'Gemeng Diddeleng an ech selwer, mengen ech, déi mech ëm den Dossier bekëmmert hunn, hunn zu kengem Moment vun engem Audit geschwat. Ech hunn ëmmer gesot, dass mer géifen eng Fiduciaire chargéieren, fir e Rapport financier ze maachen.

Et ass also net vun Audit geschwat ginn, et ass e Rapport financier. Et war also keen Audit iwwert d'Kontrollmechanismen an d'Gouvernance. Wat ëmmer am Raum stoung, dat ass, dass am Fong net en Audit gemaach gëtt, mee e Rapport financier, fir effektiv kënnen nozevollzéien, wat um Kontabilitéitsplang gelaf ass, wéi et deementspriechend och gelaf ass. An, dat hat ech och am Gemengerot gesot, dass mer enger Fiduciaire och den Optrag géife ginn, dat ze maachen, wat se och gemaach huet. A wéi gesot, dat hat ech och am Gemengerot, wéi gesot, am Mäerz 2024 och gesot, dass mer eng externe Fiduciaire géinge beoptragen an dat hu mer och gemaach, déi huet e Bléck op d'Finanze geworf. Déi huet och do hir Conclusiounen, souwuel, wéi gesot, an och hire Rapport financier dem Kulturministère an och der Stad Diddeleng zoukomme gelooss.

Wat huet deen Audit kascht? Dat war e Käschtepunkt vun 17.000 Euro, deen ass um Kont 2023 verbucht och ginn. Voilà, ech mengen dat war e bëssen de Kader ronderëm den Audit. Dir hutt jo hei Audit an der Einzahl an herno schwätzt awer vun Auditen. Also, wéi gesot, et war weeder een Audit nach méi Auditen. Et war e Rapport financier vun enger externer Fiduciaire par rapport zum besote Fall. Wéi gesot, wéi huet de Centre-doc sech dann do opgestallt? De Centre-doc huet, wéi gesot, déi Fiduciaire elo säit 2024 an alles leeft iwwert d'Fiduciaire. Déi bezuelen och verschidde Rechnungen. De Centre-doc huet sech och nei opgestallt, huet sech en neie Verwaltungsrot och ginn an huet och eng duebel Signatur, wat virdrun net de Fall war, huet also och eng duebel Signatur agefouert, notamment och bei der Bank. Also och do d'Gouvernance an deem Sënn restrukturéiert. A wat jo och dobäi komm ass, wat virdru manner de Fall war, mir hu jo och en neit ASBLsgesetz säit 2023, wat och méi e restriktive Kader jo gëtt par rapport zu der Verwaltung vu Gelder, mee awer och par rapport zu der Gouvernance. A jiddereen, deen hei am Gemengerot ass an deen an engem Veräin aktiv ass, dee weess, mengen ech, wat d'Portée vum neien ASBLsgesetz och ass. An Ofstëmmung och mam Kulturminister, hu mer net fonnt, dass nach weider Schrëtt missten ënnerholl ginn.

Ginn et do weider Konsequenze fir Gemengenassociéiert Strukturen?  Fir mech ass et net kloer, wat fir Iech Gemengenassociéiert Strukture sinn. Ech mengen, de Prinzip ass jo, dass d'Gemeng Strukturen oder ASBLe subventionéiert iwwert d'Subsiden, souwéi mer da virdrun och d'Subside gestëmmt hunn, souwéi och de Centre-doc e Subsid kritt oder aner Veräiner, mir hu jo ganz wéineg elo Konventioune mat Diddelenger ASBLen. Mir mussen natierlech och oppassen, wéi gesot, mir hu jo och hei alleguerten d'Diddelenger Veräiner, déi eegestänneg ASBLe sinn, déi jo och hir Responsabilitéit droen. Jiddereen ass hei jo och an enger ASBL, mengen ech, täteg, wann ech net ieren, de près ou de loin. Déi däerfe mer jo och net ënner de Generalverdacht stellen, dass och do esou Situatiounen opkommen. Hei ass ee Fall säit Joerzéngten, wou mer hei zu Diddeleng hunn. Dofir ass et och wichteg, dass déi ASBLen hir Eegestännegkeet behalen, hir Autonomie behalen. Dofir hu se och eng Exekutiv an de Kommitee, déi engagéieren d'Responsabilitéite vum Veräin.

Wéi gesot, dat neit ASBLs-Gesetz, dat natierlech och do méi e restriktiven an och e Kontrollkader bitt. An ech mengen, dass et net de Rôle ass vun der Gemeng, Kontroll auszeüben iwwert déi 200 Diddelenger ASBLen, respektiv Veräiner, déi mer hunn. A virun allem och keng Immixatioun ze maachen an d'Finanze vun deenen iwwert 200 Diddelenger Veräiner. Wéi gesot, hei ass eng ASBL vun iwwert 200 ASBLen, déi iwwert déi leschte Joerzéngten an där Situatioun war. Mee, wat awer sécherlech kann hëllefen, an dat huet eis jo och um nationale Plang déi ganz Experienz an och de Rapport, deen e bësse méi ëmstridde war vu ronderëm d'Caritas-Experienz, bon, dat ass parteiiwwergräifend an herno goufen et aner politesch Diskussiounen, mee och um Niveau vun de Recommandatiounen, déi um nationale Plang kënne geholl ginn, à l'égard vun alleguerten den ASBLen hei zu Lëtzebuerg, dass sécherlech d'ASBLs-Gesetz vum Joer 2023 nach eng Kéier soll iwwerpréift an iwwerkuckt ginn.

An natierlech, an och dat war mengen ech eng vun de Recommandatiounen, dass d'Verwaltungsréit vun den ASBLen an hirem Rôle an an hire Kompetenze sollen och gestäerkt ginn an dass dat wierklech eng reell Plus-value ka sinn. Ech mengen, dat ass eng vu ganz ville Conclusiounen, déi an deem Caritas-Rapport stoungen. An ech mengen,

wann esou Saachen och um nationale Plang ëmgesat ginn, dass dat sécherlech och alleguerten de Benevollen, déi an den ASBLe sinn, hëllefe kann.
Dat waren d'Äntwerten, déi Iech wollt gi par rapport zu där doter Fro, déi Dir gestallt hutt. An da kënnt déi lescht Fro, déi ass och vun der CSV zu de Rettungspunkten an do ginn ech dann d'Wuert un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, dat ass effektiv richteg, am Gemengerot vum 11. November 2024 huet d'CSV eng Motioun zu de Rettungspunkten am Bësch an op de Feldweeër gestallt. Dat fir d'Sécherheet vun de Bierger ze verbesseren. Mir hunn och als Schäfferot jo deemools dorop geäntwert. An elo, aacht Méint méi spéit, kréie mer dann nach eng Kéier zu deem selwechte Sujet véier Froe gestallt, wat och an der Rei ass.

Déi éischt Fro ass: Wéi wäit ass d'Ëmsetzung vun de Rettungspunkte fortgeschratt? Do kann ech soen, dass d'Emplacementer vun de Rettungspunkte zesumme mam CGDIS definéiert gi sinn. Et sinn am Ganzen 43 Punkte fir den Territoire vun der Gemeng Diddeleng. Am Gemengebësch sinn et der 21 an am Staatsbësch an op der Haart sinn et 22 Punkten. Am Moment si se nach an der Installatiounsphas. Dat heescht, déi betraffe Barrièren, fir den Zougang zu de Rettungspunkten ze garantéieren, gi vum Fierschter a senger Ekipp gemaach. An och zousätzlech zum Gemengeschlass kritt den CGDIS och e Schlëssel fir déi jeeweileg Barrièren dann och do opzemaachen.

Déi zweet Fro: Wéini kënnen d'Awunner mat der Installatioun vun den éischte Rettungspunkte rechnen? Do kann ech soen, dass d'Pottoen alles aus Diddelenger Eeche geschnidde sinn a se ginn elo Enn Juni gesat. Dann ass et och esou, Enn August, Ufank September sollen all déi Rettungspunkten da fäerdeg sinn. Wéi eng Plaze gi prioritär virgesinn? All grouss Kräizungen, respektiv Plazen, wou vill Trafick vun de Leit ass, an och ausgewise Weeër, déi zesummestoussen.

An déi lescht Fro ass: Ginn d'Awunner iwwert de Standuerte vun der Notzung vun dëse Punkten forméiert? Et ass virgesinn, dass de CGDIS iwwert de Communiqué de presse de Grand public a Kenntnis setzt. En Datum steet awer nach net fest, dat wäert warscheinlech um Enn vun dësem Projet sinn, dat heescht wann d'Installatioun vun der Lëtzebuerg op nationalem Niveau ofgeschloss ass. Och wa mer zu Diddeleng fäerdeg sinn, gëtt awer nach gewaart bis dat national ofgeschloss ass an da ginn d'Leit forméiert. Voilà, dat war et.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Äntwerten. Da wäre mer elo am Fong zum Schluss ukomm vun der ëffentlecher Sitzung an da géife mer elo an de Huis clos iwwergoen. •

Vous avez trop de fruits
dans votre verger ?

Vous cherchez des fruits locaux mais
ne savez pas où en trouver ?

# KIERFCHEN.LU

## LA PLATEFORME INTERACTIVE DES FANS DE VERGERS

**kierfchen.lu** met en relation les personnes qui proposent et celles qui cherchent – rapidement, facilement et gratuitement. Trouvez aussi des produits régionaux, des emplacements pour ruches, des terrains à louer ou du matériel de récolte.



kierfchen.lu

*Contribuez à préserver nos vergers riches en biodiversité – en tant que cueilleur, éleveur, consommateur ou producteur.*

Avec le soutien du Natur- & Geopark Mëllerdall et du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.

Naturpark Mëllerdall Geopark · unesco Global Geopark · Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg – Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité · Naturpark Öewersauer · Naturpark Our · SIAS · SICONA Naturschutzsyndikat